



esou wéi all Joer hu mer och dëst Joer eis Konten enger Analys ënnerluecht. Mir hunn dat gemaach am Kader vun der Spezialkommissioun, esou wéi den Artikel 164 vum Règlement interne vun der Chamber dat virgesäit.

Hirersäits huet d'Firma Deloitte den Audit vun de Konte vun der Chamber fir den Exercice 2009 duerchgefouert an ass zu folgende Konklusione komm, ech zitieren: «À notre avis, les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Chambre des Députés au 31 décembre 2009, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date.» Fin de citation.

Ech wëll lech an och mir elo net ze vill Zuelematerial zomudden, mä just vläicht esou vill, déi Haaptsaachen: Op den 31.12.2009 hu mer en Aktiv an e Passiv vun 22,7 Milliounen Euro ze verbuchen. Am Verglach zum Exercice 2008 leie mer domadder knapps 3,1 Milliounen méi héich. 2008 waren et also 19,6 Milliounen Euro. Mir hunn awer festgestallt, dass mer ëm 3,3 Milliounen Euro manner Dépenses hatten, wéi dat am Budget virgesi war.

Dës Moins-valuë sinn haaptsächlech um Niveau vu folgende Sektioneen entstanden: Institutions parlementaires internationales: 390.000 Euro; Personnel: 754.000 Euro; a Compte rendu: 539... bal 540.000 Euro. Bei de Personalkäschte géif ech just gäre preziséieren, dass dee Montant, dee net gebraucht ginn ass, sech erkläert do-duerch, dass alleguerten déi Posten, wou en fait virgesi waren, leider net konnte besat ginn.

D'Avoire vun der Chamber chiffrière sech op 21,9 Milliounen Euro, mä esou, wéi Der alleguerte wësst, wäerten am Laf vun dem nächste Joer déi sougenannte Reserven zesummeschrumpfen duerch eis Participatioun bei der Acquisitioun vun der Dresdner Bank, vun deem Gebai.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun à l'unanimité an de Réviseur d'entreprises Deloitte sinn der Meinung, dass d'Konte vun eiser Chamber an der Rei sinn. Domadder géif ech lech alleguerte bieden, d'Konte vum Exercice 2009 ze approvëieren.

Ech ginn dann och gläichzäiteg selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei, an ech géif och déi aner Fraktiounen an „Sensibilités politiques“ bieden, datselwecht ze maachen.

Merci fir d'Nolauschteren!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur fir säi ganz komplette Rapport. A well en esou komplett ass, brauch och den Här Félix Braz net méi ze intervenëieren.

(Hilarité)

Domadder wär dann och d'Diskussioun hei ofgeschloss.

Esou wéi den Artikel 164 vum Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontekommisssioun virgeschloen huet an déi folgende Wuertlaut huet:

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le rapport de sa Commission des Comptes, approuve les comptes de l'exercice 2009 et prie son président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.

Ass d'Chamber domadder averstanen, à main levée iwwert dës Resolutioun ze stëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Da géif ech all déi bieden, déi mat der Resolutioun vun der Kontekommissioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass do dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder wär déi Resolutioun à l'unanimité ugeholl.

Esou wéi et den Artikel 164 vum Chambersreglement virgesäit, gëtt dës Resolutioun mam Rapport vun der Kontekommissioun un d'Cour des Comptes weidergereecht.

7. Résolution approuvant les comptes de la Cour des Comptes pour l'exercice 2009

Deemno kéime mer dann elo zu eiem leschte Punkt vum Ordre du jour, an zwar ass dat d'Resolutioun iwwert d'Konte vun der Cour des Comptes fir d'Joer 2009. Hei huet sech kee Riedner ageschriwwen. Ech froen nach eng Kéier, ob een hei wëllt dozou intervenëieren?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Esou wéi dann den Artikel 158 vum Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert déi Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet an déi folgende Wuertlaut huet:

Résolution

La Chambre des Députés,

- vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des Comptes qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2009

ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément aux référentiels comptables tels que écrits dans la note 2 qui fait partie intégrante des comptes annuels¹ »;

- vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes, marqué lors de sa réunion du 22 novembre 2010,

approuve les comptes de l'exercice 2009 de la Cour des Comptes.

(s.) Félix Eischen, Félix Braz, Lucien Clement, Gast Gibéryen, Lucien Thiel.

Ass d'Chamber domadder averstanen, à main levée iwwert dës Resolutioun ze stëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Ech bieden déi, déi mat der Resolutioun vun der Kontekommissioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Och dës Resolutioun ass domadder à l'unanimité ugeholl.


Esou wéi den Artikel 158 vum Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un d'Cour des Comptes weidergereecht.

Domadder si mer dann och um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.44 heures)

¹ Principes généraux: Les comptes annuels de la Cour des Comptes sont établis par le Collège de la Cour des Comptes conformément aux principes comptables généralement admis à Luxembourg à l'exception des acquisitions en équipements et mobiliers qui sont comptabilisées directement dans le compte de revenus et charges dès la date d'acquisition, ainsi que des spécificités concernant l'exercice budgétaire et comptable du chapitre 3 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État.



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

- 6166 - Projet de loi portant introduction des mesures fiscales relatives à la crise financière et économique et portant
 - modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
 - modification de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant
 - création d'un fonds pour l'emploi;
 - réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;
 - introduction d'une contribution de criseet
6167 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 juin 2002
 - adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;
 - portant création d'un forfait d'éducation;
 - modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget sur le projet de loi n°6166: M. Gilles Roth
 - Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances sur le projet de loi n°6167: M. Paul-Henri Meyers
 - Discussion générale: M. Lucien Thiel, M. Fernand Etgen (M. André Hoffmann, M. Lucien Clement et M. Jean-Louis Schiltz lui posent des questions), M. Alex Bodry, M. François Bausch, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Jean-Louis Schiltz
 - M. Luc Frieden, Ministre des Finances
 - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel

- Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser
 - M. Fernand Kartheiser

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, Jeannot Krecké et Marco Schank, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Neen, Här President.

► **M. le Président.** - Als éischte Punkt vun eiem Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer de Projet de loi 6166 iwwert d'steierlech Moosname während der Finanzkris an de Projet de loi 6167 iwwert d'Mammerent, déi an enger Diskussioun behandelt ginn. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Etgen, Bodry, Bausch, Gibéryen, Hoffmann an d'Madame Dall'Agnol. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 6166, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

1. 6166 - Projet de loi portant introduction des mesures fiscales relatives à la crise financière et économique et portant

1. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2. modification de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant

1. création d'un fonds pour l'emploi;
2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

3. introduction d'une contribution de crise
et

6167 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 juin 2002

1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;
2. portant création d'un forfait d'éducation;
3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Rapport de la Commission des Finances et du Budget sur le projet de loi n°6166



► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bewegen eis zu Lëtzebuerg grad wéi an Europa an engem schwierere finanziellen a wirtschaftlechen Ëmfeld. D'Ofbremse vun dem Wirtschaftsmotor huet eis Statsfinanzen an den Déséquilibre bruecht. D'Kris, déi am Joer 2008 iwwer eis agebrach ass, huet sech op villen Niveaue bemierkbar gemaach: um Aarbechtsmaart, an Aktivitéitsberäicher, déi fir eist Land wichteg sinn, an natierlech um Niveau vun den öffentleche Finanzen.

D'Äntwert op dës Kris konnt duerfir och keng eenzel oder isoléiert sinn. Si ass vill-schichteg. Eng ganz Rei vu Mesurë si scho geholl ginn. Dës Gesetjesprojet versicht, eng Äntwert um steierleche Plang ze ginn.

De Statsminister huet de 5. Mee 2010 hei an der Chamber bei der Regierungserklärung iwwert d'Lag vun der Natioun gesot: „Richteg bleift: Fir d'Éischt musse mer spueren an d'Ausgabe méi niddreg halen. Mä zur Budgetkonsolidéierung gehéiert och d'Recettësäit. D'Ausgabe musse falen; dat ass d'Prioritéit. D'Recettë mussen aus Solidaritéitsgrënn sech no uewe bewegen; dat ass leider eng Noutwendegkeet.“

Här President, nom Grondsaz „Dee méi huet, kann och méi ginn“ huet d'Regierung deemools eng Rei vu Moosnamen ugekënnegt, wéi d'Steierlandschaft an dem Kontext vun der Kris sollt ausgesinn. Mat dem Gesetjesprojet 6166 setze mir dës steierlech Moosnamen ëm. Dës Steierpak ass ee vu ville Schrëtt, fir d'Finanze vum Stat bis d'Joer 2014 nees an den Équilibre ze bréngen.

De Plus u Steierrecettë kann een net lass-geléist kucke vun den néidegen Aspuerungen um Niveau vun den Ausgabe vum Stat. Aspuerungen a Steier dénge kuerzfristeg der Reduktioun vun eise Statsdefizit, laangfristeg, an doriwwer eraus, der Begrenzung an dem Ofbau vun eiser Statschold.

Am Laf vum Joer 2012 soll gekuckt ginn, wou mer dru sinn. Do gëtt gekuckt, wéi mer d'Finanzpolitik fir déi zweet Halschent vun der Legislaturperiod musse gestalten, fir d'Zil vum Nulldefizit am Joer 2014 dobäi fest am A ze hunn.

Här President, esou wéi de Steierpak elo zur Ofstëmmung virläit, bréngt et dem Stat e Plus vu Steierrecettë vun 230 Milliounen Euro pro Steierjoer. Verrechent op d'Budgetsjoer 2011 sinn dat ronn 166 Milliounen. Well net all Steier fir 2011 gëtt am Joer 2011 effektiv bezuelt. Vun den 230 Milliounen méi u Steierrecettë kommen 62 Milliounen Euro vun de Betriber, 168 Milliounen vun de Privatleit.

Déi nei Steierrecettë sinn zesumme mat deene geplangten Aspuerungsmoosnamen um Niveau vun de Statsausgaben ze kucken. Dës Aspuerungsmoosname solle gemaach gi bei de staatleche Fonctionnementskäschten; bei der Limitatioun am Alter vun dem Kannergeld gekoppelt mat erweiderte Studiëbäihëllefen; duerch d'Opsplécken an zwee vun dem nächste Renten- a Pensiounsajustement; duerch d'Eropsetze vum Alter, fir an de Genoss vun der Mammerent ze kommen, vu 60 op 65 Joer; duerch d'Aspuerunge bei de sougenannte Subventions en capital un d'Entreprises, an duerch d'Afréiere vun de staatlechen Investitiionsausgaben op dem Niveau vum Joer 2009.

Esou wäit zum finanziellen a wirtschaftleche Kontext.

Här President, am Detail huet den urspréngleche Gesetjesprojet, esou wéi en den 30. Juli an der Chamber deponéiert gouf, insgesamt zéng punktuell Upasungen um eiser Steieruerdnung virgesinn. Vereenzelt vun deene Moosname si kontrovers an der Öffentlechkeet a bei de Sozialpartner diskutéiert ginn. Dëst hat zur Konsequenz, dass verschidde Mesuren aus dem initialen Text haut net méi zur Debatt sinn.

Et sinn dat engersäits d'Halbéierung vun der Kilometerpauschal an zum aneren d'Ännerunge beim sougenannte bëllegen Akt.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV), *rapporteur*.- D'Kilometerpauschal an d'Verallgemenge-

rung vun dem bëllegen Akt bleiwen also op den 1. Januar 2011 bestoen.

D'Aspuerpotenzial bei der Halbéierung vun der Kilometerpauschal war op 50 Milliounen Euro geschat ginn. D'Limitatioun vum Benefiss vum bëllegen Akt jee no Akommestranche hätt 70 Milliounen Euro bruecht. De Steierpak gouf esou vun ursprénglech 350 Milliounen Euro op 230 Milliounen gestutzt.

Et bleiwen deemno am Steierpak folgend Punkten:

Éischstens, mat dësem Gesetjesprojet féiere mir een neie Spätzesteiersaz vun 39% op dem versteierbaren Akommes vu Privatpersounen an. Dës Spätzesteiersaz ersetzt net dee vun 38%, wéi en haut existéiert. Et gëtt villméi eng zousätzlech Steiertranche vun 39% agesat. Den neie Spätzesteiersaz fänkt bei engem besteierbaren Akommes fir d'Steierklass 1 bei ronn 41.800 Euro pro Joer un; an der Steuerklass 2 - also bei enger Koppel - ab 83.600 Euro, a schliesslech an der Steuerklass 1a ab ronn 34.000 Euro.

Bedéngt duerch déi méi oder manner komplex Gestaltung vun dem Steierbarem an der Steuerklass 1a spréngt do de Steiersaz elo direkt vu 36 op 39%. Dat bréngt mat sech, dass bei engem Akommes vun iwwer 3.500 Euro de Mount d'Aféiere vun deem neie Spätzesteiersaz an der Klass 1a liicht méi zu Buch schléit wéi an der Steuerklass 1. Mir bewegen eis awer hei an engem Beräich vun ëm déi fënnf Euro de Mount.

Insgesamt soll d'Erhéijung vun dem Spätzesteiersaz e Plus vu 40 Milliounen Euro bréngen.

Opgepasst! Et handelt sech heibäi ëm d'Mehreinnahme pro Steierjoer. Op den nächste Budgetexercice dierften dat effektiv 27 Milliounen Euro sinn. Dat huet domadder ze dinn, well bei dem Ausbezuere vun de Gehälter an de Léin d'Lounsteier direkt abehale gëtt an dann an d'Statskeess ofgefouert gëtt. Bei deenen aneren Akommessorten, wéi zum Beispill de Revenuë vu Fräiberuffler, Loyerer, gëtt éischter am Kader vun der Steiererklärung ofgerechent an doduerch ginn dës Steiergelder méi spéit bezuelt.

Här President, d'Erhéijung vun dem Spätzesteiersaz ass hei zu Lëtzebuerg ee gewëssen Novum. De Spätzesteiersaz gouf zënter 1990 an deene leschten 20 Joer nämlech kontinuëierlech erofgesat. An zwar ab 1991 vu 56 op 50%. Dunn '98 op 46; 2001 op 42% respektiv 2002 op 38%.

Well de Spätzesteiersaz bekanntlech eréischt ab engem versteierbaren Akommes vu ronn 41.800 an der Steuerklass 1 respektiv 83.600 an der Steuerklass 2 gräift, esou spillt fir den eenzelne Bierger de finanziellen Impakt vun dëser Moosnam eréischt ab dësen Akommessgrenzen.

Eng Persoun mat engem Bruttoloun vu manner wéi 4.500 Euro an der Steuerklass 1 respektiv manner wéi 8.500 Euro an der Steuerklass 2 ass deemno net vun der Erhéijung vum Spätzesteiersaz betroff.

Eng eenzel Persoun mat engem Bruttoloun vu 5.000 Euro bezilt aacht Euro méi an der Steuerklass 1 a 15 Euro méi an der Steuerklass 1a. Eng Koppel mat insgesamt engem Bruttoloun vun 10.000 Euro de Mount bezilt 20 Euro méi Steieren. Bei engem Verdéngscht vu 16.000 Euro sinn et 80 Euro méi Steieren de Mount.

Verrechent op d'Joer bedeit den neie Spätzesteiersaz mat engem versteierbare Joresakommes vu 50.000 Euro ee Plus vun 82 Euro pro Joer fir eng eenzel Persoun an der Steuerklass 1, a keng weider Steier fir eng Koppel an der Steuerklass 2. Bei 100.000 Euro versteierbaart Joresakommes mécht et 582 Euro méi Steieren an der Steuerklass 1; 164 an der Steuerklass 2. Bei engem versteierbare Joresakommes vun 175.000 Euro e Plus vun 1.332 Euro an der Steuerklass 1; 914 Euro méi Steieren an der Steuerklass 2.

Här President, eng zweet Moosnam am Steierpak ass d'Eropsetze vun der Solidaritéitssteier. Si geet bei de Privatpersoune vun aktuell 2,5 op 4% an d'Luucht. Ab engem versteierbare Joresakommes an de Steuerklassen 1 an 1a vun 150.000 Euro respektiv 300.000 Euro an der Steuerklass 2 geet d'Solidaritéitssteier dann op 6% an d'Luucht. Dat heescht, dass nëmme déi

Akommestranche, déi iwwer 300.000 Euro erausgeet, mat 6% Solidaritéitssteier be-lascht ass. Bis dee Montant spille fir jiddwereen, dee Steiere bezilt, 4%.

D'Solidaritéitssteier gëtt hei am Land vun de Résidenten an den Netrésidentë bezuelt op deem Akommes, wat zu Lëtzebuerg versteiert gëtt. Eng Solidaritéitssteier vu véier oder 6% heescht fir deen Einzelnen net zousätzlech véier oder 6% méi Steier. D'Solidaritéitssteier gëtt nämlech net op dem versteierbaren Akommes berechent, mä op dem Montant vun der Steierschold. Een, dee sengem Steierbescheed no keng Steiere muss bezuelen, bezilt och keng Solidaritéitssteier. Dat ass bei 40% vun de Stéit zu Lëtzebuerg de Fall.

Konkret bedeit op de Mount gekuckt d'Unhiewe vun der Solidaritéitssteier bei engem Bruttoloun vu 5.000 Euro an der Steuerklass 1 14% (*veuillez lire: 14 euros*) méi Steieren de Mount; an der 1a 13; an der Steuerklass 2 sinn et fënnf Euro. Fir eng Koppel mat engem monatleche Bruttoakommes vun 10.000 Euro de Mount sinn et e Plus vun 30 Euro de Mount. 66 Euro sinn et bei engem Bruttoakommes vu 16.000 Euro an der Steuerklass 2. Op engem versteierbare Joresakommes vu 50.000 Euro ass et e Plus vun 155 Euro Steieren d'Joer an der Steuerklass 1; 139 an der 1a; an 59 bei enger Koppel an der Steuerklass 2. Bei engem versteierbare Joresakommes vun 100.000 Euro ass et e Plus vu 460 Euro an der Steuerklass 1; 444 an der 1a; an 310 pro Joer an der 2. A schliesslech bei 175.000 Euro versteierbart Joresakommes mécht et e Plus vun 1.507 an der Klass 1; 1.478 an der 1a; a 768 an der 2.

Insgesamt bréngt d'Eropsetze vun der Solidaritéitssteier bei de Privatpersounen ee Plus vun 43 Milliounen Euro pro Steierjoer. Dës Betrag fléisst dem Gesetz no an de Beschäftigungsfong. Dem Beschäftigungsfong seng Dépense sinn an der rezenter Vergaangenheet stänneg an d'Luucht gaangen. De Chômageaux ass vu 4,3% am Oktober 2007 op 6,1 am Oktober 2010 geklommen. De Chômage au sens strict ass am gläichen Zäitraum vun 9.651 Leit op 14.700 Leit geklommen. Dës Leit hu sech vun engem Dag op deen aneren an enger schwiereger Situatioun zrëckfonnt. Déi Leit, déi eng Schaff hunn, weise sech elo mat hinne solidaresch.

Drëtts, d'Solidaritéitssteier gëtt och vun de Betriber bezuelt. Si geet op den 1. Januar 2011 vun haut véier op 5% an d'Luucht. 80% vun de Betriber hei am Land bezuele keng Kierperschaftssteier, deemno och keng Solidaritéitssteier. D'Eropsetze vun der Solidaritéitssteier bréngt um Niveau vun de Betriber e Plus vun zwielef Milliounen Euro. Och dës Sue fléissen an de Beschäftigungsfong.

Här President, eng véiert Moosnam an dem Steierpak ass d'Aféiere vun enger neier sougenannter Krisesteier vun 0,8%. Dës Steier spillt net nëmme op Revenuen a Salairen, si spillt och op Loyerer, Dividenden an aneren Akommessorten, wéi de Pensiounen a Renten, an och op Ersatzrevenue, wéi dem Krankgeld an de Chômageindemnitéiten. Bis zur Héicht vum Mindestloun ass keng Krisesteier ze bezuelen. D'Krisesteier gëtt agezu wéi d'Cotisation zur Assurance dépendance, also der Fleegeversécherung. Bei Salariée gëtt si op dem volle Loun berechent. D'Krisesteier ass deemno net op de maximale Cotisationsplaffong vu fënnf mol dem soziale Mindestloun limitéiert.

Jee no Akommesaart gëtt d'Krisesteier, ähnlech wéi bei der Fleegeversécherung, entweder vun dem Centre commun opgehewen oder am Kader vun der Ofschlossbesteuerung duerch d'Steieramt.

De Statsrot grad wéi d'Patronatschamberen hunn dës Zweegleisegkeet och kritiséiert. D'Anzéie vun enger regelrechter Steier gëtt nämlech vun zwou verschiddene Verwaltungse gériert. Bei Loun- a Gehaltsempfänger gëtt d'Krisesteier op dem Bruttoloun berechent. Et zitt een awer een Abatement vun engem Mindestloun of. Bei de Fräiberuffler ass dësen Abatement awer nëmme dräi Véierel vun engem Mindestloun. D'Krisesteier gëtt bei de Fräiberuffler nämlech nëmme op der Basis vun dem Benefiss, dat heescht dem Revenu minus sämtleche Betribsausgabe berechent. De System fir d'Ophiewe vun der

Krisesteier ass also dee gläichen, wéi en elo fir d'Fleegeversécherung spillt. Et gëtt awer eng Ausnahm. De Steierabatement ass bei der Fleegeversécherung nëmme ee Véierel vun engem Mindestloun. Mat der Krisesteier vun 0,8% realiséiert de Stat eng Recette vu 85 Milliounen Euro.

Här President, dës temporär Krisesteier gouf an dem Gesetjesprojet op d'Joer 2011 an 2012 zäitlech limitéiert. Domat ass ënnerstrach, dass et sech ëm keng generell Steiertarifbestëmmung, wou bekanntlech keng Datumer opgefouert sinn, mä ëm eng zäitlech gebonnen, wéi d'Wuert et seet, Krisesteier handelt. Mä och fir dës Krisesteier spillt de verfassungsrechtleche Prinzip, dass - legal gekuckt - all Steier op ee Joer begrenzt ass. Duerfir ginn d'Steiertariffer all Joers an der sougenannter Loi budgétaire ausdrécklech verlängert. Politesch ass zrëckbehalde ginn, d'Krisesteier fir d'Joer 2011 unzewenden. 2011 gëtt gekuckt, ob d'Krisesteier och nach 2012 kënn. Dat au vu vun der allgemenger wirtschaftlecher a budgetärer Situatioun.

Här President, konkret heescht d'Aféiere vun der Krisesteier fir e Lounempfänger mat engem Bruttoakommes vu 5.000 Euro e Plus u Steiere vu 26 Euro pro Mount. Dee Montant ass deeselwechten an deenen dräi Steuerklassen. Bei engem Bruttoakommes vun 10.000 Euro ass d'Krisesteier 66 Euro de Mount. Bei 16.000 Euro läit se bei 114 Euro de Mount.

Well bei der Berechnung vun der Krisesteier en Abatement vun der Héicht vun dem soziale Mindestloun spillt, ass den Impakt vun der Krisesteier an der Steuerklass 2 mat zwee Akommes manner staark, wéi wann datselwecht Akommes duerch ee Loun géif erakommen. Konkret heescht dat bei engem Stot mat 7.000 Euro an engem Loun eng Krisesteier vu 55 Euro. Setzen déi 7.000 Euro sech aus zwee Léin zesummen, maachen et 37 Euro Krisesteier.

Här President, zesumme bedeuten déi dräi Steiererhéijunge konkret fir deen Einzelnen dat hei: Eng liicht Differenz kann Entstoen, ob een oder zwee Gehälter am Stot sinn oder net. Op e besteierbart Akommes vun 30.000 Euro am Joer mussen elo an der Steuerklass 2 136 Euro méi bezuelt ginn. Eng Koppel mat 50.000 besteierbart Akommes bezilt 377 Euro d'Joer méi. Bei zwee Akommese sinn et 208 Euro. Eng Koppel, déi 100.000 Euro besteierbart Akommes d'Joer realiséiert, bezilt ronn 1.250 Euro méi. Eng Koppel, déi 125.000 Euro besteierbart Joresakommes huet, bezilt ronn 1.900 Euro méi. Eng Koppel mat 200.000 Euro besteierbart Akommes am Joer bezilt ronn 3.800 Euro méi. A schliesslech eng Koppel mat engem besteierbaren Akommes vun 300.000 Euro d'Joer bezilt ronn 7.500 Euro méi Steieren.

Här President, eng fënneft Moosnam, fir nei Steierrecetten ze schafen, ass d'Aféiere vun enger Mindeststeuer vun 1.500 Euro d'Joer fir d'SOPARFI, also d'Société de participation financière. Dat si Gesellschaften am Finanzberäich - ronn 34.000 un der Zuel -, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. Hir Aktivitéit besteet haaptsächlech doran, d'Bedeelungen an anere Gesellschaften ze hunn. Bedéngt duerch ee favorable Besteuerungssystem bezuelen dës SOPARFI éischter weenig Steieren. Si schafen awer op der Finanzplaz direkt an indirekt munch Aarbechtsplaz.

An engem éischten Avis zu dësem Gesetext huet de Statsrot eng formell Opposition géint d'SOPARFI-Steier ageluecht. De Statsrot huet do bemängelt, dass eng Kategorie vun Entreprises anescht behandelt géif wéi déi aner. Wann dës Differenzierung net objektiv a verhältnisméisseg justifiéiert wier, da léich dem Statsrot no e Verstooss géint de Gläichheetsprinzip vir.

De Statsrot war nämlech der Meinung, wann een esou eng Minimalsteuer géif aféieren, da misst se op alle Gesellschaften erhewe ginn. Hien huet an deem Sënn och eng Textpropos gemaach, wou en de Montant vun der Minimalsteuer op allen Entreprises opléisst. D'Regierung huet dës Alternativpropos vum Statsrot ofgelehnt,



well et schonns en Ënnerscheed gött tëschent engem Coiffeurssalon, deen ënner enger S.à r.l. exploitéiert gött, an enger SOPARFI.

An engem Brëif vum 4. November 2010 un de Statsrot huet d'Regierung hire Standpunkt nach eng Kéier am Detail erläutert. D'Regierung seet an der Substanz, dass am Kontext vun der Kris et gemeinsam Effortë musse ginn an deemno och de Secteur vun de SOPARFI säin Deel misst bäisteieren.

Dës zousätzlech Informatiounen huet de Statsrot no enger detaillierter Analys vun de Lëtzebuerger an de belsche Rechtsprechungen derzou bruecht, dass bei enger Mindestbesteuerung vun der SOPARFI vun 1.500 Euro d'Joer kee Verstouss géint de Gläichheetsprinzip géif virleien. D'Mindeststeuer op de SOPARFI kann deemno elo ab dem 1. Januar 2011 erhuewe ginn. De finanziellen Impakt dovunner gött op ronn 50 Milliounen Euro pro Steuerjoer geschätzt.

Här President, an deemem Gesetzesprojekt gött et awer net nëmmen nei Steiere respektiv Steuererhéijungen. Et sinn och gezielte Steueruppassungen am Sënn vun der Kompetitivitéit vun de Betriber virgesinn. De Gesetzesprojekt wëllt eng méi rationell Notzung vun der Energie steuerlech begünstegen.

Als sechste Moossnam gött am Artikel 32bis vum Akommessteiergesetz den Taux vum Amortissement spécial op Investisementer am Interessi vun der Ëmwelt an der rationeller Notzung vun der Energie vun elo 60% op dann 80% an d'Luucht gesat. Dëst ass e Beispill vun enger steuerlecher Lenkungsnorm.

Konkret heescht dat, dass zum Beispill e Chimiesbetrieb, deen nei Filteren a seng Produktiounsanlagen abaut, 80% vun deem Investissement während dem Joer oder an engem vun deene véier nächste Jore respektiv verdeelt op eng Zäitspann vu fënnf Joer vu sengem versteierbare Benefiss kann ofsetzen.

Déi siwent Moossnam. D'Steierbonifikatioun fir Investisementer, dat heescht de faméisen Artikel 152bis vum eisem Steiergesetz gött weiderhi verbessert. Gënn gesot, den Taux de bonification um Niveau vun dem sougenannten Investissement global an dem Investissement complémentaire gött jee weils ëm 1% an d'Luucht gesat.

Een aachten a leschte Punkt ass dee vun de sougenannten „golden handshakes“. Mat deem Gesetzesprojekt solle bei engem Betrib déi steuerlech Ofsetzbarkeit fir Bonien an Ofgangsentschiedegunge bei enger Entloossung op 300.000 Euro begrenzt ginn. Bezilt de Betrib engem Salarié eng Ofgangsentschiedegung, déi iwwert de Montant vun 300.000 Euro erausgeet, sief dat op een oder méi Jore verdeelt, kann dee Betrib dës net méi steuerlech geltend maachen. Dës Bestëmmung betrëfft also de Betrib. D'Besteuerung bei dem Salarié ass net concernéiert.

Här President, dat sinn zum Deel méi praktesch erkläert, déi Haaptmoossname vun dem Steuerpak, esou wéi se der Chamber elo zum Vote virleien. Si sollen den 1. Januar 2011 a Kraaft treden. Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport, deen d'Finanzkommissioun majoritär virgeschéit ugeholl huet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Gilles Roth. Als Zweeten huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 6167, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers, d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances sur le projet de loi n°6167

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, den Text vum Projet de loi 6167 gehéiert an d'Rei vun deene Moossnamen, déi derzou bäidroen sollen, fir d'Statsfinanze fir déi nächst Joren an der Riicht ze halen.

D'Zilsetzung vun deemem Projet ass also déiselwecht wéi déi vum Projet 6166, deen elo den honorabelen Deputéierte Gilles Roth exposéiert huet.

Konkret geet et bei deem heite Projet drëm, fir den Alter, fir an de Genoss vum Forfait d'éducation ze kommen, vu 60 op 65 Joer eropzesetzen. Duerch dës Ännerung soll Geld gespuert ginn, an zwar, no de Berechnungen vun der Regierung, 1,5 Milliounen am Joer 2011, 3,1 Milliounen am Joer 2012. Ech hunn déi Berechnungen och weidergefouert fir déi nächst Joren, an et kann een duerch eng einfach arithmetesch Rechnung dozou kommen, dass am Joer 2013 4,6 Milliounen gespuert ginn, 2014 6,1 an 2015 7,7 Milliounen.

D'Regierung huet, wéi ech elo grad gesot hunn, zwar nëmmen d'Erspuernisser vun 2011 an 2012 ernimmt, ech wollt awer och op d'Erspuernisser vun de Joren 2013 bis 2015 hiweisen, well de Maximum vun de järelechen Erspuernisser eréischt 2015 erreicht ka ginn. A wann een déi Chifferen zesummerechent - ech hunn dat och am Exposé des motifs gesot -, da kënnt ee fir déi fënnf Joer op 23 Milliounen Euro.

De Forfait d'éducation, och nach Mammerent genannt, ass duerch d'Gesetz vum 28. Juni 2002 geschaf ginn. Am Regierungsprojekt vun 2002 war schonn den Alter vu 65 Joer virgesinn, fir an de Genoss vum Forfait d'éducation ze kommen. D'Chamber huet deemools duerch en Amendement d'Altersbedingung op 60 Joer erofgesat. Déi Erofsetzung vun der Altersgrenz huet natierlech zu enger wesentlecher Erhéijung vun de Bénéficiairen an domat och zu enger Erhéijung vun dem Käschtepunkt geféiert.

Zu dem Projet, deen haut virläit, sinn d'Avisé vun de Beruffschamberen am Conseil d'État gefrot ginn. Vun de Beruffschamberen sinn d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers mat dem Projet averstanen, allerdéngs hätten déi zwou Beruffschamberen am léifste gesinn, wann de Forfait d'éducation ganz ofgeschafft gi wär.

D'Statsbeamtechamber bedauert den Text. Fir d'Beruffschamber vun de Salariéë kënnt eng Erhéijung vun dem Alter nëmmen a Fro, wann och den effektive Pensiounsalter géif eropgesat ginn. Dozou muss een awer soen, dass elo scho reng juristesch gesinn deen normale Pensiounsalter nom Artikel 183 vum Code des Assurances sociales bei 65 Joer läit.

De Statsrot ass mam Text averstanen. De Statsrot ass och d'accord mat den Amendementen vun der Kommissioun, déi virgeschloen hat, fir den Alter vun all Bénéficiairen eenheetlech op 65 Joer festzesetzen.

Ech weisen nach drop hin, dass duerch eng Disposition transitoire déi Persounen, déi op den 1. Januar am Genoss vum Forfait d'éducation sinn, deen och weiderhi wäerte behalen, och wa se den Alter vu 65 Joer net erreicht hunn.

Här President, dat gesot, géif ech d'Chamber bidden, den Text vun dem Projet an där Form ze stëmmen, wéi d'Kommissioun dat virgeschloen huet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers. Da kéime mer zum éischten agedroene Riedner, dat wär den Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.** - Här Etgen, et ass net un Iech.

► **Une autre voix.** - Ah!

(**Hilarité**)

► **M. le Président.** - Den Här Thiel ass nach virun Iech, Här Etgen.

Discussion générale

► **M. Lucien Thiel** (CSV). - Ech wousst guer net, datt den Undrang haut esou grouss wär.

(**Interruptions diverses**)

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi eng, déi nennen en e Krisepak, déi aner schwätze vun engem Spuerprogramm, an ee vun den Auteuren selwer huet dem Bëbe deen e bësse schwéierfälegen, awer dach ganz expliziten Numm „Budget-Defizit-Reduzéierungs-Plang“...

► **Une voix.** - Bravo!

► **M. Lucien Thiel** (CSV). - ...mat op de Wee ginn.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Unwort des Jahres.

► **M. Lucien Thiel** (CSV). - Dat Schéinst ass, si hunn alleguer Recht. Der Regierung geet et an éischter Linn dorëm, d'gekippte Finanzsituatioun vum Stat no der Kris erëm an d'Riicht ze kréien. Dat wëllt de Finanzminister domat errechen, datt hie bis un d'Enn vun der Legislatur säi Budget am Équilibre huet, wéi dat fréier jo ëmmer de Fall war.

E Spuerprogramm ass et och gewëss, well u verschiddeenen Ausgabeposte gehuwwelt an esou Milliounen op der Depensésäit agespuert ginn. Mä et ass nëmmen zum Deel e Spuerprogramm, well déi 480 agespuerte Milliounen am nächste Joer 2011 inklusiv deenen 360, déi duerch d'Op-schëppe vun Infrastrukturprojeten elo ufallen, net duerginn. Duerfir gi se dann duerch eng Augmentatioun op der Recettesäit ëm 230 Milliounen komplettéiert. An dat sinn eben déi Steuermoossnamen, ëm déi et haut hei geet.

An dann, schliesslech e Krisepang ass et schonn eleng dowéinst, well dee ganze Misär op déi Finanz- a Wirtschaftskris zrëckgeet, déi 2008 iwwert d'Welt eragebrach ass an déi och eist Land a Matleedeschaft gezunn huet; wann och bis elo an engem Manner schroe Mooss, wéi dat bei deene Grouse vun eisen Europapartner de Fall ass.

Här President, haut geet et, wéi d'Kollege Gilles Roth a Paul-Henri Meyers eis elo esou däitlech an hirem Rapport virun Ae gefouert hunn, dorëm, dat Lach, dat d'Kris an eis Statskeess gerappt huet an dat eis Finanzen total ongewinnt an den Defizit gedriwwen huet, duerch eng Rei vu Moossnamen ze stoppen. Déi solle sech op déi schonn decidéiert oder envisagéiert Spuermoossnamen, wéi d'Ersetze vun Kannergeld duerch d'Subside fir d'Unistudenten, d'Zrëcksetze vun der Mammerent op 65 Joer oder och d'provisorisch Ausknipse vun der Indexautomatik greféieren.

Am Ufank war dru geduecht ginn, eleng iwwert dëst Gesetz enger 450 Milliounen duerch Aspuerungen an duerch zousätzlech Steieren eranzehuelen. De Prinzip steet nach ëmmer, mä de Montant ass an der Tëschenzäit e Stéck geschrumpft, well einzel Mesuren, déi virgesi waren, erëm fale gelooss gi sinn an dofir elo an der definitiver Versioun vum Gesetzesprojekt feelen.

Wat huet d'Regierung derzou bruecht, dee Spuerpak méi kleng ze maachen? Natierlech war d'Reaktioun vun de Leit dobaussen, awer och bis an d'politesch Kreesser eran net ganz onschëlleg un där Décisioun. D'Onzefriddenheet ass duerchaus verständlech gewiescht, well wie wëllt sech scho mat manner zefridde ginn, wéi hie bis dohi gewinnt war an der Täsche ze hunn? An dat ass jo awer - loosse mer éierlech sinn - duerch d'Bänk net wéineg bei eis par rapport zu eisen Noperen.

Mä esou eng Reaktioun kann nun awer fir eng Regierung net den Ausschlag ginn; op d'mannst net fir eng Regierung, déi hir Saach seriö hëlt an net nëmmen un déi nächst Wahlen denkt.

Och wa sech elo all déi, déi vu virera géint all Aspuerunge sinn, well dat gutt ukënn dobaussen, zegutttschreien, datt si der Regierung den Arm gebéit hätten, war et dach net grad esou. Wann d'Regierung op eenzel Mesuren aus hirem Redressementsprogramm verzicht huet oder spéider drop zrëckkomme wäert, wéi dat beim Logement de Fall ass, da virun allem, well sech entre-temps, op d'mannst op kuerz Siicht, fir de Moment, d'Ëmstänn an domat och d'Viraussetzung fir esou eng Krisepolitik lücht geännert hunn.

Ënner anerem doduerch, datt d'Sortie aus der Kris an de Wirtschaftsoptschwung, virun allem bei eise däitschen Noper an éischten Handelspartner, méi séier gaangen ass, wéi dat erwaart gi war, hunn eis Statsfinanzen erëm e bësse Loft kritt. Wat natierlech mat sech bréngt, datt de Spillraum fir d'Regierung erëm e bësse méi grouss ginn ass.

Dofir haten d'Regierung an hire Finanzminister kee Problem domat, fir d'Schrauf e bëssen ze labberen an esou dem Ëmstand Rechnung ze droen, datt d'Finanzsituatioun sech lücht verbessert huet. Dat ass dann och dës Deeg geschitt, an zwar net an d'Blannt eran, mä ganz geziilt. Well d'Regierung genau weess, wou de Schong d'Leit a besonnesch déi jonk Stéit dréckt, huet si decidéiert, d'Ofschaf vum bëllegen Akt beim Wunnungskaf iwwer enger bestëmmter Akommesgrenz erëm zrëckzehuelen,...

(**Interruption**)

...mat deem si ëmmerhi 70 Milliounen gespuert hätt.

(**Interruption**)

Här Hoffmann, et ass nach net un Iech. Et ass elo nach u mir.

(**Interruption**)

A si huet zugläich op déi fënnf Milliounen verzicht, déi si mat der Sträichung vun der Zënsbonifikatioun op Wunnungsprästen hätt kënnen aspueren. An anere Wieder: Bei deenen, wou et am meeschte wéi gedoen hätt, ass d'Rad erëm zrëckgedréit ginn. An da ginn dernieft dann och nach weider 50 Milliounen net agespuert doduerch, datt déi geplangten Halbéierung vun der Kilometerpauschal zrëckgeholl gött.

Datt d'Regierung dee Wee konnt goen, hängt, wéi gesot, mat der Konjunktur zesummen, déi erëm ugerappt huet an déi e bësse méi Sue wéi erwaart an d'Statskeess schëppt. An deem Ament, wou d'Joer esou lues zu Enn geet, ginn d'Recetten, déi méi an d'Keess kommen, wéi am Budget virgesi war, op ronn 700 Milliounen geschätzt.

Fir déi, déi ni esou richtig un d'Kris gleewe konnten, well si se net am eegene Portmonni gespuert hunn, ass dat dann och schonn de Bewäis derfir, datt si Recht hatten, wéi si sech géint de Spuerpak vun der Regierung gestäipt hunn. Fir si ass nach ëmmer alles am Botter an déi kleng Lëtzebuerger Welt an Uerdnung. Mä leider gesäit d'Realitéit e bësse manner rosa aus.

Déi 700 Milliounen u Méirecetten, déi do op eis duerkommen, ginn trotzdem net duer, fir d'Lach beim Stat ze stoppen. Do feelen nach ëmmer iwwer eng Milliard Euro, eleng dëst Joer. A fir dat anert Joer gött am Budget nach eng Kéier en Defizit vu bal 700 Milliounen erwaart. Do muss emol een engem soen, wéi mir do aus eise Scholdelach erauskomme kënnen, an dat mir duerch d'Kris gerutscht sinn an dat sech ëmmerhi bis 2014 riskéiert op 14 Milliarden auszewuessen, wa mer net eppes dergéint ënnerhuelen.

Vun Entwarnung kann deemno, Här President, nach laang keng Ried sinn. Wien de Contraire behaupt, belitt ganz einfach d'Leit, absichtlech oder awer, well hien et einfach net besser weess.

Gewëss hu mir déi international Wirtschaftskris bis elo verhältnisméisseg gutt iwwerstan a mieren och elo e bëssen iwwerall, datt et erëm biergog geet, mä dat, wat mir vergiessen oder verdrängen, dat ass, datt mir et mat enger zweeter Kris ze dinn hunn, déi sech hannert der Weltwirtschaftskris verstoppt hat an déi riskéiert fir eist Land vill méi dramatesch a méi nohalteg ze ginn, wéi déi, déi mir elo iwwer eis ergoen hu misse loosse. Dës Kris hannert der Kris ënnerscheet sech doduerch, datt si virun allem en nationale Charakter huet an datt si net vum selwen eriwirgergoe wäert, well et sech hei ëm eng regelrecht Strukturkris handelt.

Ech wëll Iech net erëm all dat opdëschen, wat mir schonn x-mol vun alle méiglechen Experten zerwéiert kritt hunn, dat mir awer net gäre gleewen, well et eis net an eise Wuelstandskrom passt. Mir wëssen, datt eis Ekonomie an der Zukunft net méi gradesou séier wuesse wäert wéi an deem leschte Véirelsjorhonnert, notament well déi international Ëmstänn et net méi esou gutt mat eis a mat eiser Finanzplaz mengen. A mir wëssen och, datt mir ëmmer méi séier op déi ominéis Rentemauer lasssteieren, wa mir eise Pensiounssystem net geschwënn iwwerdenken a reforméieren.

Ob mir wëllen oder net, dëst Land steet virun Erausforderungen, wéi et se ewell



laang net méi kannt huet. Do kommen aussergewöhnlech Efforten op eis zou, virun deenen een d'Aen net verschléisse kann an net verschléissen där. Meng Fro ass: Si mir nach amstand, deen dofir néidege Courage opzebréngen?

Et heescht, datt déi Erausforderunge viraussetzen, datt mir all Joer e Budgets-iwwerschoss vun op d'mannst engem hallwen oder souguer liicht iwwer engem Prozent vum PIB erausklappen, wa mir eis Statsfinanzen an der Riicht hale wëllen. Dat sinn a boer Mënz ronn 400 Milliounen Euro all Joer! Vun esou engem Iwwerschoss si mer awer am Ablack zimlech wäit ewech, well mir schreiwe bis op Weideres emol rout Zuelen; net fir d'Lescht och dofir, well an där nächster Zäit eis Verschëldung och nach op eise Portmonni drécke wäert.

Här President, d'CSV steet dofir hannert der Regierung an hirem Finanzminister, déi keen Zweifel dru loosson, datt si weider op hirer Spuerschinn fuere wëllen, quitte datt déi ekonomesch Accalmie dem Stat fir den Ament e bëssen, awer nëmmen e ganz e bësse méi Loft verschafft huet.

Well déi Strukturproblemer, mat deenen dëst Land konfrontéiert ass, onverännert weiderbestinn an hinnen nëmme mat gesonde Statsfinanzen am Réck bäizekommen ass, gëtt et keng Alternativ zu enger décidéierter a konsequenter Spuerpolitik. Mir wëlle jo net an déiselwecht Labrante gerode wéi aner Staten - ech brauch lech kee Bild ze molen -, déi elo nu wierklech net ëm hir batter Situatioun ze beneide sinn.

Dofir muss mir coûte que coûte an esou séier wéi méiglech erëm eise Budget an d'Gläichgewicht bréngen. Mä ech sinn amgaangen, Evenementer virzegraifen. Dat alles wäerte mir in extenso déi aner Woch am Budgetsrapport vum Kolleg Alex Bodry erëmfannen. Do hu mer dann d'Geleeënheet, eis Virstellung doriwwer opzedëschen, mat wéi enger Politik mir dëst Land erëm fit fir seng Zukunft kréien. Mir sinn eis an deenen, déi no eis kommen, dat schëlleg.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Lucien Thiel. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Virriedner huet sech a senger Ried dorobber konzentréiert, fir eis ze erklären, firwat datt Steiererhéijungen noutwendeg sinn. Ech wëll a menger Ried u sech just de Contraire maachen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert, dann ass dat eppes Aussergewöhnlech. Wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert, da muss ee genau kucken, firwat datt se dat mécht, viru wat fir engem Hannergrond datt se dat mécht. Da muss een iwwerpräiwen, wie si firwat domadder trëfft. Wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert, da muss si d'Fro beäntwerten, ob et keen anere Wee gouf. A wann eng Regierung Steiererhéijunge proposéiert, da muss ee bedenken, wat fir eng Auswierkungen dat op déi ekonomesch Acteuren huet, beziéungsweis, wat fir eng Signaler een domadder no bausse sent. Erlaabt mer, datt ech dës Steiererhéijunge virum Hannergrond vun dëse Froe bewäerten.

Här President, mäi Virriedner vun der CSV, an ech sinn iwwerzeegt, och de Riedner vun der LSAP duerno, hunn a wäerten dës Steiererhéijunge schéiereden. Dat kann ee maachen. Dat muss ee maachen, wann ee wéi CSV an LSAP vu ganz wäit hierkënn. Dat muss ee maachen, wann een als CSV an LSAP sech soss net eens ass, wéi een d'Statsdefiziter wëllt ofbauen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- An aus dëser Haltung, aus dëse Riede léiere mir: Wann CSV an LSAP sech net eens sinn, da mussen d'Leit an d'Betriber dru gleewen!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Wann CSV an LSAP sech net eens sinn, da mussen

Décisiounen hier, déi een Zil hunn, nämlech CSV an LSAP an der Regierung ze halen. Et gëtt just gemaach wéi wann, et gëtt iwwer Reforme geschwat...

► **Une voix.**- Dat do ass e Witz!

(*Interruptions*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et gi Chantiere lénks a riets opgemaach,...

(*Interruptions*)

...mä et ännert sech fundamental näischt un hirer Politik.

► **Une voix.**- Dat, wat Dir do zielt, da kënnt ee gär an d'Regierung!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- An ech wëll dofir ganz kloer soen, wann nach no de Rieden...

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, dem Här Etgen nozelauschteren! Och Här Bettel, lauschtert dem Här Etgen no!

(*Interruptions*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, ech wëll dofir ganz kloer soen - net, datt nach no de Riede vun CSV an LSAP ee falscht Bild opkënn - : Dës Steiererhéijunge si keng, déi dëst Land weiderbréngen, au contraire! Déi Steiererhéijungen hei sinn den Ausdrock vum klengstméigleche Kompromëss innerhalb vun der Regierung.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Déi Steiererhéijungen hei sinn de Bewäis, datt tëschent CSV an LSAP kee gemeinsamen Zukunftsprojet besteet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- De Bléck vun CSV an LSAP ass an d'Vergaangenheet gericht. D'Zukunft vum Land, vun de kommende Generatiounen, vun de jonke Familljen haut, vun all deene Leit, déi Dag fir Dag d'Äerm eropstréppen, ass hinnen egal, total egal!

(*Interruptions*)

Well dës Steiererhéijunge sinn eng Décisioun géint d'Zukunft vu Lëtzebuerg, géint d'Zukunft vun de kommende Generatiounen, an dat wäert d'Demokratesch Partei net akzeptéieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Well loosst eis emol kucken, viru wéi engem Hannergrond déi do Politik hei gemaach gëtt. Gëtt et wierklech gutt Grënn, grad an dëser Situatioun op Steiererhéijungen zrëckzegraifen? Mir hunn déi gréisste Budgetsdefiziter zënter Jorzéngten. All zéngten Euro, dee mer ausginn, ass net duerch eng Recette gedeckt. Mir hunn déi gréisste Scholdelaascht zënter Jorzéngten.

(*Interruption et hilarité*)

Mir hunn op der Bankeplaz dee gréissten Abroch zënter Jorzéngten ze verzechnen.

(*Interruptions diverses*)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, dem Här Etgen nozelauschteren!

(*Hilarité*)

► **Une voix.**- Dir wäert jo dat gutt fanen, Här Schiltz!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Mir hunn um Niveau vum Aarbechtsmaart déi meeschte Chômeuren zënter Jorzéngten ze verzechnen. Mir hunn et am Beräich vun der Sozialpolitik mat Systemer ze dinn, déi aus allen Néit fueren. Mir hunn öffentlech Finanzen, deenen hir Reserven aus der Vergaangenheet - déi offiziell an déi cachéiert - opgebraucht sinn. Mir hunn öffentlech Recetten, vun deene mer haut sécher wëssen, datt se muer net méi do sinn: d'TVA um Commerce électronique.

An dës Regierung mécht esou, wéi wann een dës Problemer mat Steiererhéijunge kéint hëllefe léisen. Dës Regierung mécht esou, wéi wa si dat net alles misst haut, mä eréischt muer an Ugrëff kéint huelen. Ech kéint lech langweilen...

(*Hilarité*)

...mat Zitater vu Regierungs- a Majoritéitsvertrieder vu deem der Tripartite a se vergläiche mat virum, wat si elo op eemol no deenen zwou Bipartité soen.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- ...den Här Schiltz, alles, wat se virun de Wahle versprach hunn. Erzielt et!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Op eemol ass alles net méi esou schlëmm, kann een alles och nach muer maachen, a Rou iwwert dëst...

(*Interruptions*)

► **M. le Président.**- Här Bettel, Dir bréngt den Här Etgen duerjerneen!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Neen, Här President, also déi do... d'Majoritéit bréngt mech net duerjerneen.

Op eemol ass alles net méi esou schlëmm, kann een alles och nach muer maachen, a Rou iwwert dëst an dat nodenken. Op eemol! Et weist, wat fir ee Chaos an dëser Majoritéit herrscht!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(*Interruptions*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Grad an dëser Situatioun, an där eist Land ass, kann a wäert d'Demokratesch Partei net akzeptéieren, datt grad déi, déi eis aus der Kris solle féieren - dat heescht d'Leit, déi schaffen, d'Famillje mat Kanner, d'Entreprises -, méi belaauscht solle ginn. Dat ass dee falsche Wee! Dat ass déi Leit bestrooft, déi derzou bäidroen sollen, eis aus der Kris ze féieren, an dofir ass dës Politik falsch. Et gëtt kee Grond fir Steiererhéijungen zu dësem Moment. Et gëtt kee Grond, fir dës Projet de loi ze stëmmen.

► **Une voix.**- Dat wier e schéine Schluss gewiescht.

(*Hilarité*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, een Drëttel Steieren, zwee Drëttel Spueren: Dat war jo d'Devise vun der Regierung uganks vun der Tripartite. Mä wéi kënnt eng Regierung op dës Fuerderung? Wat ass d'Analys, déi gemaach ginn ass, fir dës Devise kënnen auszeginn? Een Drëttel Steieren, zwee Drëttel Spueren. Dat kléngt no enger preziser Rechnung. Dat kléngt no engem klaren Argumentaire, dee logescherweis dëst konkret Zil kéint erginn. Deen Argumentaire, Dir Dammen an Dir Hären, dee gëtt et awer net. Zwee Drëttel, een Drëttel ass eng Devise. Et ass keng Politik! Et ass eng Devise, déi soll verdecken, datt dës Regierung aus CSV an LSAP sech ze schued war, fir hir Hausaufgaben ze maachen.

Anstatt „Zwee-Drëttel-een-Drëttel“-Devisen auszeginn, hätt d'Regierung missen ee systematesche Screening vun allen öffentlichen Ausgabe maachen a Strukturreforme maachen. Dat war der DP hir kloer Fuerderung. Dat hunn CSV an LSAP haut net gemaach.

Dat léisst sech natierlech och net vun haut op muer maachen. Et ass e kontinuéierleche politesche Prozess, dee vu laanger Hand muss geplangt sinn. Ee Prozess, deen een och net eleng engem Contrôle financier där. Iwwerloossen, mä wou politesche Wëlle gefrot ass an d'Bereetschaft an enger ganzer Regierung, fir ze spueren. Als „best practice“ kann een hei roueg d'Stad Lëtzebuerg nennen: Si hunn direkt nom Ausbroch vun der Wirtschaftsa-Finanzkris ee Responsabelen ernannt, deen iwwer Méint e systematesche Screening vun de lafenden Ausgabe vun der Stad Lëtzebuerg gemaach huet.

► **Une voix.**- Dat geet just ouni d'CSV.

► **Une autre voix.**- Déi hu gefuddelt, datt d'Fatze geflu sinn!

(*Hilarité*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Mat dem Resultat, datt d'Stad Lëtzebuerg fir d'Joer 2009 39,7 Milliounen Euro am Budget ordinaire...

(*Interruptions diverses*)

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, dem Här Etgen nozelauschteren! Dir kënnt alleguerten herno lech nach androen.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- An dat bei engem Gesamtbudget vu 539 Milliounen Euro. Dat ass méi, wéi d'Regierung fir 2011 fir dee gesamte Statsapparat un Ustrengunge gemaach huet. Well den Zuele vum Finanzminister no wëllt de Stat nëmme 34 Milliounen Euro bei de Frais de fonctionnement aspueren. Do wier méi dra gewiescht. Do wier méi dra gewiescht, wann d'Regierung dësen Exercice vu laanger Hand geplangt a systematesch duerchgezunn hätt.

► **Une voix.**- Wat ass dat do?

(*Interruptions*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Do wier méi dra gewiescht, wann de politesche Wëlle bestanen hätt, fir wierklech ze spueren.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Firwat sidd Der esou virwëtzeg? Virun de Wahlen, kee Wuert, Här Clement, hutt Der iwwert d'Kris geschwat, kee Wuert!

► **Une voix.**- Dat ass wouer.

► **M. Lucien Clement (CSV).**- Dir hätt solle lauschtere kommen, Här Bettel.

► **M. le Président.**- Ech mengen, Dir hutt d'Méiglechkeet alleguer, den Här Bettel, den Här Lux a wien och ëmmer, hei dem Riedner eng Fro ze stellen.

(*Interruptions*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Do wier méi dra gewiescht, wann dës Regierung hir Hausaufgabe richtig gemaach hätt. Anstatt dem Stat säi Konsum ze zügelen, fuerderen CSV an LSAP elo d'Leit an d'Entreprises op, fir de Rimm méi enk ze snallen. Dat ass deen einfache Wee. Dat ass d'Saachen net ugepaakt.

Här President, wann et net esou batter eescht wier, misst ee jo haart laachen iwwert déi Sätz vun dëser Regierung vu virun der Kris: „Mir musse gestärkt aus dëser Kris erauskommen.“ Mat deem Saz wollte si d'Leit berouegen dobaussen. Wann d'Leit awer emol méi genee hikucken, da mierke se haut, datt d'Regierung bis haut net gewisen huet, wéi se déi flott Devise och a konkret Handeln ëmgesat hätt. D'Wierklechkeet ass eng ganz aner: Mir komme méi geschwächt aus der Kris eraus, wéi mer eragaange sinn. An dës Steiererhéijungen, déi d'Majoritéit haut beschléisse wäert, maache ganz kloer, datt mir geschwächt aus där Kris erauskommen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- D'Majoritéit huet keen eenzege strukturelle Budgetsproblem an de Grëff geholl. D'Majoritéit huet keng eenzeg richtungsweisend Décisioun geholl, fir méi qualitative Wirtschaftswuesstum ze produzéieren. D'Majoritéit huet kee Konzept, wéi se Schlüsselsecteur vum eiser Economie stäerken an innovativ no vir bréngen wëllt. Déi wéineg Iddien, déi dës Regierung formuléiert huet, ginn duerch dës Steiererhéijungen ad absurdum gefouert.

Et gëtt awer eng Alternativ zu dëse Steiererhéijungen.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et gëtt eng Alternativ zu der Politik vun CSV an LSAP.

► **Une voix.**- Zwee Buschtawen: DP.

(*Hilarité*)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et geet just net duer ze kritiséieren, mä et muss een och Alternative weisen. Dat huet d'DP ëmmer erëm an dësen Diskussiounen zënter 2006 gemaach an och ëmmer erëm duerch hir Voten an der Chamber, duerch hir Alternativverschléi gewisen, wéi een et hätt kënnen anescht, wéi een et hätt kënnen besser maachen.

(*Interruptions diverses*)

An den Ae vun der DP...

(*Interruptions*)

► **Une voix.**- ...selwer ëmsetzen, Här Frieden.

► **Une autre voix.**- Dir géift se selwer gär ëmsetzen, Dir kënnt net!

► **M. le Président.**- Ech bieden lech awer wierklech...

► **Une voix.**- An Dir laacht nach!

► **M. le Président.**- Ech bieden lech nozelauschteren!

(*Hilarité*)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- A wa keng Kamera do ass, fannt Der et souguer nach gutt. Dat ass nach dat Schlëmmst, Här Frieden.



► **M. Claude Meisch (DP).**- Jo, Dir kennt se allegueren. Maacht et! Maacht et!

(Interruption)

► **M. le Président.**- Neen, hei wann ech gelift, esou kënne mer..., lauschtert elo dem Här Etgen no. Herno ka jiddweree sech hei aschreiwen an dann esou laang schwätzen, wéi e wëllt. Et ass genuch Riedezäit do.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- An den Ae vun der DP brauche mer grad elo eng Steierpolitik, déi déi Leit an eiser Gesellschaft stäerkt, déi eis aus der Kris sollen erausbréngen. An den Ae vun der DP brauche mir grad elo eng Steier- a Finanzpolitik, déi folgend Ziler verfolgegt:

Éischt Zil: De Stat muss sech der Decken no strecken. Et ass net un de Leit an net un den Entreprises, dem Stat seng Kapriole bedéngungslos iwwert de Steierwee ze ënnerstëtzen. Dofir ass d'DP géint d'Steiererhéijungen an derfir, datt de Stat bei sech selwer spuert - Stéchwuert Screening -, bezéiungsweis op nei Weeër beispillsweis an der Familljepolitik geet, Stéchwuert Wunnveld.

(Interruption)

Zweet Zil: Leit, déi schaffen a Leeschtung bréngen, mussen ënnerstëtzt ginn. Dofir ass d'DP strikt géint Steiererhéijunge grad zu engem Moment, wou mer déi, déi schaffen, méi wéi jee brauchen an ënnerstëtze mussen.

Drëtt Zil: Jonk Leit a Familljen, déi an d'Liewe starten, mussen ënnerstëtzt ginn an därfer scho guer net méi belaascht ginn. Dofir huet d'DP fir d'Bäibehale vum bëllegen Akt gekämpft a gefuerdert, datt si an Zukunft méi Scholdzëse kënne steierlech geltend maachen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Hei just eng Parenthèse: D'Ofschafe vum bëllegen Akt nom Modus vun der Regierung, wat hätt dat bedei? Et hätt bedei, datt des CSV/LSAP-Regierung d'Limite vum Revenu esou niddreg ugesat hätt, datt de bëllegen Akt just nach a Fro komm wier fir Leit, déi sech um fräie Marché souwisou keng Wunneng méi kënne leeschten. Et hätt bedei, datt kaum nach een hei am Land vum bëllegen Akt hätt kënne profitéieren. D'Ukënnung, fir de bëllegen Akt deelweis ofzeschaffen, hat fir vill Onrou ënnert de Leit gesuergt. Grad beim Wunnengsmaat geet et drëm, fir d'Situatioun ze entkrampfen an net ze verkrampfen.

An deene leschte Wochen awer waren d'Banke mat enger Hällewull vun Demandes de prêt befaasst. De Kadaster war an der Onméiglecheet, fir all gefrote Mesuragé bis zum Enn vum Joer virzehuelen, an ee Rendez-vous beim Notaire bis Silvester ze kréien, war och schonn net méi esou einfach. Et geet elo drëm, fir d'Situatioun ze berouegen.

Ervirhiewe wëlle mer als DP och, datt des Mesure vun der Regierung net nëmmen déi Jonk, d'Mittelschicht ganz besonnesch getraff hätt, mä och derniewent nach déi falsch Kategorie vun Haiser an Appartements. Et sinn déi eeler Wunnengen aus där ënneschter Präiskategorie, wou een Droit d'enregistrement geschëllt ass. Déi nei Wunnenge ginn nämlech an der Regel hei zu Lëtzebuerg normalerweis als Vente en état futur d'achèvement verkaaft, wou just Enregistrement um Deel Terrain geschëllt ass.

D'Konsequenze vun enger Verdeierung vu 7% wiere gewiescht: Éischstens, vill Haiser wieren net verkaaft ginn a wieren eidel stoe bliwwen. Zweetens, vill Haiser wiere jorelaang net energetesch opgerüst ginn, an drëttens, vill Haiser mat wäertvoller Bausubstanz wieren net restauréiert ginn.

► **Une voix.**- Do gesäit een awer, datt d'CSV gutt Saache mécht.

(Interruptions diverses)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Als DP fuerdere mir zënter Joren eng Abettung...

(Interruptions)

...vun der Logementspolitik an eng kohärent Politik vun nohalteger Entwécklung.

► **Une voix.**- Maacht emol eppes bei lech!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- An als DP insistéiere mir zënter Joren, datt de Wunnengsproblem ressortiwwergräifend soll traitéiert ginn, well de Wunnengsbauminister eleng déi dote Problematik net Meeschter ka ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Une autre voix.**- Dat op jidde Fall!

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Et gesäit een, datt d'Spuermoosnam „Bëllegen Akt“ eleng vum Finanzminister dekretéiert gi wier, ouni de Logementsminister, den Nohaltegekeetsminister, den Energieminister an den zoustännige Minister fir Sites et Monuments ze konsultéieren. Parenthèse zou.

(Interruptions)

Véiert Zil: De Wirtschaftswuesstum vu muer muss duerch eng kohärent Steierpolitik haut gefördert ginn. Et kann een net higoen an décidéieren, d'Kéi, déi een am Stall huet, manner gutt ze fidderen an e puermol den Dag méi ze sträichen. Dofir huet d'DP eng kloer Wuesstumsstrategie gefuerdert, an där mir d'Fro vum Index kloer beäntwert hunn, an där den Ofbau vun den administrativen Hürden een Zil ass, a wou mir eng kloer Zukunftsstrategie vun der Finanzplaz gezeechent hunn. D'Afféiere vun enger Krisesteier mat Erhéijung vum Spëtzeesteiersaz ass awer konträr zu dëser Politik.

Fënneft Zil: D'Virbereedung op d'Zukunft muss awer och eng Steier- a Finanzplaz bedéngen, déi dem schounenden Ëmgank mat der Energie an der Natur verflcht ass. D'Steierpolitik ass jo och staatlech Ausgabepolitik, an et ass net egal, wat mat de Steiersue geschitt.

Dofir ass d'DP derfir, op de Wee vun engem nohaltegen Index ze goen, oder beispillsweis am Energieberäich op de Wee vun enger Klima-Bank ze goen, déi, statt weider ze subventionéieren an domadder Steiergelder ze verschwenden, op de Wee geet, fir Projekte vun de Leit an den Entreprisë virzefinanzéieren. Eng Klima-Bank iwwregens, déi och fir eis Finanzplaz en interessanten an zukunftsweisenden Effekt kéint hunn.

Fënnef kloer Ziler also, déi mer a kengster Weis an der Regierungspolitik esou erëmfannen.

Här President, d'Banque centrale huet eis virgerechent, datt, wann een d'Cotisatione mat aberechent, ee vun 100 verdéngten Euro der nach 44 mat heemhëlt fir de Stot. Dat ass esou, wéi wann Der rechneresch bis de 25. Juli vum Joer nëmme géift fir de Stat schaffen, an eréischt duerno schafft Der fir lech!

Mir verlaange Leeschtung vun de Leit, déi schaffen, a vun de Familljen. Mir verlaangen, datt d'Entreprisë Wuesstem produzéieren, am beschten nohaltege. Mir verlaangen, datt jiddwereen hei am Land d'Äerm eropstréppt. An dann ass et een Hohn, wann et just een hei am Land gëtt, deen dat net mécht; wann et een hei am Land gëtt, deen net mam gudden Beispill virgeet, deen net bereet ass, seng Hausaufgaben ze maachen: de Stat, vertraueden duerch des CSV/LSAP-Regierung. Dat geet net, dat ass d'DP net bereet esou ze akzeptéieren!

Här President, wann een des Steierpolitik dann och emol vergläicht mat deene Politiken, déi d'Regierung sech selwer op de Fändel geschriwwen huet, da stelle mer och do fest, datt d'Steier- an d'Budgetpolitik net am Aklank sti mat deem, wat d'Regierung behaupt politesch wëllen ze realiséieren.

D'Regierung huet behaupt, si wëllt eng nohaltege Politik maachen. Wat ass nohaltege an dësem Steierprojet an um Budget?

D'Regierung huet behaupt, si wëllt eng aktivéierend Aarbechtsmaartpolitik maachen. Firwat musse mir dann ëmmer méi an ëmmer méi Geld an des Politiken an an deen zweeten Aarbechtsmaart stiechen, ouni datt mer kucken, wou mer Geld effikass asetzen; ouni datt mer kucken, wou mer aktivéierend kënne sinn?!

D'Regierung huet behaupt, si wëllt nei Créneauen op eiser Finanzplaz dévelop-

peieren, wéi zum Beispill Leit mat Verméigen op Lëtzebuerg unzéien. Firwat gi mir dann hin a mir maachen eng Steierpolitik, déi total konträr zu dësem Créneau ass?!

D'Regierung huet behaupt, si wëllt eng Politik fir d'Familljen hei am Land maachen. Wéi em Gottes Biddes Wëlle kann een dann op d'Iddi kommen, de bëllegen Akt ofzeschaffen?!

D'Regierung huet behaupt, si wëllt eng leeschungsfördernd a wirtschaftsfreundlech Politik maachen. Wéi ka si dann d'Steiere fir Privathaushalter an Entreprises eropsetzen?!

D'Regierung huet behaupt, si wëllt de Problem vun der Finanzéierung vun de Renten als Ganzt léisen. Wéi ka si dann higoen an de Volet „Mammerent“ an „Ajustement“ lassgeléist vun der gesamter Problematik kucken?

Et kënn een da logescherweis zu folgender Konklusioon: Der Regierung hir Politik ass eidelt Geschwätz! Dëse Steierprojet beweist dat leider androcksvoll.

Här President, d'DP trëtt a fir en aner Steier- a Budgetpolitik, déi kohärent ass mat den Ziler vun enger nohalteger Wuesstempolitik, vun enger leeschungsorientierter a familljefreundlecher Politik, vun enger aktivéierender Aarbechtsmaartpolitik. De Stat muss sech änneren, net d'Leit!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, ech hu virdu vum eidele Geschwätz vun dëser Regierung geschwat. Dat eidelt Geschwätz ass eng weider Ursach, firwat mir net gestärkt, mä geschwächt aus dëser Kris erauskommen, a firwat datt dëse Projet de loi einfach grondsätzlech falsch ass. Politik huet och mat Psychologie ze dinn, besonnesch wann et em Wirtschaft a Finanze geet.

D'Regierung, d'CSV an d'LSAP, maachen e gefeierlecht Spill mat de Leit, an dat Spill kann een an e puer Punkte résuméieren. Dat, wat haut gëllt, ass muer net méi wouer. Dat, wat haut gesot gëtt, gëtt esou net gemaach. Do, wou d'Regierung zesummesetzt, weist si, datt si net eens ass. Do, wou een deen aneren an d'Pan geklaakt krut, gëtt sech op d'Schëller geklappt. D'Zuele vun haut stëmme muer net méi.

An ech wëllt hei emol eng Fro an de Raum stellen: Hutt Dir lech an der Majoritéit och nëmmen eemol, ee Moment laang Gedanken doriwwer gemaach, wat Dir mat dëser Aart a Weis, mat dëser Attitüd dobaussen u Schued ugeriicht hutt?

Datt Dir dobaussen en desolat Bild ofgitt, kéint mir u sech egal sinn. Et ass mer awer net egal, datt Dir d'Leit dobaussen dronkeg maacht an elo erëm ufänt d'Bild ze vermëttelen, et géif quasi vum selwen erëm alles gutt goen. An et ass mir och net egal, wann ech gesinn, datt Dir op eng lichtfankeg Aart a Weis amgang sidd, d'Chancë vun dësem Land a virun allem vun deenen zukünftege Generatiounen ze verschwenden, well Dir just eent am Kapp hutt: an der Regierung ze bleiwen. Dat ass „Politique politicienne; mat Zukunftsgestaltung huet dat näischt ze dinn!

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- ...kann ee kaum hunn, soss géife mer d'Steieren erofsetzen, wann et dorëms géif goen.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, wéi wëllt d'Regierung d'Leit vun der Noutwendegkeet vu Reformen iwwerzeegen, wa si kee gemeinsame Projet huet? Wéi wëllt d'Regierung d'Leit vun der Noutwendegkeet vu Reformen iwwerzeegen, wa si all kritesche Punkt - Index, Strukturformen, Rentereform, Aarbechtsmaartreform, eng kloer Wuesstumsstrategie, eng nei Logementspolitik - op muer vertagt, soubal sech déi éischt kritesch Stëmm am Land mell?!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Wéi wëllt d'Regierung d'Leit vun der Noutwendegkeet vu Reformen iwwerzeegen, wa si onpreparéiert an Diskussiounen erageet a sech dann - wéi beim bëllegen Akt geschitt - muss vun de Leit erkläre loosson, datt si komplett niewent dem Dill läit? Wéi wëllt d'Regierung d'Leit vun der Noutwendegkeet vu Reformen iwwerzeegen, wann déi

eng dat eent soen an déi aner dat anert an domadder d'Bild vermëttelen, des Regierung, des Majoritéit wiere lauter „Ich-AG'en“ a keng Équipe?

Här President, ech wëll net dem Virwurf erleien, ech géif hei nëmme Saache behaupten, déi net stëmme géifen. Erlaab mer dofir, datt ech op e puer Beispiller ze sprieche kommen, déi dat beleen, déi beleen, wat fir ee falscht Spill an dëser Regierung, an dëser Majoritéit gespilt gëtt.

An darselwechter Majoritéit gëtt et Leit, déi op all méiglecher Table ronde strukturell Reforme fuerderen, zum Beispill den Här Thiel, fir de Bankemilieuen ze gefalen; den Här Krecké an d'Madame Hetto, fir de Patronatsmilieuen ze gefallen...

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Wiem wollt ech gefalen?

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Dat ass dat, wat si soen. Wat si maachen, ass awer eppes anescht. Et sinn déiselwecht Leit, déi monter, wéi wa näischt wier, am Regierungsrot oder an der Chamber genau de Contraire vun deem, wat si virdrun erzielt hunn, stëmme bezéiungsweis duerchgoe loosson. Hiert Handele steet net am Aklank mat hirer Meenung, mat deem, wat si behapte wëllen ze maachen. Dat nennt een am beschte Fall „Hypocrisie“.

Erënnert lech, 2009 huet de Budgetsrapporteur, den Här Lucien Thiel, à qui voulait l'entendre, virun der Kris, derrière la crise gewarnt a gesot - an en huet dat och virdrun nach hei op dëser Tribün gemaach -, datt mir fir d'Éischt eng Radiographie vun den öffentlechen Finanze bräichten, datt strukturell Reforme misste kommen, an eréischt dann därfer mer doriwwer nodenken, eppes bei de Steieren ze maachen.

Dëse Rapport ass vun der Majoritéit vun CSV an LSAP guttgeheesch ginn. Datt d'LSAP net méi zu dëser Politik steet, dat wësse mer spëtstens zënter hirem Kongress vu Moutfort. Mä datt den Auteur vum Budgetsrapport fir d'Joer 2010 selwer net méi zu dëser Politik steet, dat wier mir nei. Op alle Fall liesen ech dat net eraus aus de sëllegen Optrëtter vum Här Thiel an deene leschte Wochen a Méint an der Öffentlecheet. An derfir, Här Thiel...

► **Une voix.**- Är Ried war geschriwwen, Dir hutt se net adaptéiert.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Wann Dir... Grad dowéinst. Den Här Thiel huet et virdrun nach gesot gehat, mä herno stëmmt en awer dëse Budget, an e stëmmt och des Steiererhéijung.

(Interruptions)

An derfir, Här Thiel, well Der dat misst am Fong respektéieren, wat Der virdu gesot hutt, an déi Leit an der CSV, déi lech nostinn, wéi den Här Schiltz, wann déi sech konsequent wieren an Dir lech selwer nëmme géift e bëssen eescht huelen, dann därft Dir, da kéint Dir dëse Projet net stëmmen, an da musst Dir och déi nächst Woch géint de Budget 2011 stëmmen.

(Interruptions)

Well dëse Projet an de Budget sinn de Contraire vun deem, wat Dir selwer am Numm vun der Majoritéit vun der Chamber gefuerdert hutt. An et ass de Contraire vun deem, wat Dir virdrun nach op dëser Tribün gesot hutt. De Contraire!

► **M. Lucien Thiel (CSV).**- Dann hutt Dir schlecht nogelauschert.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, den Här Krecké an och den Här Frieden, an neierdengs d'Madame Hetto, si jo esou gefrust, datt keen esou mécht oder esou wäit geet, wéi si dat wëllen. An d'Madame Hetto war jo méi wéi daitlech an hirer Bewäertung vun der CSV/LSAP-Politik, déi si jo mat ze verantworten huet an déi jo hiren Ausdrock an dësem Steierpak fënn.

Erlaab mir, d'Madame Hetto vun der CSV ze zitieren aus hirer leschter Radioemission. De Journalist vun RTL hat grad gefrot, ob den Index bei de Betriber en Dauerbrenner wier. D'Äntwert vun der Madame Hetto, leschte Samschdeg, war kloer: „Neen, et ass net een Dauerbrenner, mä et ass einfach elo e bësse vill op si duerkomm a si hu sech einfach doriwwer beklot, datt se e ganze Pak dohinnergetässelt kritt hunn, wat sech jo negativ



op d’Kompetitivitéit auswierkt. Wa mir eis vergläiche mam Ausland, hu mir einfach eis Betriber domat vill méi belaauscht, well mir einfach ëmmer erëm vun hinne verlaangen, esou vill Cotisatioune méi, den Index méi. A wann een dat da vergläicht mat deenen Entreprises aus dem Ausland, da si se iergendwann net méi kompetitiv.”

(Interruptions)

Ech muss lech soen, dat do ass, wat ee nennt: eng kloer Ausso. De ganze Pak belaauscht d’Betriber méi, wéi...

► **M. le Président.**- Här Etgen, den Här Hoffmann stellt lech gären eng Fro.

► **Une voix.**- Dir dierft jo herno schwätzen.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Neen, do hunn ech net vill Zäit. Dierf ech him eng Fro stellen?

► **Une voix.**- Dir kritt herno méi Zäit.

► **M. le Président.**- Här Etgen, sidd Dir d’accord, datt den Här Hoffmann lech eng Fro stellt?

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Selbstverständlech!

► **M. le Président.**- Här Hoffmann, stellt Är Fro!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Also, ech wier interesséiert, Prezisiounen ze héieren iwwert dee Verglach, deen Der elo ugeschwat hutt, wat d’Cotisatioune vun eise Betriber betrëfft an d’Cotisatioune vun de Betriber an eisen Nopeschlänner. Well meng Informatiounen bis elo, déi waren ëmmer déi, datt eis Cotisatioune wäit, wäit, wäit ënnert deene leie vun eisen Nopeschlänner.

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Här Hoffmann, déi dote Fro muss Der der Regierung stellen, a besonnesch der Mëttelestandsministesch, der Madame Hetto. Ech mengen, virun der Tripartite ass gesot ginn, datt mer een Nodeel hätten, wat am Fong déi ganz Lounniewekäschtchen ubelaangt, géintwuer dem Ausland. An ech mengen, dat war den Haaptpunkt vun den Diskussiounen, wéi se virun der Tripartite gefouert gi sinn. An op eemol, no der Tripartite an deenen zwou Bipartiten, huet een näischt méi dovunner héieren.

Ech kann lech just soen, dat, wat d’Madame Hetto gesot huet, dat war eng kloer Ausso. De ganze Pak, dee belaauscht d’Betriber méi, wéi déi am Ausland. An et gëtt festgestallt, datt déi Betriber iergendwann net méi kompetitiv wäerte sinn. Super Constat, e super Constat vun der Madame Hetto!

Mä da sief awer d’Fro erlaabt: Wéi kann dann eng Mëttelestandsministesch dee ganze Pak do, also och de Steierpak, deen haut zur Debatt steet, iwwerhaupt guttheeschen, wa si der Meinung ass, datt en dozou féiert, datt eis Entreprises iergendwann net méi kompetitiv sinn? Wéi ass dat méiglech? Ech muss lech soen, déi Aussoen do weisen d’Hypocrisie vu verschiddene Regierungsmemberen, an ech biede si, ganz séier domadder opzehalen, d’Leit an d’Entreprise fir domm ze verkafen. Entweder si stinn zur Regierungspolitik oder si stinn net dozou. Déi zwou Saachen zesummen, dat geet net!

Här President, déi Aussoe weisen awer och, datt dës CSV/LSAP-Regierung eng wirtschaftsfeindlech Politik mécht. Net nëmme mir soen dat, si soen et jo selwer! Ech wëll dierfir eent ganz kloer soen: Wann déi Leit an dëser Regierung, déi fir Finanzen, Wirtschaft a Mëttelestand zoustänneg sinn, sech an der Regierung net méi duerchgesat kréien, wa si sech an der schlemmster Wirtschafts- a Finanzkris vun dësem Land net méi duerchgesat kréien, da kënnen mir geschwënn de Schlëssel ënnert den Teppesch leeën.

Här Frieden, Här Krecké, Madame Hetto, wann Dir dës Politik vun dëser Regierung net verantworten kënn, woufir ech ganz vill Versteesdemech hunn, da fuerderen ech lech op, e kloert an däitlech Zeechen ze setzen an Är Hypocrisie ze beenden, elo an heil!

► **Une voix.**- Très bien!

► **Une autre voix.**- Wou ass de Statsminister? Kënn den net?

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, dann nach ee Wuert zu den Zuelen,

oder soll ech soen, zu den Zuelespillereien? Déi gi jo agesat wéi Niwwelkäerzen. Zuelen, Statistiken, Berechnungsmethoden a Previsiounen, déi d’Regierung lénks a riets zünde geet. A jiddwereen am Land ass schonn dronkeg vun all deenen Zuelen a Prognosen, déi an deene leschte Wochen a Méint eis opgedëscht gi sinn.

Déi Niwwelkäerzen do erfëlle fir d’CSV an d’LSAP e puer praktesch Zwecker. Si maachen d’Leit duerjerneen, bis och dee Leschten näischt méi versteet an einfach deem gleeft, deen am haartste jäize kann oder deem, deen déi einfachste Léisunge parat huet. Si verdecken d’Problemer, well all Zuel mat enger anerer Zuel widderluecht gëtt. Si lenken de Bléck vun de wierkeleche strukturellen a konzeptuelle Problemer of.

An do stellen ech d’Fro, firwat datt dat op eemol esou ass? Kommt, mir erënnere eis, wéi d’Regierung nach all Joer Plusvaluen um Enn vun engem Budgetexercice konnt annonciéieren. Do waren d’Zuelen immens kloer, ganz einfach. Mir ware Champion an alle Klassen: niddregste Scholden, héchsten Investitiionsausgaben, niddreg Steieren; Champion no der Lëtzebuerger Budgetsmethod, Champion no der europäescher Budgetsmethod.

An elo, op eemol, wëlle mir nach just Champion no der europäescher Budgetsmethod sinn. Komesch. A jiddwer Expert, deen eis seet, wat si net soen, nämlech datt dës Steierpolitik falsch ass, datt d’Budgetspolitik falsch ass, an datt eis Sozialsystemer amgang sinn aus allen Néit ze platzen, kritt gesot, datt si als Experten entweder net alles verstinn, datt hir Zuelen net richtig sinn, oder een dat misst nuanciéiert kucken, datt si déi Lëtzebuerger Typicitéit net verstinn an esou weider an esou fort.

Dat kann een alles maachen. Fuert roueg virun, den Experten ze soen, Dir wéisst et besser! Fuert roueg virun, d’Ae virun der Wierkelechkeet ze verschléissen! Mä eppes sollt Der da wëssen: Dir sidd et, déi mat där Attitüd d’Zukunft vum Land op d’Spill setzt. Dir sidd et, déi d’Konsequenze vun där do Politik ze verantworten hutt, well d’Entreprise wësse genau, wat si ze maachen hunn no Ärer Politik.

An déi Décisiounen treffen net d’Patronatsorganisatiounen, mat deenen Dir um Dësch sëtzt. Déi Décisiounen ginn an de Betriber, an de Chefetagen, an de Mammenhauser am Ausland getraff, an déi Leit kënnen ganz gutt zwee an zwee zesummenzielen. Deene kënn Dir net d’Steiererhéijungen, wéi Dir se haut an hei wëllt duerchboxen, als eppes Guddes verkafen.

Dir heizt mat dëser Politik de Chômage un an Dir sidd verantwortlech derfir, datt déi jonk Generatiounen et ëmmer méi schwéier kréien, fir eng Aarbechtsplaz ze fannen an hiert Liewen hei am Land ze maachen, nëmme well Dir mengt, d’Entreprise kéinte keng Zuele liesen. Dee Prozess do fënnit schlächend statt: 120 Plazen hei, 55 Plazen do, eng Fusioun hei, keng Astellungen, keng Neiastellungen méi do. Dat ass d’Resultat vun Ärer wirtschaftsfeindlecher Politik.

(Interruption)

An déi, déi d’Pan klake kënnen, sinn d’Leit, déi schaffen, d’Leit, déi riskéieren, hir Plaz ze verléieren, hir Familljen, déi jonk, déi vun de Schoule kommen.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Wa mir net bereet sinn, déi an dësen Zäiten dach awer degoûtant Politik vum „ëmmer nach an ëmmer méi“ op d’Käschte vun de jonke Leit opzehalen, wa mir net bereet sinn, „e bësse manner méi“ ze akzeptéieren, da steiert dëst Land méi wéi schwéieren Zäiten entgéint.

D’Demokratesch Partei wäert dëser Politik net weider nokucken. D’Zäiten hu ganz séier geännert, a mir müssen eis Attitüd, eis Politik och ganz séier änneren an nei orientéieren. An dat mécht een nëmme, wann een eng éierlech Analys vun der Situatioun mécht. Dat mécht een nëmme, wann ee bereet ass, d’Realitéit an d’Aen ze kucken. Dat mécht een nëmme, wann ee selwer d’Äerm mat eropkrempelt an ouni Arroganz, mä mat vill Devotioun un d’Problemer erugeet.

D’Demokratesch Partei mécht an dësem Spill op d’Käschte vun de schaffende Leit, den Entreprises an de jonke Generatiounen net mat!

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen** (DP).- D’Demokratesch Partei wëllt eng nohalteg a wirtschaftsfrëndlech Politik, déi Aarbechtsplaze schafft a séchert. D’Demokratesch Partei wëllt eng Politik, déi beim Stat sengen Dépense spuert an net op d’Käschte vun de schaffende Leit spuert. D’Demokratesch Partei wëllt eng Steierpolitik, déi den Ziler vun der Nohaltegkeet, enger aktivéierende Aarbechtsmaartpolitik an enger zukunftsorientierter Wirtschaftspolitik nokennt. D’Demokratesch Partei wëllt eng Rentepolitik aus engem Goss, wou mir an enger nationaler Ronn d’Problemer vun der laangfristeger Finanzéierung vun de Rente léisen.

Alles dat maachen dës Projeten net, an dofir wäert d’DP géint déi Projekte stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. Den Här Clement géif nach gär dem Här Etgen eng Fro stellen.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Merci, Här President.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Kënn Der eis soen, wou de Statsminister ass?

► **Une voix.**- Ooohhh!

► **Une autre voix.**- Dat ass eng Fro.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Här Bettel...

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.**- Ech mengen, et ass elo um Här Clement, fir dem Här Etgen eng Fro ze stellen. Här Clement, stellt wann lech gelift Är Fro!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech wollt dem Här Etgen eng Fro stellen, net lech, well ech hunn au contraire zu lech dem Här Etgen gutt nogelauschtert.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

(Interruptions)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Also, ech hunn dem Här Etgen nogelauschtert, an ech hu mer et och missen opschreiwen: D’DP trëtt a fir eng aner Steierpolitik, déi kohärent an nohalteg ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Dat kann ech souguer matdroen.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Firwat maacht Der et dann net?

► **Une voix.**- Da musst Der haut mat Nee stëmmen, Här Clement.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Kommt bei eis, Här Clement! Hei, de Stull ass haut fräi!

► **M. le Président.**- Här Clement, stellt Är Fro!

(Interruptions diverses)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech stelle meng Fro, wann den Här Bettel et zwou Sekonne fäerdeg bréngt, roueg ze sinn.

► **Une voix.**- Dat ass net schwéier.

► **Une autre voix.**- Très bien!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Et ass net esou einfach fir hien, mä vläicht geet et. Vlächet geet et. Mä dat, wat den Här Etgen gesot huet, kann ee matdroen, mä ech kréien et net esou richtig ze paken. Ech kréien et net esou richtig ugepaakt. En huet dat net konkret, net an Zuelen ausgedréckt.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Dann hutt Der net nogelauschtert.

► **Une voix.**- Jo!

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Här Bettel, da loosst dach elo den Här Clement seng Fro stellen!

(Interruptions)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Dat doten ass keng Fro!

(Interruptions diverses)

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ma elo stellen ech meng Fro!

► **M. le Président.**- Här Clement, stellt elo Är Fro! An ech géif lech bieden, dem Här Clement nozelauschteren!

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech wëll gär vum Här Etgen wëssen: Fir wat fir eng Steierpolitik trëtt dann d’DP an?

► **Une voix.**- Dir hutt net nogelauschtert! Wat ass dat do da fir en Drama? Wat soll dat do?

► **M. Lucien Clement** (CSV).- An ass d’DP fir déi Steierpolitik, déi mer haut hunn, fir de Status quo vun der Steierpolitik? Dat ass d’Fro.

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Hien huet näischt verstan!

► **M. le Président.**- Här Etgen, beäntwert elo nach dem Här Clement seng Fro, an da kënn den nächste Riedner drun.

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Merci, Här President. Ech mengen, ech hat ganz kloer a ganz prezis fënnel Ziler opgezeechent, wéi d’Demokratesch Partei sech eng aner Steierpolitik géif virstellen. Eng Steierpolitik, déi aus engem Goss ass, a wou a sech am Fong deen nohaltegen Aspekt et ass - mat där Fro, wou den Här Clement ugefaangen huet -, wouraus e wär.

Ech hu kloer an däitlech gesot gehat, datt mir fir en nohaltegen Index géifen anrieden. Ech hu kloer an däitlech gesot gehat, datt mir am Fong geholl wëllen de Leit hir Investisementer, wat Klimaschutz ubelaangt, virfinanzéieren. Ech hu kloer an däitlech gesot gehat, datt dës Mesur kéinten derzou bäidroen, fir och eiser Finanzplaz en neien Impuls ze ginn.

(Interruption)

Ech hu kloer an däitlech gesot gehat, datt de Wirtschaftswuesstem vu muer haut mat enger kohärenter Steierpolitik muss gefördert ginn.

Ech kann och all déi Saachen, déi ech vir-auser gesot hunn, nach eng Kéier widderhuelen, wann am Fong den Här Clement op jidde Fall dat net sollt matkritt hunn.

Jiddefalls zu dësem Moment, wou d’Kafkraaft vun de Lëtzebuerger esou staark beschnidde ginn ass, wéi dat scho säit Joren net méi de Fall ass, wou d’Betriber net méi kompetitiv sinn - an net nëmme ech hunn dat gesot gehat; dat huet virdrun den Här Thiel gesot gehat, dat huet de leschte Samschdeg d’Madame Hetto gesot gehat -, kënnen mer dach net higoen an eis Entreprise belaauchten! Mir brauchen eng aner Steierpolitik, fir datt mer och muer e Wirtschaftswuesstem hunn.

► **M. le Président.**- Jo, also ech bieden lech...

(Interruptions diverses)

Mir sinn... Här Schiltz, da stellt elo nach... Dir wëllt dem Här Etgen jo och nach eng Fro stellen.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, den Här Clement hat eng prezis Fro gestallt, dahingehend. A mir haten alleguer verstanen, well mer nogelauschtert hunn, datt d’DP wëllt Energiesaache méi subventionéieren. Mir kennen och der DP hir...

► **Plusieurs voix.**- Neen!

► **Une voix.**- Dir hutt et net verstan!

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Mir kennen och der DP hir Positioun zum Index. Dierfir ass meng konkret Fro: Wann ee vun enger kohärenter Steierpolitik schwätzt, da géif ech gär wëssen, wat dat heescht par rapport zu den Tauxen; well dat ass Steierpolitik, d’Tauxen, wéi vill Prozent wou. Da géif ech gär wëssen, wat dat heescht par rapport zur Bemessungsgrundlage; well d’Steierpolitik huet eppes mat Bemessungsgrundlage ze dinn. Da géif ech gär wëssen, dréttens, wat dat heescht par rapport zur praktescher Uwendung. An da géif ech gär véiertens wëssen, wat dat par rapport zu Nischen heescht, oder net.

D’Tauxen, d’Bemessungsgrundlage, d’praktesch Uwendung an Nische si véier zentral



Elementer vun all Steierpolitik! Wann ee vun enger kohärenter Steierpolitik schwätzt, géif ech gär wëssen, fir d'Éischt emol, wat fir eng Ausso hie mécht zu deene véier Punkten do.

► **M. le Président.**- Här Etgen, dann äntwert elo nach op déi do Froen!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Merci, Här Schiltz, fir déi dote Froen. Ech mengen, dat gëtt mer d'Méiglechkeet, fir am Fong dat ze widderhuelen, wat ech och scho virdru gesot hunn.

(Interruption)

D'Demokratesch Partei ass zu dësem Moment der Meenung, datt d'Steieren net sollen an d'Luucht goen.

(Interruptions)

D'Steiere sollen ëm 0% an d'Luucht goen! Null Prozent!

(Interruption)

Dat ass déi éischten Donnée vun Ärer Fro. Null Prozent d'Steieren de Moment an d'Luucht.

► **Une voix.**- Okay.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Hutt Der et verstanen? Null!

► **Une voix.**- Aaahhh!

► **Une autre voix.**- Eng Nullronn bei de Steieren, Här Schiltz.

(Interruption)

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Den Här Thiel ass och derfir.

► **M. le Président.**- Loosst elo wann ech gelift den Här Etgen op d'Froen äntwerten!

► **Une voix.**- En ass fäerdeg, Här Schiltz.

► **M. Fernand Etgen (DP).**- D'Demokratesch Partei huet zum Beispill an deem Finanzpabeier, dee vum Claude Meisch virun e puer Méint virgestallt ginn ass, ganz kloer a ganz prezis Weeër opgezeechent, wéi mer eis Finanzplaz kënnen nei orientéieren. E Pabeier, deem hei an enger Interpellatioun och virgedroe ginn ass an deem eng breet Zoustëmmung, eng breet Akzeptanz an dësem Haus fonnt huet.

Ech mengen, datt d'Demokratesch Partei grad an deem dote Beräich déi Éischt waren a bis elo déi Eenzeg waren, déi am Fong geholl hir Propositionen, déi hir Iwwerleeungen zu der Zukunftsstrategie, wat d'Finanzplaz ugeet, op den Dësch bruecht hunn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- D'DP huet, dréttens, an hirem Klimapabeier scho virun dräi Joer, gläich no 2006, an och an hirem 33-Punkte-Programm eng ganz Rei Pisten opgezeechent. A mir ginn net midd, fir se ze widderhuelen, wéi een am Fong de Budget kéint strukturell ëmbauen. Mir hunn et ëmmer gesot gehat. Mir brauchen an dësem Land strukturell Reformen. Mir brauche jiddefalls eppes net, dat sinn déi Steiererhéijungen, déi mer haut hei wäerte beschléissen.

► **M. le Président.**- Sou! Domadder sinn déi Froe beäntwert. An elo kënnt als nächste Riedner den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

A jiddwereen, Dir Dammen an Dir Hären, dee wëllt schwätzen, soll sech wann ech gelift hei androen. Wéi gesot, et huet jiddwer Fraktioun nach genuch Zäit. Dir kënnt also herno nach op all Punkt intervenéieren. Mä ech géif lech wierklech bidden, de Riedner hei e bëssen nozelauschteren!

(Interruption)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Nun, Här President...

► **M. le Président.**- Et ass fir déi zwou Säiten.

► **Une voix.**- Aaahhh!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, ech si frou, dass ech op deem DP-Par-teikongress hei d'Wuert kréien,...

(Hilarité)

...well ech den Androck hat, dass vum Inhalt hier,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Bei lech ass et méi schwéier!

(Hilarité générale et applaudissements)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- ...do hunn éischter d'Riedner...

Oh!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Elo ass Äre Mutt fort, he!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- No Mutfert ass all Äre Courage parti.

(Hilarité générale)

► **M. le Président.**- Här Bodry, loosst lech net aus der Fassung an aus der Rou bréngen a fuert virun!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- E ka sech sëtze goen, et ass alles gesot!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ass Äre Mutt fort no Mutfert?

(Hilarité)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Alles mat der Rou. Ech mengen, Här Gibéryen, mir halen nach richtig Kongresser, Dir haalt Konventer a klengem Krees. Dat ass den Ënnerscheid tëscht eiser Partei an Ärer Partei.

(Interruption)

Ech mengen, mir sollten hei probéieren, a jiddweree beschwiert jo den Eescht vun der Situatioun erop, dann och eisen Diskurs deem hei unzepassen an eis d'Saach einfach net ze llicht ze maachen.

Mir wäerten als LSAP dëse Pak vu Steiererhéijunge stëmmen. Net aus Freed u Steiererhéijungen. Et ass vill méi einfach a vill méi populär, ze soen, et ass ee géint Steiererhéijungen. Do brauch een null Courage.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat ass den Nullpunkt vum Courage, deem d'DP hei ënner Bewäis stellt.

(Interruption)

Well et ass selbstverständlech net populär bei jiddwerengem, dee muss méi Steiere bezuelen. Déi mannste Leit maachen dat ganz gär.

(Interruptions diverses)

A wann een de Mond esou voll hält an ëmmer vu Strukturreforme schwätzt, dann awer null konkret ass, wann et drëm geet, fir ze soen, wat een dann dorënner versteet,...

(Interruption)

...a wann een den Appel mécht, erëm Strukturreformen ze maachen, an et huet een de Schwanz bäigezunn - wann ech dat däerf hei esou soen - bei där éischter grousser Strukturreformsdiskussioun, déi mer zu Lëtzebuerg haten!

Dat war - an ech fäerten dat net ze soen, och wann ech mer net ëmmer Frënn domadder maachen - am Joer 1998, wéi mer iwwert d'Pensiounsreform bei der Fonction publique geschwat hunn!

(Interruption)

Dat war déi éischt Strukturreformsdiskussioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg an deene leschten 20 Joer haten.

(Interruptions diverses)

An do war d'DP ënnert dem Dësch! Do war d'DP ënnert dem Dësch.

► **Une voix.**- Säitdem hutt Der keng méi gemaach!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Si huet lech zwar sechs Sëtzer bruecht, mä a fënnf Joer ware se erëm fort! An dat war richtig esou, well d'Leit dat éiweg...

(Brouhaha)

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Wivill Sätz hutt Dir elo? Wivill Sätz hutt Dir elo?

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- ...an dass et net duergeet,...

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Wéi kommt Der dann dorop?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Wivill Sätz hutt Dir déi lescht Legislaturperiod gewonnen? Fënnf? Här Bodry, Dir gitt rout am Gesicht!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. le Président.**- Ech bidden lech nozelauschteren!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- ...dass et net duergeet, mat de Wëllef ze hurelen, wann et an de Krom passt, mä dass een och muss Verantwortung droen. An d'Demokratesch Partei beweist erëm eng Kéier, dass se näischt aus der Vergaangenheet geléiert huet.

► **Une voix.**- Oh mei!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Wien de Wee vun der Liichtegkeet geet, allgemeng Aussoe mécht, näischt Konkretes seet, deem alles ass, wat vun der Regierung dohinnergeluecht gëtt, an dann nach gläichzäiteg seet: „Elo mussen awer Strukturreforme kommen“, also, vun där Partei brauch dës Koalitioun sech kee Virwurf maachen ze loosse, wat de Courage ugeet!

(Interruptions)

Hir ganz Geschicht beweist, dass se kee Courage hunn.

Une voix.- Net mir, Äre Wieler, dee wäert lech Virwërf maachen.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Här Bodry, et muss een awer bei der Wourecht bleiwen. Wien huet... D'DP hat der dräi gewonnen, net sechs.

► **Une voix.**- Et ass egal!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- An dat ass Budgetsrapporteur! E kann emol net bis sechs zielen!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- ...dass een och an onangenehmen Dossieren, wou een net ka jiddwerengem alles Recht maachen, effektiv Verantwortung dréit an objektiv kuckt, wéi d'Situatioun ass.

► **Une voix.**- Ma da kuckt emol.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et gëtt kee Land... Ech géif lech vläicht bidden, et wier vläicht keng schlecht Lecture, de leschte Rapport vun der OCDE ze kucken, deem d'Analys gemaach huet vun de Spuerprogrammer vun den eenzelne Länner. Et gëtt kee Land, dat net och Steiererhéijungen a sengem Spuerprogramm virgesinn huet.

Dir maagt vläicht hei op der Linn vum Här Westerville sinn, mä ech mengen, dass dat net déi Linn ass, déi Lëtzebuerg brauch. Et ass kloer, dass an allen, a sämtleche Länner, déi Effortë maachen, fir de Budgetsëquilibrium erëm hierzestellen, dass do op deenen zwou Säite Politik gemaach gëtt, dass probéiert gëtt anzespieren, d'Progressioun vun den Dépensen erofzedrecken a gläichzäiteg awer och eng Politik gemaach gëtt, fir d'Steieren eropzesetzen.

(Interruption)

Eng ganz Partie Länner maachen dat, dat ass wouer, iwwert d'TVA. Dir braucht nëmmen ze kucken, wat sech momentan an Europa doet. De Gros vun de Länner maachen oft eng drastesch Erhéijung vun der indirekter Besteuerung, vun der TVA. Déi Lëtzebuerger Regierung, an ech félicitéiere se derzou, geet net op deem dote Wee, well mir als LSAP och der Meenung sinn, dass ee bei enger Erhéijung vun den indirekte Steieren eigentlech ondifferentzéiert Leit treëft. Par contre, wann een op deem heite Wee geet a bei deenen direkte Steieren,...

(Interruptions)

...wou d'Progressivitéit eigentlech mat berücksichtegt gëtt, dass een do also virgeet. An ech mengen, dass dat u sech deem eenzeg gangbaren a sozialverträgliche Wee ass, fir hei un d'Steierpolitik erunzegoen.

Wann een all déi Steiermoossnamen zesammenzitt, kënnt een op en Total vun 230 Milliounen Impakt am Joer, wat d'öfentlech Finanzen ugeet. 230 Milliounen, dat entsprécht no heitege Berechnungen 0,6% vun eisem PIB. Ech wëll och betounen, dass vun deenen 230 Milliounen der 55, d'Solidaritätssteuer, direkt wäerten affektéiert ginn an de Beschäftigungsfong. Et ass och net vu Muttwëll, dass dat geschitt, well dee Beschäftigungsfong am Joer Dépensé vun iwwer 550 Milliounen huet an dass déi bishereg Solidaritätssteuer an och déi Contributions sociales op de Carburanten net duergeet, fir eigentlech déi doten Dépensésäit ze decken.

Et ass also wichteg, dass och derfir Suerg gedroe gëtt, dass de Beschäftigungsfong

iwwert déi néideg Mëttele verfügt, fir och an deenen nächste Joren eng aktiv Beschäftigungspolitik ze maachen. Duerch d'Erhéijung vun der Solidaritätssteuer droe mer och e Stéck dozou bäi.

Och do wonneren ech mech, dass awer Parteien, déi awer mat bedeelegt waren, fir déi Solidaritätssteuer sengerzäit anzeféieren, sengerzäit déi Dépensé vum Beschäftigungsfong, déi net déi Héicht hatten, wéi se haut hunn, de Prinzip vun enger Erhéijung vun der Solidaritätssteuer haut a Fro stellen. Ech hu Schwierigkeeten, dat doten ze verstoen, wéi een eigentlech haut eng Politik ofbrécht, eng Haltung, déi ee während laange Joren hat an déi eigentlech ganz richtig war.

Ech mengen, dass net d'Zäit komm ass, fir eng Verdäiwelung vun der Steuer ze maachen. Och do géif ech mer erlaben, awer e kleng Rappel ze maachen, wou mer hei zu Lëtzebuerg hierkommen. Déi entrüstete Kommentaren, déi d'Erhéijung vum Spätzesteiersaz, vum sougenannten, vun 38 op 39%, déi Kommentaren, déi ee muss héieren, an déi Oflehnung, déi een hei bei eenzelne Parteie spiert...

Wann een dohigeet an et erdreist ee sech ze mengen, et kéint een d'Solidaritätssteuer vläicht eropsetzen ëm een, zwee Prozent, déi wëll ech awer drun erënnere, wéi d'Situatioun an den 80er Jore war. Mat Kris mengen ech déi, déi deemools net deem allgemenge Charakter hat, dee se haut huet. An eng Kris, déi och sécherlech net...

(Interruption)

...déi laangfristeg Effeten huet, déi se haut huet.

Wat war d'Situatioun ufanks den 80er Joren?

(Interruption)

Deemools war et eng Koalitioun vun CSV an DP. Déi béis Sozialiste waren net derbäi.

(Interruption)

Deemools war de Premierminister, et mengt ee bal, et wier e Kommunist, de Pierre Werner. Zu Lëtzebuerg sinn deemools d'Steiere festgeluecht ginn, d'Akommessteuer bei de Privatpersounen op 57%! 57% war den Taux marginal ufanks den 80er Joren. An dobäi huet déi deemoleg chrëschtlech-sozial a liberal Regierung décidéiert, doropshin nach eng Solidaritätssteuer vun 10% dropzeginn.

Mir hatten also, wann een dat zesummerechent, en Taux marginal, deem eigentlech bei iwwer 60% louch. Haut komme mer mat deene Steiererhéijungen hei op en Taux marginal, dee licht iwwer 40% läit, also en Drëttel manner wéi nach an den 80er Jore bei enger CSV/DP-Koalitioun.

Ech hu wierklech Schwierigkeeten, déi stur Haltung vun eenzelne Parteien ze verstoen, déi einfach net méi wëllen erkennen, wat war a wat fir ee Wee gemaach ginn ass, déi haut vun enger Steuerbomm schwätzen.

Och do soll een awer och kucken, wat d'Berechnunge sinn. An dat kann ee jo novollzéie bei eenzelne Revenuen doduerjer, dass d'Indextranche d'lescht Joer ausbezult ginn ass, déi jo d'Demokratesch Partei och wëllt sträichen. Doduerch, dass d'Indextranche ausbezult ginn ass, wäert am Endeffekt, ausser déi, déi bei 15, 20.000 Euro de Mount Revenu leien, keen op sengem Paiziedel manner hu wéi virun engem Joer ab dem 1. Januar.

(Interruption)

Jiddweree wäert méi hunn!

► **M. Claude Meisch (DP).**- Da maacht eng grouss Bréifboîte op vun der LSAP-Fraktioun, well jiddweree schéckt lech en, wou dat doten de Fall ass.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech komme gären dorobber zréck.

► **M. Claude Meisch (DP).**- Jo, jo. Da maacht dat emol!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Déi Berechnung do, déi mussen mer awer trotzdeem nach eng Kéier...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Wann Der e Problem hutt, ech léinen lech een.

► **M. Claude Meisch (DP).**- Da maache mer dat emol.



► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Et muss een et eng Kéier maachen. A wann et éieren Deputéierte solle sinn, déi schécken ech direkt erëm heem, wa se kommen. Et ass eigentlech an deene Barragé vu Revenuen, wou et da spillt.

Fir de Rescht ass et evident, dass, wa mer den Index net ausbezuelen, dat eng regelrecht Indexbomm wier, an dass dat hei, wat elo décidéiert gëtt, eigentlech bal en „deutsche Kracher“ ass par rapport zu deem, wat d’Netbezuele vun enger Index-tranche ausmécht, och mat hiren Auswirkung spéiderhin op d’Berechnung. Sou mengen ech, dass ee sech net kann hei als den „Darling“ vun den einfache Leit duerstellen, wann een op där enger Säit freet, dass déi nächst Indextranche net soll ausbezult ginn, an hei vehement der Regierung...

(Interruption)

...Verrot um Bierger virwërft, wann een hei déi relativ bescheide Steiererhéijung do wot ze proposéieren.

Bei dese Steieren impaktéiert sech net alles honnertprozenteg op den éischte Budget 2011. Dat huet och scho fir Opreegung gesuergt, notamment wat déi nei Besteuerung vun de SOPARFlen ugeet, wou gemengt ginn ass: Wéi ass et da méiglech, d’Regierung huet dat schonn opginn, et ass näischt am Budget virgesinn? Dat huet mat dem Anzéiungsmechanismus ze di vun där dote Steier, déi zwar geschëllt ass ab nächstem Joer, mä déi awer en fait eréischt wäert bezuelt ginn am Ufank vum Joer 2012, déi sech also am Statsbudget wäert voll do eréischt bemierkbar maachen.

Mir begrëssen als LSAP ausdrécklech, dass hei probéiert ginn ass vun der Regierung, och en Équilibre hierzustellen, wat d’Ausrichtung vun de Steieren ugeet. Op där enger Säit d’Steiere fir Privatpersounen: Jo, mir sinn der Meinung, dass een, deen en héicht Akommes huet, sech och ka bei deem nationalen Effort vun der Sanéierung vun den öffentleche Finanzen bedeelegen. Op där anerer Säit si mer och der Meinung, dass och d’Betriber dat solle maachen, wat sécherlech e bësse méi heikel ass an enger Nokrisphas wéi déi, wou mer elo dra sinn.

Mä dofir ass et wichteg, dass mer hei en neie Créneau opgemaach hunn an dass mer gesot hunn: Hei, déi 34.000, 36.000 Sociétés de participation financière, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, et ass net normal, dass déi eigentlech praktesch guer keng Steiere bezuelen. Dofir gi mer op dee Wee hei, fir eng forfaitaire Besteuerung vun deene Gesellschaften do ze maachen. Dat dréit zu méi Gerechtegkeet och an eisem Steiersystem bäi. Dat ass fir eis als LSAP och eng wichteg Komponent vun deem heite fiskale Pak, deen d’Regierung geschnürt huet.

Elo kann ee laang driwwer diskutéieren: Wat ass an deem Konsolidéierungspak vun der Regierung den Undeel vun Ekonomien, also vun Aspuernesser, déi ee mécht bei den Ausgaben? Wat ass den Undeel vu Mehreinnahmen? Wat ass den Undeel vu Steiererhéijungen? D’Regierung huet eng Berechnungsmethod gemaach, wou se am Fong héichgerechent huet bei den Investissementen, wat geplangt gi war, fir auszeginn d’nächst Joer, an doropshin huet se den Aspuerpotenzial berechent.

Dat kann een och anescht maachen. Et kann een einfach soen: Wat gëtt d’Regierung héchstwahrscheinlech 2010 aus? Wat wëllt se 2011 ausginn? An dann ass den Aspuerpotenzial net esou héich, wéi d’Regierung dat uginn huet. Et bleift awer, dass dann - zumindest, wann een déi zweet Method hält - praktesch Steiermoosnamen an Aspuermoosnamen sech am Équilibre halen. Déi pendele sech allen zwee tëschent 200 an 250 Milliounen an. Dat heescht, du hues awer e Pak schlussendlech vun enge 450 Milliounen, wat den Impakt vun all deene Moosnamen do ass, déi steierlech plus déi Moosnamen, déi bei den Aspuerunge geholl gi sinn.

Dat entsprécht awer - dat muss een awer och nach eng Kéier soen - gutt engem Prozent vum PIB. Et kann een also soen, dass, wann déi Moosnamen do net geholl ginn, wa mer déi net kënnen an de Budgetsprojert vum nächste Joer aschreiven, den öffentlechen Defizit dann net bei ronn

engem Prozent läit, wéi de Statec elo virausgesäit fir d’nächst Joer, mä da géif e bei ronn zwee Prozent leie fir d’nächst Joer. Dat heescht, zimlech genau op deemselwechten Niveau wéi dëst Joer. Mir wieren net ee Schratt virukomm.

Dofir si mir der Meinung, dass hei d’Regierung dee richteg Wee geet, dass se och hei e Pak schlussendlech presentéiert huet, deen d’Strooss hält an dee probéiert, och intern e Gläichgewicht duerstellen tëschent Aspuernesser op där enger Säit, méi Steieren op där anerer Säit, Belaaschtung vun de Privathaushalter op där enger Säit a méi Belaaschtung vun eenzelne Betriber op där anerer Säit, ouni domadder - mengen ech awer - iergendwéi d’Existenz vu Betriber a Fro ze stellen.

Et ass also - mengen ech - esou, wéi d’Regierung am Endeffekt dee Pak hei presentéiert. Elo kann een natierlech vill Diskussiounen féieren, ob alles richteg gesteiert gi war vun Ufank un. Ech mengen - ech sinn do och keen Einzelfall -, och an der Majoritéit gëtt et sécherlech Stëmmen, déi soen, do ass munches vun Ufank un net esou gelaf, wéi et hätt kënnen optimal lafen. Ech muss awer och soen -...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...mat aller Kritik, déi ee kann hunn op deem engen oder aneren Aspekt vun der Method haaptsächlech, déi d’Regierung hat, fir un déi Saach erunzegoe bis zu de leschte Wochen -, dass, wann ech elo virdrun de Spriecher vun der DP héieren hunn, ech mer do awer bewosst gi sinn, dass par rapport zu gewësse Flotteementer, déi waren an deene leschte Méint, déi absolut On-gewëssheet, deen absolute Chaos, dee géif mat den DP-Konzepter entstoen, sécherlech net eng Alternativ zu der Regierungspolitik duerstellt.

Ech wëll och hei e bëssen opraume mat...

(Interruption)

...enger Rei vun esou bëlleigen Argumenter, déi ee lénks a riets emol konnt héieren oder och liesen, soen, dass all déi Steieren, déi hei sinn an déi d’Privatpersoune betreffen, eigentlech Steiere sinn, déi net blann den eenzelne Steuerzueler d’selwecht treffen, mä déi probéieren, dat opgrond vu senger Capacité contributive ze maachen, also deem Rechnung ze droen, wat wierklech d’Akommes vun deem Einzelnen ass a progressiv eigentlech dann och deen e bësse méi ze belastschen, dee méi verdéngt, an déi manner ze belasteche bis net ze belastschen, déi wéineg verdéngen.

Ech wëll nach eng Kéier soen: Den Taux marginal trifft nëmme déi ab engem gewëssenen Akommes, wou iwwert d’Halschent vun den Haushalter schonn ausgeschloss sinn. Déi sinn also net betraff vun där dote Moosnam, fir den Taux marginal vun 38 op 39% eropzesetzen.

D’Solidaritätssteuer ass eng Steuer op der Akommessteuer, betrëfft also nëmme déi, déi Akommessteuer bezuelen. Dat heescht, déi ronn 40% vun den Haushalter hei zu Lëtzebuerg, déi keng Akommessteuer bezuelen, wäerten och an Zukunft net een Cent méi Solidaritätssteuer musse bezuelen.

Schliesslech och déi nei Krisesteier, déi elo emol fir ee Joer gëllt, déi en uniformen Taux huet vun 0,8%, mä duerch de Fait, dass awer bei all besteierbarem Akommes de Mindestloun erausgerechent gëtt, immuniséiert gëtt, wat mat sech bréngt, dass déi Leit, déi de Mindestloun verdéngen, null Krisesteier wäerte bezuelen ab dem 1. Januar. Een, deen den duebele Mindestloun bezitt, dee bezilt 0,4% Krisesteier, an een, dee véiermol de Mindestloun de Mount verdéngt, dee bezilt 0,6% Krisesteier, bis hin dann ebe bei den héije Revenu, wou s de da bei 0,799999% am Endeffekt wäerts leien.

Dat wier och kloerzemaachen, dass hei also net blann zougeschloe gëtt, mat der Steieraaxt souzesoen, mä dass wierklech differenzéiert opgrond vum Akommes vun deem Einzelnen eng progressiv Steuerlaascht festgeluecht gëtt, an engem Mooss, mengen ech, wat awer - wann een duerch d’Bank den Niveau vun de Revenuen hei zu Lëtzebuerg kuckt - eigentlech jiddwerengem zouzemuuden ass. Do soll een, mengen ech, keng Polemik domadder maachen; et soll een einfach kucken, a

jiddweree soll sech, mengen ech, d’Fro stellen, wann e säi Paiziedel kuckt, da soll e sech d’Fro stellen: Ass et dann effektiv net vu mir ze verlaangen, dass ech eventuell een, zwee Prozent vun deem Revenu do ofginn, fir effektiv dat Land och e Stéckelche virunzekerien?

Ech mengen, et ass relativ geféierlech - wéi dat virdrun hei beim Virriedner ugeklungen ass -, wann een dobausse géif den Androck ginn, dass mat Spuermoosnamen eleng am Fonctionnement vum Stat op eemol muer d’Gläichgewicht vun de Statsfinanzen do wier. Do ass vläicht nach méi erauszuhuelen. Jo, dofir fuerdere mer och als Kommissioun - ech hunn dat a mengem Rapport geschriwwen -, dass ee sollt en „zero-base budgeting“ duerchféieren am nächste Joer, fir déi Potenzialer nach eng Kéier noze...

► **Une voix.**- Äre Prédécesseur hat dat och gemengt...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Evidenterweis mengen ech, et sollt een deen Exercice do maachen. Mä ze mengen, dass een awer deen Ennerscheid do vun Dépensen an Ausgaben an deem Rhythmus kann eleng domadder zoumaachen, ouni en Effort vun deem Einzelnen ze verlaangen, dee gerecht muss opgedeelt ginn: Dat ass eng geféierlech Politik, déi hei gemaach gëtt! Dat ass eng populistesch Politik, déi net der Realitéit entsprécht. Ech mengen, mir musse jiddwereen drop preparéieren, dass en effektiv muss mat upaken.

Nëmmen eleng ëmmer nëmmen op de Stat ze weisen! Et kéint ee jo gradesou gutt op d’Gemege weisen, wou ee sech och kann d’Fro stellen an dese Stonnen an Deeg, ob d’Gemengen ëmmer hir Sue richteg asetze mat deem, wat se vun Dépensen esou duerchféieren, fir och no baussen opzetrieden! Alles dat, mengen ech, bedeit, dass mer do mussen also virsichteg sinn. D’Positioun ass, net déi falsch Signaler no baussen ze ginn. Et muss en Effort collectif sinn, en Effort, dee gerecht muss opgedeelt sinn op déi eenzel Sparte vun der Gesellschaft. Et ass dee Wee, wou d’Regierung geet.

An d’Regierung huet - wann ech dat kucken - en éischte Schratt gemaach. Eleng! Well d’Oppositionsparteien hunn och do Waasser gezunn. Bei der Gesondheetsreform, do ass eng Strukturreform preparéiert ginn, an ech denken, si wäert och hei vun der Majoritéit gestëmmt ginn...

(Interruption)

...an deenen nächste Joren. Dat ass zënter 1992 déi éischt Strukturreform, déi an deem Domän do stattfënnt. Do si jo vill Leit passéiert, déi grouss Kompetenzen hunn an déi sech net un deen Dossier do erugewot hunn.

Iwwerens - dat ass och ausgerechent gi vun der Sécurité sociale - bréngt dat do et mat sech, duerch déi nei Berechnung, duerch déi Décisioun, déi geholl ginn ass an der Quadripartite, d’Gesondheetskeess plus dee Projet de loi, dee wäert Gesetz ginn, dass dat do wäert och d’öffentlech Finanzen ëm 86 Milliounen verbessern. Mir komme vun engem Defizit, deen nach agerechent war an d’Prognosen, an e Boni eran. Dat mécht eng Differenz vu 86 Milliounen. Dat sinn 0,2% vum PIB hei vu Lëtzebuerg.

An et musse weider Reforme kommen. Da geet et awer net duer, dass, wann da Virschléi kommen, jiddweree seet: „Ah, dat doten, dat wëlle mer awer net“, an näischt anescht proposéiert. Da muss de Courage och do si vu jiddwerengem, dann awer och wien A seet: „Mir wëlle Reformen“, och B ze soen: „Mir maachen déi Reform“. Mir kucken och, fir déi effektiv majoritéitsfäeg ze maachen, net nëmmen am Parlament, mä dobaussen och an der öffentlecher Meinung. Dat ass awer e gemeinsamen Optrag, dee mer hunn, wa mer wierklech all déi Appeller un d’Wichtigkeet an d’Schwierigkeet vun der Diskussioun och selwer seriö huelen.

Fir eis ass et, mengen ech, wichteg als LSAP, dofir hu mer eis vun Ufank un agesat. Ech si frou, dass dat och am Endeffekt esou zrëckbehale ginn ass, dass mer och déi ganz Froe vun der Steuerpolitik wéi och vun de Spuermoosnamen an de Strukturreformen ëmmer progressiv uginn, dass mer eis eng flexibel Aarbechtsmethod ginn, wou mer reagéieren op déi lescht

Entwécklungen, mam laangfristegen Zil fest am A, an dass mer et also och richteg maachen, dass mer net e Spuerpak direkt op véier Joer gemaach hunn.

Wéi géife mer haut dostoen, wa mer probéiert hätt virun engem Joer, eis eens ze setzen op e Moosnamepak fir véier Joer, wann ee weess, dass elo d’Donnéeën zum Deel scho ganz anerer sinn, wéi dat nach am Ufank vun deem Joer de Fall war? Ech wëll awer trotzdeem nach eng Kéier drun erënneren, dass awer an deem Joer 700 bis 800 Milliounen méi Steiereinnahme komm sinn, wéi gemengt gi war, och wa mer nach ëmmer e relativ zolitten Defizit am Statsbudget hunn. Also och déi Donnéeën do muss een zur Kenntnis huelen.

Dat gesot, setze mir eis als LSAP weider a fir eng Steuerpolitik mat Aemooss, déi net wëllt d’Leit an d’Aktivitéiten iwwerbesteieren - dat ass net néideg -, mä déi awer mengt, dass an aussergewöhnleche Situatiounen een och dierf op d’Instrument vun der Steuerpolitik zrëckgräifen, fir aktiv Politik an déi richteg Richtung ze maachen. Et ass an deem Sënn, wou mer deen heiten Text wäerte stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Alex Bodry. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d’Wuert.

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht fir d’Éischt e puer Virbemerkungen iwwer spueren an net spueren an d’Noutwendegkeet, fir ze spueren, oder eventuell net d’Noutwendegkeet ze spueren, respektiv Schold an Netschold. Ech mengen, dat ass jo den eigentlechen Hannergrond, firwat mer iwwerhaupt iwwert déi Mesuren haut diskutéieren.

Ech muss soen, meng Fraktioun huet gewësse Suergen, wa se gesäit, wéi d’Debatt zu Lëtzebuerg am Moment amgaangen ass, sech ze entwéckelen, andeem e bëssen den Androck vermittelt gëtt, dass eigentlech d’Kris eriwwee wier, mer keng Suerge méi bräichten ze hunn, de Wuesstum erëm do wier an donc och d’Schold behuewe wier. Mä ech wëll ganz däitlech soen, dass meng Fraktioun der Iwwerzeugung ass, dass déi Scholden, déi entstane sinn duerch déi Joren 2008 an 2009, dass mir dergéint sinn, dass déi Scholde begläch ginn duerch Sue vun der Zukunft! An ech wëll gär erklären, wat ech domadder mengen.

Wa mer d’nächst Joer 3% Wuesstum kréien oder dëst Joer iwwer 3% - mat grousser Wahrscheinlechkeet - Wuesstum kréien, an eventuell och nach déi Joren duerno, dann, mengen ech, steet un, dass mer déi Plus-value, déi duerch dee Wuesstum do entsteet, hei zu Lëtzebuerg aneschtens asetzen, wéi mer dat an der Vergaangenheet gemaach hunn.

Fir et méi däitlech ze soen: Mir sinn der Meinung, dass déi Plus-valuen, déi duerch deen neie Wuesstum an Zukunft entstinn, musse genotzt ginn, fir d’Zukunft vun deem Land opzebauen, fir nei Nischen ze sichen, eis méi breet opzustellen, aus de Geforen, an deene mer dra sinn - nach ëmmer, déi mer och méi däitlech gemaach kritt hunn duerch déi Joren 2008 an 2009 -, fir dorauserauszekommen.

Et kann net sinn - eiser Meinung no -, dass mat de Sue vu muer d’Schold vu gëschter bezuelt gëtt! An duerfir - mir wäerten dat bei der Budgetsdebatt d’nächst Woch nach méi däitlech maachen, well et ass jo do, wou dat soll diskutéiert ginn - ass et och relativ kloer, dass déijéineg, déi elo en Zeenario molen, wou se soen: „Et ass kee Problem méi, well Dir gesitt jo, d’Recetté ginn erëm erop vum Stat an donc wäerte mer scho wahrscheinlech dann éischter, wa mer einfach déi nei Suen, déi nei Plus-valuen, déi mer kréien, just huelen, fir d’Scholde vu gëschter ze bezuelen, den Defizit vum Stat op null reduzéieren“, dass dat eng Politik ass, wou mir net domadder d’accord sinn.

Wann een dat esou diskutéiert, bréngt dat natierlech déi ganz Debatt ronderëm



d'Spuermoosnamen an och ronderëm d'Steieren an e ganz anert Liicht. Dat mécht et méi schwéier, Politik ze maachen, well da muss een effektiv méi Fantasie och un den Dag leeën a méi kreativ sinn, fir ze beweisen, datt een och fäeg ass, haut déi Scholden, déi mer hunn, déi vu gëschter sinn a vu virgëschter, fir déi ewechze-kréien.

Do spillen d'Steieren eng Roll, mä och nach aner Saachen. Iwwert déi aner Saache schwätzen ech haut net, dat wäert ech d'nächst Woch beim Budget maachen. Well mir hu jo haut net dat um Ordre du jour, mir hunn hei e Pak vu Mesuren um Dësch leien, wou haaptsächlech Steieren dra sinn, an dann nach - iwwregens huet nach kee bis elo doriwwer geschwat, ech wäert dat awer maachen - en zweete Projet de loi - mir solle se jo zesummen diskutéieren -, deen den Här Meyers virgestallt huet, wou et ëm de Forfait d'éducation geet, deen och zum Spuerpak gehéiert, an duerfir wäert ech mech och elo haut just domadder beschäftegen.

Déi gréng Fraktioun ass der Meenung - an dat ënnerscheet eis mat Sécherheet vun deem, wat dës Regierung gemaach huet an deem heite Beräich -, datt een hätt misse generell iwwert de Steiersystem diskutéieren an hätt misse sech eng ganz Rei Froe stellen, wat geschitt ass an deene leschten 20 Joer, an net konzeptlos an e bëssen orientéierungslos e bëssen un där enger Schrauf an en där anerer Schrauf bei de Steieren dréie respektiv eng Rei Mesuren treffen.

Ech fannen eigentlech, datt dat, wat d'Regierung mécht, exzellent an engem Interview am „Télécran“ dës Woch beschriwwen ass vum Erny Gillen, senges Zeechens President vun der Caritas, dee seet, op eng betreffend Fro hin: „Die letzte Neuigkeit ist ja die, dass der «bëllegen Akt» nun doch integral bestehen bleibt.“ An da kënnt awer dee Saz, dee mer besonnesch gutt gefält: „Dies bestätigt, dass die Regierung kein kohärentes Maßnahmenpaket zustande gebracht hat, sondern die Maßnahmen wahllos zusammen-grapschte.“

Et ass genau dat, wat eiser Meenung no passéiert ass. Et ass versicht ginn, um Hannergrond vun enger schwieriger Situation, wéi dës Regierung sech fir d'Éischt a Koalitionsverhandlungen an duerno - e puer Méint duerno - ronderëm d'Spueren zsummefonnt huet, e bëssen Hals über Kopf, e bëssen a Panik hei an do Mesuren zsummenzegräifen. Mä eng Visioun an e Konzept louchen net vir! Eng Visioun an e Konzept hätt misse hei zur Konklusioun féieren, datt ee generell iwwer eise Steiersystem hätt misse eng Debatt lancéieren an eiser Gesellschaft, an zwar aus e puer Grënn.

Deen éischte Grond wier emol gewiescht, datt een d'Steieren hätt misse rehabilitéieren. Dat heescht, et hätt ee misse e Bilan zéien, wat geschitt ass an den 80er, an den 90er Joren an och bis 2008/2009, dat heescht, déi lescht 30 Joer. Den Här Bodry huet eis virdru beschriwwen, wéi d'Steiersätz waren nach ufanks den 80er Joren. En huet zu Recht - menger Meenung no - verdäitlecht, op wat fir engem ënneschten Niveau mer entre-temps ukomm sinn. Wat mir eigentlech do just derbäi feelt, dat ass fir d'Erklärung ze ginn, firwat mer bei deem ënneschten Niveau do ukomm sinn. An, datt domadder eng ganz geziilte Politik verfollegt ginn ass!

An den 80er Joren ass haaptsächlech ënert dem Impuls vun der Madame Thatcher an England a vum Ronald Reagan an de Vereenegte Staten eng ganz nei Politik ageleet ginn, an dat war eben d'Politik vu manner Stat, manner Sozialstat, manner Steieren, awer virun allem manner Steieren natierlech fir déi Leit, déi ganz vill an eiser Gesellschaft verdéngen. An déi Tendenz - si gëtt e bësse karikatural beschriwwen, fir meng Begrëffer e bëssen ze vill karikatural vu verschiddene Leit - ass déi sougenannten neoliberal Tendenz.

Et ass awer an der Praxis e bësse méi komplizéiert wéi dat, mä fundamental ass awer richtig, datt déi Tendenz sech duerchgesat

huet, an datt dat och Europa insgesamt staark beaflosst huet, an datt donc e Steierwettbewerb ugefaangen huet an den 90er Joren a ganz Europa, wou d'Steiere kontinuéierlech nëmmen no ënne geschrauft gi sinn. An déi lescht Etapp hu mir zu Lëtzebuerg gemaach, 2001 an 2002, wou mer e gewaltege Sprong gemaach hu bei der Betriebsbesteuerung, wou mer de Kierperschaftssteiersaz fir d'Éischt vun 30 op 22% erofgeschrauft hunn, an dann eng Etapp duerno nach op 21 erofgaange sinn, a wou mer de Spätzesteiersaz nach eng Kéier ëm 8% op ee Coup reduzéiert hunn.

Selbstverständlech sinn zu deem Moment och liicht Adaptatiounen, oder Adaptatiounen komm fir d'Ufanks-, fir déi méi kleng Gehälter oder och Mëttelgehälter. Mä de Gros vum Kuch ass verdeelt gi vun uewen, pardon, vun ënnen no uewen. Dat heescht, de Gros vun deem Kuch hu profitéiert Leit, déi héich Revenuen haten, respektiv virun allem d'Betribler profitéiert.

Mir hunn dat zu Lëtzebuerg gemaach, net well déi deemoleg Regierung gemengt huet, et géif hinnen näischt Besseres afaalen, mä well et ënnert dem Drock geschitt ass vun der internationaler Situation, evidenterweis, a well et an der Logik fonctionnéiert huet, datt dat der Weisheit letzter Schluss wier, fir d'Steiersätz vu Groussverdénge a Betribler méiglechst ëmmer méi no ënnen ze schrauwen.

Et ass an Europa esou wäit gefouert ginn, datt ebe Länner, wéi zum Beispill dat Land, wat de Moment um Bord vun der Faillite steet, Irland, e Kierperschaftssteiersaz huet, deen ënner 13% läit, deen och Lëtzebuerg dann nach, erëm eng Kéier Dumping gemaach huet op Lëtzebuerg, zum Beispill op der Finanzplaz. Mä generell war d'Tendenz ganz staark no ënnen an deenen neie Länner, déi bäikomm sinn an den 90er Joren. Haaptsächlech zum Beispill an de baltische State si verréckt niddreg Steiersätz, sinn „flat taxen“ agefouert ginn, wou all Progressivitéit, dat heescht och all Gerechtigkeit aus dem Steiersystem erausgeholl ginn ass. An dat huet eis zu där Situation gefouert, an där mer haut sinn.

Duerfir si mir och der Iwwerzeegung, datt d'Problemer vun der Finanzcapacitéit vun deenen eenzelne Länner an Europa, vun en alle 27, kann een entre-temps soen, och domadder ze dinn hunn, oder virun allem domadder ze dinn hunn, datt mer bei de Steiersätz esou wäit erofgefuer sinn, datt natierlech bei der éischter Kris, wou kënnt, déi eenzel State Problemer kréien, fir d'Enner nach beieneen ze kréien.

Wëssend, datt mer an Europa Gott sei Dank awer nach e Sozialsystem hunn a sozial Netzer hunn an eng sozial Ofsécherung hunn, déi eng aner ass wéi zum Beispill an de Vereenegte Staten oder op aner Plazen an der Welt, mä déi net méi ze halen ass, wann d'Steiersätz esou niddreg sinn, a gläichzäiteg de Wuesstum net méi an deem Mooss ass, wéi e vläicht nach virun e puer Joer war.

Virun allem gëllt dat fir Lëtzebuerg, wou mer e Wuesstum haten, dee wäit iwwer 4% hat. Mir hunn ëmmer do virdru gewarnt als Gréng, an ech stelle fest, datt mer ënnert dem Stréch op der ganzer Linn leider Recht kritt hunn. A mir sinn nach net um Enn ukomm mam Misär, dee mer domadder wäerte kréien.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Bausch** (déi gréng). - Duerfir mengen ech, menge mir och, datt ee misst eng generell Diskussioun féieren iwwert d'Steieren an eiser Gesellschaft, d'Verhältnis vun der Besteuerung tëschent Aarbecht a Kapital, zum Beispill.

Wa mer déi Diskussioun net féieren a wa mer esou weiderfueren a mengen, mir kéinten all Problemer, déi mer aus der Kris hunn - an ech si mer zimlech sécher, oder meng Fraktioun ass sech zimlech sécher, datt mer mat där Kris hei nach net um Enn sinn, op alle Fall wäerte mer bäi Wäitem net méi déi Wuesstumszuele kréien, déi mer haten an der Vergaangenheet -, wa mer da weider net déi doten Diskussioun féieren a mengen, mir kéinten d'ganz Fraisen an d'Käschte vun der Gesellschaft op déi ënnescht bis Mëttelschichten an der Gesellschaft ofwälzen, da soen ech lech, da kréie mer sozial Opstänn an Europa, wéi mer se scho laang net méi kannt hunn!

Da kréie mer politesch Instabilitéiten, déi ginn net ganz flott. An en Deel dovunner gesi mer de Moment schonn. Kuckt lech un, wat an Holland geschitt ass. Kuckt lech un, wat an Eisträich amgaang ass ze geschéien. Kuckt lech un, wat an der Schwäiz geschitt. Dat sinn Ausdréck dovunner. Dat sinn Ausdréck dovunner vu Leit, déi ufänken net méi ze wëssen, wat lass ass; déi d'Politik als incapabel ugesinn, fir nach ze reagéieren op dat, wat geschitt ass. An dat huet virun allem mat deenen Elementer ze dinn.

En zweete Punkt, iwwert dee mer musse bei de Steieren diskutéieren, dat ass déi ökologesch Dimensioun. Och do wäert ech d'nächst Woch a menger Budgetsried nach eng Rei Saache méi am Detail soen, iwwert d'Geforen, déi do op eis zoukommen. Mä et ass och kloer, datt, bei enger genereller Diskussioun iwwer Steieren, mer déi ökologesch Komponent absolut misste berücksichtegen, erabrénge, an dat mat zimlecher Konsequenz.

Dat hätt och zum Beispill bedeit, datt ee misst kucke generell eis Abatementer, déi mer hunn, sougutt fir Betribler wéi och fir Privatpersounen - do ass et zwar manner, do spillt et eng manner grouss Roll -, mä generell d'Abatementer ze duerchforsten, ze kucken, wou mer kënnen Émschichtungen maachen, wou mer och kënne Suen aspueren. Et si vill Saachen, déi mer am leschte Jorhonnert geschafen hu mat enger gudder Intention, déi mat Sécherheet haut net méi zielen.

An ech wëll och hei soen, datt effektiv, wann een iwwer Steieren diskutéiert, iwwer Steiererhéijungen diskutéiert, kritt een ni geklappt, an iwwer Steierreduzéierungen diskutéiert, krut een op alle Fall an de leschte Jore bal ëmmer geklappt - dat ass richtig -, mä ech wëll awer soen, datt mer müssen eis gutt bewosst sinn, wem een heiansdo klappt.

Ech wëll dat un engem Beispill festmaachen. Natierlech ass et esou, datt jiddwereen am léifste keng Steiere géif bezuelen. Mä d'Steiere ginn erhuwe fir eng Rei Saachen an eiser Gesellschaft. Dat Éischt ass, fir datt iwwerhaapt Infrastrukture kënne geschafe ginn; fir datt mer kënnen zum Beispill garantéieren, datt mer Gott sei Dank en öffentleche gratis Bildungssystem hunn; fir zum Beispill sozial Ausgläicher ze schafen. D'Steiere spillen eng Roll also och vu sozialer Ëmverdeelung.

Ech wëll un engem Beispill däitlech maachen, datt een net dat eent an dat anert kann hunn, an datt dat eng Kéier an der Öffentlechkeet muss diskutéiert gi mat der Bevölkerung, datt een net kann zum Beispill op där enger Säit jäizen, wann de Stat seet, ech setzen d'Steier... d'Kannergeld, pardon, limitéieren ech elo op 21 Joer, an dann eng Well vun Entrüstung duerch d'Gesellschaft geet, mer quasi e Volleksopstand kréien, datt dat bäibehale gëtt, an ee sech net d'Fro stellt, wou déi Suen dann eigentlech hierkommen, déi zum Beispill geholl ginn, fir datt dat Kannergeld bis 26 Joer kann ausbezuelt ginn.

Wa mer gär alleguer hätten, datt jiddwereen d'nämlecht, an och nach bis 26 Joer, a méiglechst héich a gutt ausgestafféiert Kannergeld kritt, da muss op där anerer Säit och ee Steiere bezuelen, fir datt de Stat déi néideg Moyaenë kritt, fir dat Kannergeld ze bezuelen, zum Beispill.

Donc spillt de Stat a spillen d'Steieren eng wichteg Roll an der sozialer Ëmverdeelung, an dat sollen all d'Leit emol bedenken, wa se de Moment viles gezielt kréien iwwer Steierreduktiounen, oder d'Steieren zum Beispill insgesamt net ze erhéijen. Mir hätten, wéi gesot, éischter versicht, déi Diskussioun ze féieren iwwert déi Verhältnisser do, an dann deementspriedend selbstverständlech och eng Rei Saachen am Steiersystem ze maachen.

Wat eis awer besonnesch stéiert un deenen - niewent dem Fait, datt déi generell Diskussioun net gefouert ginn ass - Mesurë vun der Regierung hei, dat ass, datt mer der Iwwerzeegung sinn, datt se total ongerecht an déséquilibréiert sinn. An ech wëll dat u Beispiller herno däitlech maachen.

Wat eis awer och stéiert, dat ass, datt mer bei de Steieren nach ëmmer een Deel net wëssen. Et ass an enger Bipartite mat de Patronatsorganisatiounen festgemaach ginn

oder festgehalde ginn, datt de Mindestloun op den 1. Januar, mä virun allem awer d'Indextranche, déi d'nächst Joer dann eventuell erfält, datt déi géif kompenséiert ginn un d'Betribler. De Statec huet eis an der Kommissioun erkläert, wa mer de Mindestloun kompenséieren, dat géif de Stat ongeféier 40 Milliounen Euro kaschten, geschätzt.

Bei der Indextranche soen ech lech, ech hu kee genaue Chiffer, mä ech si sécher, et gëtt vill, vill méi wéi dat, an et gëtt jo keng 26 Méiglecheeten, fir dat ze maachen. Mir dierfe jo net d'Betribler direkt subventionéieren. Dat wier géint all europäesch Regeln. Déi eenzeg Méiglechkeet, déi mer hätten, dat ass iwwert d'Steieren. Da musse mer kucken, datt mer fir d'Betribler d'Steieren nach eng Kéier esou erofsetzen, oder iwwer zousätzlech Abatementen, wat och ëmmer - einfach géif et souwisou net ginn, wann een et wëllt maachen -, datt mer dat da kompenséieren. Dat gëtt en zousätzleche Käschtepunkt fir de Stat, e Manque à gagner, dee gëtt gewalteg!

An och dat ass eppes, wat eis stéiert, well mer do keng Detailer hunn. Ech krut an der Kommissioun gesot, d'Regierung kënnt dat net matdeelen, well et wier am Dezember nach eng Ronn mat de Patronatsorganisatiounen, a si kënnte jo elo nach net soen, wat am Dezember erauskeim. Ech muss awer soen, ech fannen dat eng seltsam Logik, well mir diskutéiere jo awer hei iwwer Steieren, déi en Afloss hunn op de Budget vun 2011 an doriwwer eraus. A wann eppes sollt décidéiert ginn, da wéisst ech awer gär, ier ech iwwert de Budget schwätzen, wat dann d'nächst Joer eventuell kënnt.

An dat Zweet ass, mir maachen déi Saache jo hei, fir mëttelfristeg d'öffentlech Schold ofzebauen. Donc huet et net nëmmen en Impakt jo op eis Diskussioun, oder soll et net nëmmen en Impakt hunn, an och dat, wat mer décidéiere fir 2011, mä fir och déi Joren duerno. Duerfir misst een dat op alle Fall wëssen, wat do kënnt, onofhängeg vun der Meenung, déi een iwwerhaapt dozou huet, ob een dat richtig oder falsch fënnt. Ech soen awer direkt fir eis Fraktioun, datt mir et absolute Blödsinn fannen, dat ze maachen, an och komplett falsch fannen, dat ze maachen.

Bei de Mesurë fanne mer awer och, datt déi eenzel Mesuren en plus schlecht gewielt sinn. Ech wëilt bei där éischter ufänken, dat ass den Taux d'imposition maximal, also de Spätzesteiersaz, 1% erop. Ech soen hei ganz däitlech, mir hätten deen 2% eropgesat, wa mer eppes gemaach hätten. Mä nach eng Kéier, mir hätten awer fir d'Éischt emol iwwer eng generell Steierreform diskutéiert.

Mä an deem Kontext, wann ech da schonn hei eng Measure wëll eraushuelen, fanne mer, datt een duerchweegs hätt kënnen 2% do eropgoen amplaz 1%, aus och de Grënn, wou ech gesot hunn, datt staark Schëllere méi kënnen droen, an datt mer de Spätzesteiersaz 2002, 2001, pardon, ëm 8% erofgesat hunn, an dat absolut net dramatesch gewiescht wier.

Mir hätten och ganz kloer de Forfait kilométrique, also d'Frais de déplacement, d'Halbéierung dovunner, mir hätten déi bestoe gelooss. Och aus engem ganz einfache Grond, well mer éischters net derfir waren, wéi dat agefouert ginn ass, well mer der Meenung sinn, datt et ökologesch gesinn en absolut falsch Signal ass, wat do gemaach gëtt, wat do virgezeechent gëtt. Donc hätte mir déi Measure bestoe gelooss, ganz kloer. Donc Aspuerung: 50 Milliounen. Wann ech dann déi 40 Milliounen derbäirechne vun dem 1% méi Spätzesteiersaz, da sinn ech schonn op 90 Milliounen.

Bei der Solidaritéitssteuer hu mer kee Problem, datt d'Solidaritéitssteuer gehéicht gëtt. Mir hunn awer e Problem domadder, iwwert d'Verdeelung, déi hei geschitt. Wann ech gesinn, datt bei de physische Persounen eng Erhéijung vu 60% kënnt, bei de Betribler awer nëmmen eng vu 25% vun der Solidaritéitssteuer, a wann ech gesinn, datt d'Recette supplémentaire bei de physische Persounen 43 Milliounen ausmécht, bei de Betribler nëmmen 12 Milliounen, da fannen ech dat ongerecht. Dann ass dat eng ongerecht Verdeelung, a ganz kloer kënne mer mat där net d'accord sinn. Mir sinn der Meenung, hei hätt



ee missen eng équilibréiert Verdeelung maachen tëschent engersäits de physische Persounen an den Entrepreneuren.

Dann déi ominéis nei Krisesteier. Mir sinn der Meinung, dass déi nei Krisesteier e falsche Wee ass, well déi jiddwereen trifft. Et gëtt zwar liicht Ofstufungen dran, mä si huet net déi Progressioun wéi zum Beispill d'normal Progressioun an engem Steiertarif. An donc ass et och net richtig, wann den Här Bodry einfach esou pauschal seet, et wier eng Progressioun dran. Et sinn Ofstufungen dran, dass ass richtig, mä déi sinn awer net esou, wéi mir mengen, dass se misste sinn, zemools wann een u sozial Gerechtigkeit denkt.

Mä virun allem fanne mer et net richtig an net gutt, dass mer heimadder d'Leit alleguere belaaschten, egal wat fir ee Revenu se hunn. Mir fannen dat total sozial ongerecht. Mir hätten déi net agefouert. A mir gesinn éischer den 1% méi beim Spätzesteiersatz als Contrepartie zu der Netaféierung zum Beispill vun der Krisesteier. Mir mengen, dass dat, vun engem soziale Standpunkt hier, méi gerecht wier. A mir mengen och duerchweegs, dass dat keng Zoumuddung gewiescht wier fir déi Leit, déi do am Fall sinn.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass ënnert dem Stréch, wann een an enger gesamter Steuerreform de Leit erkläert, och d'Zilsetzungen erkläert, dass een och duerchweegs Verständnis fënnt bei Leit, déi méi verdéngen, dass déi bereet sinn, och dann deementspreechend an enger schwieriger Situation méi ze bezuelen. Et gëtt der sécher och, déi dat net wëllen. A souwiesou ass ni ee frou driwwer, méi mussen ze bezuelen. Ech och net. Am léifsten hätt ech och all meng Suen a menger eegener Täsch. Mä ech mengen awer, wann een et gutt erkläert an de Solidaritéitsgedanken erkläert an der Gesellschaft, den awer muss kënne spillen, da kann een duerchweegs domadder eens ginn an domadder liewen.

Dann, ofschléissend, wollt ech nach zu der Mammerent soen, oder zum Forfait d'éducation, wéi e richtig eigentlech heescht, dass mir selbstverständlech higange wieren a mir hätte gesot, mir loosse den Forfait d'éducation auslafen. Dat heescht, mir hätten net dat gemaach, wat d'Regierung seet, mir setzen d'Altersgrenz erop vu 60 op 65. Mir hätte gesot, all déi, déi et elo hunn, déi sollen et behalen, mä et kënnt keen Neie méi derbäi. De Spuereffekt dovun wier enorm grouss gewiescht.

Ech soen dat aus deem einfache Grond, well mer deemools bei der Aféierung dovunner och net derfir waren, fir se anzeféieren, a well mer deemools gesot hunn, mir hätte besser gehat, mir hätten déi Suen agesat, zum Beispill fir zum Deel och lwwergangsléisunge matzefinanzéieren, déi mer mat Sécherheet mussen eng kéier finanzéieren, wa mer d'Rente wëlle reforméieren. Wa mer wëllen op e System erauskomme vun individualiséierte Rechter, zum Beispill, wa mer op e System wëllen erauskommen, wou all Mensch an eiser Gesellschaft, egal ob e berufstätig ass oder net, eng eegen, en eegene richtige Rentenanspruch soll kréien.

Mir waren deemools dergéint, géint de Forfait d'éducation. Mir hu fonnt, dass dat just zwar och erëm bei deene Leit aus verständleche Grënn gutt ukënnt, dass se dat kréien, dass se och frou sinn, dass se dat hunn, mä, dass am Endeffekt, éischters, keen et gefrot hat zu deem Zäitpunkt an, zweetens, een déi Suen hätt kënne an aus soziale Grënn besser uleeën.

Mir sinn elo der Meinung - dass ass ëmmer esou an enger Gesellschaft, wann ee bis eppes geschafen huet, ass et schwéier, et einfach ganz ofzeschaffen -, duerfir hätte mer deene Leit, deene Persounen, déi et elo sollen hunn, et solle loosse, mä e Stréch sollen zéien a soen, ab 1. Januar 2011 komme keng Nei méi derbäi. Dat wier sécherlech och en décke Spuereffekt gewiescht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll lech nach en Zitat zitieren aus dem Erny Gillen sengem Interview, den ech wierklech ganz gutt fonnt hunn, a wou ech och virun allem der CSV - well den Här Gillen ass jo President vun der Caritas, dass heescht, dass ass eng Organisation, déi aus dem kierchlechen Ëmfeld

kënnt - géif nëmmen uroden, den Interview ze liesen a sech den zu Härz ze huelen.

An ech géif wëllen dat zitieren, wat en als Schlusskonklusion seet, wou e gefrot gëtt: „Was sind Ihre größten Sorgen für 2011?“ An do äntwert en: „Dass wir es nicht schaffen, langfristige Perspektiven aufzustellen. Die Regierung sollte Foren ins Leben rufen, um mit allen Gesellschaftsschichten ins Gespräch zu kommen. Ich glaube, viele Bürger wären bereit dazu. Ich bin auch überzeugt, dass viele Leute bereit wären, auf ein wenig Geld zu verzichten, wenn ihnen der Grund für diesen Verzicht einsichtig wäre und sie dadurch zu einer gerechteren und nachhaltigeren Welt beitragen könnten. Man muss mit den Menschen reden und sich Zeit nehmen für die wichtigen Dinge im Leben. Wirtschaftsminister Jeannot Kreckes Credo: „no time, no rest“ (*veuillez lire: There's no time for a rest!*) würde ich entgegenhalten, dass das, was wir jetzt brauchen, Zeit ist, um nach- und vorzudenken.“

Mir kënne mat deem nëmmen d'accord sinn, mat där doter Konklusion. Virun allem awer mat dem Aspekt, wou ech gesot hunn, dass d'Leit bereet sinn, och op Saachen ze verzichten, wa se wëssen, dass se duerno méi eng gerecht Welt kréien, méi eng nohalte Welt kréien. Leider hunn awer déi Mesuren, déi hei virgesi sinn, net déi Visioun. A leider sinn déi just gemaach ginn aus deene Grënn, wou ech am Ufank erkläert hunn. A leider si se eis och ze vill sozial ongerecht, duerfir wäerte mir dergéint stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här François Bausch. Elo kritt d'Wuert den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn haut de Mëtteg an engem Punkt um Ordre du jour direkt zwee Gesetzesprojeten, engersäits de Steierpak an déi aner Säit de Forfait d'éducation, d'Mammerent. Ech wäert an ëmgedréiter Form virgoe wéi meng Virriedner. Ech wäert fir d'Éischt iwwert d'Mammerent schwätzen, duerno iwwert de Steierpak. A wann da meng Zäit géif zu Enn goen, meng Riedezäit, da géif ech d'nächst Woch bei de Budgetsdebatten am finanzpoliteschen Deel weiterfueren.

Här President, den Här Rapporteur Paul-Henri Meyers huet de Mëtteg e relativ kuerze Rapport iwwert d'Erofsetze vum Alter vu 65 op 60 Joer vun der Mammerent heibanne gemaach. Sécherlech hat hien...

(**Interruptions**)

...vu 60 op 65 Joer erop gemaach.

Sécherlech hat hie seng gutt Grënn derfir, fir sech relativ kuerzzefaassen, well wann een zréckkucke geet op d'Joer 2002, wéi d'Mammerent hei agefouert ginn ass, an et liest een dann, wat deemools den CSV-Rapporteur Jean-Marie Halsdorf gesot huet, da versteet een, firwat d'CSV haut praktesch nach kee Wuert heibannen an hiren Interventiounen iwwert d'Erofsetze vum Alter vu 60 op 65 Joer bei der Mammerent gesot huet. Et ass just gesot ginn, an engem Saz, et géif Geld doduerch gespuert ginn.

Den Här Jean-Marie Halsdorf huet iwwert d'Gesetz vum 28. Juni hei an der Chamber gesot, ech zitieren: „D'Aféierung vun engem Forfait d'éducation stellt déi konkret Ëmsetzung vum politesche Wëllen duer, d'Erzëigungsarbecht vun den Elteren an haaptsächlech vun de Fraen, déi sech keng Rentenversicherungscarrière opbaue konnten, oder déi hir Erzëigungsarbecht net am Kader vun hirer Pensioun unerkannt kruten, materiell ze valoriséieren. Et ass eng Fro vu Gerechtigkeit.“ - sot en. „Déi Fraen - vu dass et meeschtens Frae waren, an och nach sinn -, déi sech der Famill gewidmet hunn an d'Kanner groussgezunn hunn, hunn der Gesellschaft e groussen Déngscht geleescht, ouni dass se bis elo eng Kompensatioun fir hir Aarbecht an Efforté kruten. D'Fraen ouni Rentenversicherungscarrière sollen duerch d'Aféierung vun dieser neier sozialer Prestatioun, déi mat kenger anerer vergläichbar ass (...), hir Aarbecht am Interessi vun der Gesellschaft unerkannt kréien.“

Dat ass en Zitat, d'Wierder vum CSV-Rapporteur iwwert d'Gesetz bei der Aféierung vun der Mammerent am Joer 2002. Haut verschlechtert des CSV/LSAP-Regierung dës Gesetz massiv zu Ongonschte vun dese Mammen. 2002 stoung och am Projet de loi den Alter vu 65 Joer, an d'Kommissioun huet deemools den Alter opgrond vun engem Amendement vu 65 op 60 erofgesat.

Och hei, Här President, wëll ech am Fong de Rapporteur fir d'Éischt zitieren, firwat dass deemools den Alter vu 65 op 60 Joer erofgesat ginn ass: „D'Alterslimite ass op 60 Joer festgeluecht ginn, fir der Realitéit vum Rentenastiegsalter Rechnung ze droen an op deem Niveau nei Ongerechtigkeiten ze vermeiden. Et ass eng Tatsaach, dass, wann de legale Pensionsalter bei 65 Joer läit, déi meeschte Leit vill méi fréi a Pensioun ginn. D'Moyenne läit bei ongeféier 57 Joer, prezis sinn et 57,3 Joer bei de Männer, 56,8 bei de Fraen am Joer 1999.“

Leit, déi duerschnëttlech mat 57 Joer a Pensioun géife goen, kéinte vum Effet péculaire, dass heescht der Geldleeschtung vum Forfait profitieren, déi aner, déi keng eeg Pensionsrechter hunn, hätten der éischer Textvirlag no ongeféier aacht Joer méi laang misse waarden, fir déiselwecht Geldleeschtung ze kréien. Dese Ënnerschied gouf vun der Kommissioun als ze vill grouss emfonnt, an duerfir si 60 Joer zréckbehale ginn. D'Leit, déi also net op dem Wee vun der Pensioun vun dieser Leeschtung profitieren, kréien elo d'Méiglechkeet, de Forfait ab 60 Joer unzefroen.“

Et ass also ganz kloer vum Rapporteur gesot ginn, firwat dass mer vu 65 op 60 Joer erofgaange sinn. Duerfir verstinn ech och, dass et haut ganz schwéier war, fir net ze soen onméiglech fir den CSV-Rapporteur vun haut, fir ze erklären, firwat dass een haut vu 60 op 65 Joer eropgeet, well do duerch nämlech haut all déi Ongerechtigkeiten, déi 2002 de Rapporteur gesot huet, déi mer ofgeschaf hunn, duerch dat Gesetz vun haut ginn all déi Ongerechtigkeiten erëm agefouert.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mä d'Chamberskommissioun huet duerfir proposéiert, en Amendement ze maachen, fir vu 65 Joer op 60 Joer erofzagoen. An och de Statsrot huet deemools geschriwwen, wéi mer dat Amendement agreecht hunn, fir vu 65 op 60 erofzagoen: «Force est de constater que le seuil prévu de soixante-cinq ans créerait une situation inégalitaire à laquelle le présent amendement tend de remédier en fixant l'âge d'attribution du forfait d'éducation à soixante ans. Conformément au souhait exprimé par le Conseil d'État, l'âge d'attribution du forfait d'éducation est ainsi rapproché de l'âge moyen d'octroi d'une pension personnelle.»

Also och de Statsrot huet sech déi Iddi zu eeg gemaach an huet et och verlaangt. Awer iwwert d'Zäit, kuckt een elo haut, huet de Statsrot och e formidable Sënneswandel matgemaach. Well, wann ee säin Avis liest dës kéier zu dem Projet de loi, wou den Alter also vu 60 op 65 Joer eropgesat gëtt, schreift de Statsrot: «Cette mesure est justifiée, selon l'exposé des motifs, par le souci de faire des économies afin de redresser les finances publiques.»

Dat heescht, et geet also guer net méi ëm Gerechtigkeit oder Ongerechtigkeit, och net méi beim Statsrot, wou ech do awer gemengt hunn, dass wier eng vun den éischte Missiounen vum Statsrot, mä et geet nach just vun de Finanzen Rieds. Et ass also just eng reng finanziell lwwerleung, déi hei gemaach gëtt.

Wann een da kuckt, Här President, wat alles, an ech wäert nach drop kommen, duerch déi heite Moossnam agespuert gëtt, da gesäit een eréischt, wéi absurd dat Argument do ass.

Wat nach absurd ass, dass ass, dass dat heiten eng Leeschtung ass oder eng Ännerung ass, déi vun engem Dag op deen aneren a Kraaft trëtt. Dat heescht: Eng Mamm, déi den 31. Dezember dës Joer nach 60 Joer kritt, déi kritt nach d'Mammerent, an eng Mamm, déi den 1. Januar 2011 hir 60 Joer kritt, déi kritt déi Mammerent net!

Eis si Fäll bekannt souguer vun enger Mamm, déi den 2. Januar hir 60 Joer kritt, déi véier Kanner huet, an där Fra ginn elo ronn 20.000 Euro duerch dat heite Gesetz verluer. All Mamm, déi nom 31. Dezember, also vum 1. Januar un, hir 60 Joer kritt a keng eeg Rent huet, verléiert pro Kand, wat se op d'Welt gesat huet an erzunn huet, ronn 5.000 Euro.

Wann een dann de Käschtepunkt kuckt, wou mer ugi mat 1,5 Milliounen Euro fir d'Joer 2011, 3,1 fir d'Joer 2012 a 15 iwwert déi ganz Legislaturperiod, iwwert déi fënnef Joer, dann ass dat e lächerleche Betrag. Wa mer gesinn, wéi hei an deem Land weiderhin d'Steiergelder zu der Fënster erausgehäit gi sinn, ass dat heiten e lächerleche Betrag, fir bei deem Budget, bei dese Moossnamen, déi d'Regierung mécht, wëllen hei 1,5 Milliounen d'Joer ze spueren, an domadder alleguerten déi Mammen esou nodeelhaf ze behandeln, wéi dat hei de Fall ass.

An dat just, wéi de Statsrot seet: „afin de redresser les finances publiques“. 1,5 Milliounen, dass ass hei e Redressement vun den öffentleche Finanzen. D'Mammen hunn elo emol ebe keng Lobby. Well, wa mer kucken, wat an deene leschte Wochen a Méint hei geschitt ass, hunn alleguerten déi aner Lobbyen hei am Land sech duerchgesat. Jiddwereen huet déi Saachen, huet d'Regierung noginn an déi Moossname fale gelooss, déi iergendwéi vun engem Lobbykrees hei gefuerdert si ginn. Just bei de Mammen, do gëtt op déi geklappt vun enger chrëschtlech-sozialer Vollekspartei un alleréischer Stell.

Och d'Chambre des Salariés an d'Chamber vun der Fonction publique hu sech ganz kloer géint dës Moossnam ausgedréckt a si hu verlaangt, dass dës Gesetz net soll gestëmmt ginn.

Wann ech dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei an d'Chamber erakucken an ech gesinn alleguer déi Leit, déi an de Gewerkschaften aktiv sinn, déi den 1. Mee sech an den éischte Reie virdrängen, déi op de Kongresser sech virdrängen - ech denken do un d'Kolleege Robert Weber, Marc Spautz, Ali Kaes, Vera Spautz, Roger Negri, Lucien Lux, an et kéint een der nach vill heibannen nennen, déi sech op de Kongresser vun de Gewerkschaften an op den 1.-Mee-Manifestatiounen virdrücken -, da kann ech mer awer net virstellen, dass déi hei ee Gesetz stëmmen, wat contraire zu deem ass, wat hir Gewerkschaften iwwer hir Chambers professionelles an och déi vun der Fonction publique...

(**Interruption**)

...hei an hirem Avis gemaach hunn.

Net méi spéit wéi haut de Mëtteg stoung eng vun deene Gewerkschaften hei...

(**Interruption**)

...virun der Dier, Här President.

An ech liesen lech dat, wat se ausgedeelt hunn. Déi Gewerkschaft, et ass de Landesverband: „Durch ihre Aktionen müssen die Gewerkschaften Einfluss auf die Entscheidungen der Parteien nehmen. Insbesondere diejenigen Politiker, welche die Freunde der freien Gewerkschaften sein wollen, müssen verstärkt sensibilisiert werden.“

Ech si gespaant, wa mer herno hei ofstëmmen, Här President, ob déi Sensibiliséierungscampagne vun deene Gewerkschaften op fruchtbare Buedem gefall ass, oder ob d'Mandatsträger vum OGB-L, vum LCGB, vum Landesverband, Syprolux, vun der CGFP heibannen, ob se hire Gewerkschaften an de Réck falen.

Selbstverständlech sti se d'nächst Joer den 1. Mee erëm an der éischer Rei an applaudieren do d'Gewerkschaften, wa se hir kämpferesch Riede wäerten halen, a vergiessen dann, dass se hei an der Chamber permanent hinnen an de Réck falen.

(**Interruption**)

Här President, mat deem Schrack, et ass net den éischte familljefeindleche Schrack, den dës Regierung mécht. An ech erën-



neren un d'Desindexéierung vum Kanner-geld, déi hei gemaach gouf. Ech erënnere un d'Aféierung vun de Chèque-servicen, wou quasi alleguerten déi Mammen, déi doheem bleiwen, fir d'Kannerbetreierung ze maachen, net kënnen dovun profitéieren, et sief, si géifen hir Kanner och an eng Struktur ginn. Mä déi Mamm, déi wëllt wierklech doheem bleiwen - an der Regel ass et d'Mamm, et kann och de Papp sinn -, déi awer wëllt doheem bleiwen, déi Mamm kritt vun dëser Regierung soss näischt - erlaabt mer den Ausdrock - wéi d'Féiss an den Aasch.

Hei gëtt keng Familljepolitik méi gemaach, Här President. Déi Mammen, déi d'Kanner, hei gëtt eng Politik gemaach, hei ass eng kloer, eng systematesch familljeindlech Politik. D'Mamme muss schaffen goen an d'Kanner mussen a staatlech Obhut kommen. Et ass dee rengste familljepolitesche Kommunismus,...

(Interruptions diverses)

...deen hei an dësem Land bedriwwen gëtt. An d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet eng Kéier gesot: „Mir müssen nach méi Fraen un d'Schaffe kréien.“

Dat war deemools, Här President, kee Verspreecher, dat war de kloeren Ausdrock vun engem politesche Wëllen, deen och duerno systematesch ëmgesat ginn ass.

D'ADR verlaangt duerfir, datt de Stat sech net an d'Familljen anzemeschen huet. D'Familljen hu selwer driwwer ze decidéieren, wéi se hir Famill organiséieren, ob se d'Kanner wëlle selwer erzéien oder ob se se wëllen an eng staatlech oder eng privat Struktur ginn. Duerfir soll de Stat flächendeckend Infrastrukturen zur Verfügung stellen, fir datt d'Famill iwwerhaapt de Choix kritt, fir kënnen ze wäelen. De fräie Choix tëscht Beruff a Famill muss eng Famill iwwerhaapt kréien.

D'Zesummeleeë vun alle familljepolitesche Leeschtungen an ee Familljegeld hu mir als ADR verlaangt, wat all Famill no soziale Kritäre soll kréien, an d'Famill selwer decidéiert, wéi se dat Geld investéiert. An enger Famill, wou decidéiert, datt een Elterendeel doheem bleift, fir d'Kannererzéierung ze maachen, muss een Deel vun dem Familljegeld geholl ginn, fir obligatoresch an d'Pensiounskeess anzebezuelen, fir datt och d'Mamm do eege Pensiounsrechter kritt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, ech hunn extra nach eng Kéier am Wahlprogramm vun der Chrëschtlech-Sozialer Vollekspartei a vun der Lëtzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei nogekuckt. Ech hu geduecht, dat do ass eng wichteg Neierung. Vu datt een awer virun allem bei der CSV dovun muss ausgoen, an hirem chrëschtleche Wiesen, datt se grondéierlech sinn, hunn ech mer geduecht, déi hunn dat bestëmmt an hirem Wahlprogramm ugekënnegt gehat. Mä dat ass net esou: Kee Wuert steet an hirem Wahlprogramm! Virun de Wahle si se bei d'Mamme blimle gaang a Cadeauen ausdeele gaang a schmiere gaang, an no de Wahle gi se hei richteg gestrach, si gi fale gelooss. Just d'Mamme ginn hei méi massiv gestrach.

Duerfir soen ech, Här President, d'Politiker oder d'Parteien, déi dëst Gesetz stëmmen, déi dierfen ni méi de Mond opdoen, wann driwwer geschwat gëtt, fir eng sozial Ofsécherung vun der Fra oder der Mamm opkommen ze loosse. Déi dierfen ni méi de Mond opdoen, wann et heescht, d'Unkennung vun der Erzéiungsaarbecht vun enger Mamm am Interessi vun de Kanner an eiser Gesellschaft. Alleguer, déi dat heite Gesetz stëmmen, déi sollen nëmmen ni méi de Mond opdoen, si wiere fir d'Famill; si wieren, fir datt d'Mamm soll d'Kanner erzéien. Déi verléieren haut domadder d'Recht, fir doriwwer ze schwätzen nach ze streiden.

An d'CSV, déi soll sech och net méi chrëschtlech nennen, well dann hu se all hir Wäerter, all hir Wäerter, fir déi se soss agetrueden ass, gehäit se heimadder iwwer Bord.

Mä dat kenne mer, Här President, dat ass keen neie Moment. An de leschte Joren huet d'CSV praktesch all déi Wäerter iwwer Bord gehäit, mä dat ass awer net esou schlëmm, si ginn dann einfach eng Kéier an d'Ouschterbeicht an da kréie se eng kleng Bouss ze maachen, an dann ass déi Saach erëm an der Rei. An da kënnen se erëm d'selwecht virufueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'ADR wäert op jidde Fall ënner kengen Ëmstänn dat heite Gesetz matstëmmen. Dat ass e familljeindlecht Gesetz, an duerfir, eis Iddië gi komplett an déi aner Richtung. Mir wëllen d'Famill stäerken. Fir eis ass d'Famill d'Keimzell vun eiser Gesellschaft. An hei gëtt d'Famill net gestärkt. Mat dësem Gesetz gëtt d'Famill geschwächt.

Deen zweete Punkt, Här President, haut um Ordre du jour, dat ass de Steuerpak. Hei hu mer eng ganz Rëtsch vu Steuer-moossname vun de phyessesche Persounen a fir d'Betriber. Fir d'phyessche Persounen gëtt de maximale Steuersaz vun 38 op 39% eropgesat. Dat bréngt der Statskeess 40 Milliounen. D'Solidaritéitssteuer geet vun 2,5 op véier fir iwwer 150.000 Euro an der Klass 1, an iwwer 300.000 Euro an der Klass 2 op 6%. Dat bréngt dem Statsbudget 43 Milliounen, déi fir de Beschäftigungsfong virgesi sinn.

D'Krisesteier op alle Revenuen, sou wéi mer et bei der Fleegeversicherung kennen, gëtt mat 0,8% agefouert, an dëst bréngt dem Stat eng Recette vu 85 Milliounen, an hei spillt e Fräibetrag vun soziale Mindestloun. Also insgesamt bréngen d'phyessche Persounen iwwert dës dräi Moossnamen 168 Milliounen méi Steieren an d'Statskeess an.

Mä et gëtt ëmmer nëmme vun dësen dräi Steiere geschwat. Déi wichtegst Erhéijung vun de Steieren, dovunner ass haut heibannen nach kee Wuert gefall. An dat ass nämlech déi véiert: d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflation. D'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflation, dat kascht de Steierzueler 100 Milliounen, oder et bréngt dem Stat 100 Milliounen weider an d'Statskeess eran, laut den Informatiounen, déi mer vun der Steierverwaltung kritt hunn. Et ass also bäi Wäitem déi héchste Steiererhéijung, an iwwert déi gëtt iwwerhaapt net geschwat. Et sinn also keng 168 Milliounen, déi d'Leit mussen weider Steiere bezuelen, mä et sinn der 268, déi d'Leit mussen weider vum nächste Joer u bezuelen, also eppes méi wéi zéng, bal eelef Milliarden aler Frang.

D'Regierung huet jo virgesinn, datt an dëser ganzer Legislaturperiod d'Steiertabell net un d'Inflation ugepasst gëtt, sou datt dat e kumulativen Effekt kritt. Wann dat 2011 100 Milliounen sinn, da sinn dat der 2012 200, 2013 300, 2014 400 Milliounen. Dat heescht, wann d'Steiertabell net un d'Inflation ugepasst gëtt, da bezuelen d'Bierger eleng iwwert dee Wee an dëser Legislaturperiod eng Milliard méi Steieren an d'Statskeess, an dovunner huet bis haut heibannen nach kee geschwat. Mä et muss een, wéi gesot, wann een iwwert d'Steiererhéijung schwätzt, och déi wichtegst, déi bedeitendsten, déi am meeschten zouschleëit, muss ee mat arechnen.

Et ass also e massive Kafkraaftverloscht fir d'Bierger, nieft all deenen aneren Erhéijungen vun den Akzisen, Gemengentaxen, Krankekeess, d'Cotisationen oder d'Participationen, Splitting vum Rentenajustement an esou weider. D'Leit ginn also vun dëser Regierung dës Kéier richteg zur Oder gelooss.

Op där anerer Säit: D'Regierung spuert nach ëmmer net. Et gëtt ëmmer emol heiansdo esou e Spréchelche geklappt, wéi wann dat géif gemaach ginn, mä konkret mierkt een näischt, an et héiert een och aus de Verwaltungen eraus, wann ee mat deene Leit schwätzt, datt esou e Message och bei hinnen nach net ukomm wär. D'Geld gëtt weider zur Fënster erausgehäit. D'Steiergelder gi weider verschwennet.

An datt d'Leit am Land och Problemer hunn, dat ze akzeptéieren, Här President, datt ass nun ebe ganz einfach esou, well virun de Wahlen d'Leit belu si ginn. Déi heiten CSV/LSAP-Regierung huet versicht,

de Leit d'Impressioun ze ginn, virun de Wahlen, wéi wann d'Finanzen an der Rei wäeren.

Ech erënnere drun: Gëschter hu mer d'Konte vum Joer 2009 hei gestëmmt. 2009 war d'Wahljoer. Dee Budget ass 2008 gemaach ginn, a mer kënnen eis alleguerten un d'Debatten erënnere, déi heibanne waren déi Zäit schonn, datt d'ganz Opposition, d'Beruffschamberen, de Conseil d'État, d'Cour des Comptes, d'Zentralbank, alleguer gesot hunn, déi Chiffren, déi am Budget wäeren, déi wäere falsch, dee Budget wär vill méi staark defizitär.

Mä well et virun de Wahle war an eng CSV nun eben emol virun de Wahle keng defizitär Budgete presentéiert, ass dee Budget einfach am Équilibre hei duerghebaatscht ginn. Awer spéitstens gëschter, wéi mer d'Konten hei gestëmmt hunn, hu mer Recht kritt, alleguer déi, déi virun de Wahle gesot hunn, datt de Budget vun 2009 en defizitär Budget wär. Mä, wéi gesot, d'CSV huet wëllen de Leit wäismaachen, dank der Wäitsicht vun der CSV-Finanzpolitik wäeren d'Finanzen nach an der Rei.

Da braucht de dech och net ze wonnere, datt d'Leit haut Problemer hunn. An duerfir brauchen d'Leit sech och net ze wonnere, datt d'Regierung a sech Problemer huet, datt se mussen matenee streiden, well se eben de Leit virun de Wahle falsch Informatiounen ginn hunn, d'Leit regelrecht belunn hunn an elo do mat där Situatioun konfrontéiert sinn, an duerfir och Problemer hunn, fir ebe kënnen dat de Leit gläwiederdeg eriwuerzebréngen.

Eng weider Moossnam ass d'Krisesteier, déi temporär agefouert gëtt mat engem Héichpunkt vu 0,8%. An der Bipartite, an enger vun de Bipartiten ass du gesot ginn, déi géif nëmme fir 2011 zielen, an da géif am Joer 2011 gekuckt ginn, ob se 2012 géif weidergefouert ginn. Et ass also eng zäitlech begrenzte Moossnam. Den Här Rapporteur huet och de Mëtteg dat mat deem Argument hei wëllen erklären, oder versicht ze erklären, well nämlech an dësem Gesetzesprojet steet net d'Joer 2011: Am Gesetzesprojet steet 2011 an 2012. An den Här Rapporteur huet versicht ze erklären, well e seet, dat ass eben eng temporär Moossnam, a well d'Regierung se nëmme wëllt bis 2012 lafe loosse, hu mer dat eben an d'Gesetz geholl.

Et wier och eng temporär Moossnam, Här President, wann nëmme bis 2011 géif am Gesetz stoen!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat wier och eng temporär, an dat géif dann am Aklang stoe mat deem, wat d'Regierung dobauss gesot huet, an am Aklang stoe mat deem, wat se mat de Gewerkschafte geschwat huet. Mä wann d'Regierung awer hei an de Projet 2012 setzt, da muss se d'nächst Joer higoen a soen, mer loosse se 2012 net lafen, wa se zu hirem Wuert wëllt stoen, wat se no bausse ginn huet.

Et wier also méi richteg gewiescht, si hätten hirem Wuert Rechnung gedroen a si hätten an d'Gesetz 2011 geschriwwen, a wa se se 2012 hätten wëlle weider loosse, hätten se d'nächst Joer an d'Budgetgesetz se fir d'Joer 2012 verlängere gelooss.

Et ass also hei kloer, datt d'Regierung guer net déi Krisesteier op d'Joer 2011 wëllt limitéieren, well haut gëtt se och fir d'Joer 2012 gestëmmt. An ech mengen, hei hunn eis sozialistesche Kollege sech och iwwert den Dësch zéie gelooss, well se hei eben eppes mat akzeptéiert hunn, wou se sech no der Bipartite bausse gerühmt hatten, si hätten sech eng weider Kéier duergesat. Hei, mengen ech, huet d'CSV se erageluecht, well haut stëmmen d'Sozialisten e Gesetz mat, wou net nëmmen 2011, mä och 2012 mat drasteet.

D'Steiere fir d'Betriber...

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Dir musst lech nach ee Joer gedöllegen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir hutt keng Ahnung, wat fir eng Gedold datt ech hunn, Här Lux,...

(Interruption)

...mä vu datt ech d'Sozialisten awer aus der Vergaangenheet esou gutt kennen a weess, wéi séier datt déi ëmfalen,...

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Oho!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...kann ech mat aller Rou op déi nächst...

(Interruption)

Dir faalt nach! Dir faalt nach!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Erkläert mer, wat dat ass: hallef ëmfalen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dir faalt nach! Dir faalt nach! Ech hu jo gesot: D'Sozialiste bleiwen esou laang stoen, bis se ëmfalen. An deen Dag, dee kënnt, Här President!

(Interruption)

Loosse mer do eise Kapp a Rou leeën.

D'Steiererhéijungen. Wat d'Betriber ube-laangt, do hu mer fir d'Betriber och zwou Steiererlichterungen.

Éischtens gëtt d'Erhéijung vum Maximal-taux fir d'Amortisationen fir Investitiounen am Beräich vum Ëmweltschutz an Energieerspuernisser vu 60 op 80% eropgesat. Allerdéngs ass am Projet de loi hei keng Estimatioun mat festgehalten, wat dat de Stat kascht.

Och d'Erhéijung vum Taux de la bonification d'impôt pour investissement, déi gëtt ëm 1% eropgesat. An och hei ass am Projet de loi keng Estimatioun, wat dat kascht. D'Erhéijung vun der Solidaritéitssteuer, déi geet fir d'Betriber vu 4 op 5% erop. An dat bréngt dann der Statskeess 12 Milliounen an. Allerdéngs wësse mer, datt 80% vun de Betriber, laut Informatioun vun der Steierverwaltung, keng Steiere bezuelen, also dann och net ënnert déi Solidaritéitssteuer falen. Et sinn also déi 20% vu Betriber, déi Steiere bezuelen, déi d'Erhéijung vun der Solidaritéitssteuer hei spieren zu engem Käschtepunkt vun 12 Milliounen.

Et gëtt dann, wéi gesot, nach zwou Ännerungen. Déi eng ass dann d'Indemnité des parts, datt d'Betriber, wa se Indemnitéiten oder bei Licenciementen Indemnitéite bezuelen, dee Montant, deen iwwer 300.000 Euro erausgeet, steuerlech net méi ofsetze kënnen. An et gëtt eng Minimalbesteuerung agefouert, d'SOPARFen, vu 1.500 Euro, wat der Statskeess ongeféier 50 Milliounen wäert bréngen. Här President, wann een och déi Recette iwwert d'SOPARFle mat bäirechent, da géifen d'Betriber hei mat 62 Milliounen zousätzlech belaauscht ginn.

Här President, den Här Bodry huet virun heibannen am Zesammenhang mat enger Aussenanersetzung vun de Kollege vun der DP gesot, et wier keen, deen nom 1. Januar manner a senger Pai hätt, wéi dat virun de Fall war. An zwar wier dat do-robber zréckzeféieren, well d'Leit jo en Index kritt hätten.

Wann een déi Iwwerleeung emol e bësse méi genau kuckt, da seet den Här Bodry am Fong, doduerch, datt mir d'Betriber gedoen hunn, eng Indextranche ze bezuelen, hunn d'Leit elo méi an der Pai kritt, an duerfir kënne mir dann iwwert de Wee vun de Steieren de Leit dat Geld erëm ewechhuelen, an dann huet de Stat et weider an der Keess.

Dat heescht an anere Wieder, d'Leit hu vun där ganzer Operatioun näischt,...

► **Une voix.**- Très juste!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...mä d'Betriber hu misse méi bezuelen. An dat, wat d'Betriber méi bezuelen, dat huet de Stat weider an der Keess. Dat ass, wann een dat weiderverfollegt, dat, wat den Här Bodry virun hei gesot huet. Sou datt een also muss soen, datt, wann hei d'Betriber mat 65 oder mat 62 Milliounen belaauscht ginn, da muss een och de Betriber déi aner Belaauschungen, déi se matkritt hunn, iwwert dee Wee do mat zourechnen. An dat haten d'Sozialisten och vergiess.

Här President, iwwert de bëllegen Akt oder d'Zënssubventionen brauch een am Fong näischt méi ze verléieren, well si stinn net méi am Projet de loi dran. Mä et muss een awer ernimmen, datt et d'Absicht vun dëser CSV/LSAP-Regierung war, déi et iwwer Joren net fäerdeg bruecht huet, fir d'Wun-nengsbauproblematik hei am Land an de Grëff ze kréien, där hir Politik iwwer Jor-zéngten derzou gefouert huet, datt eppes, wat hei am Land ëmmer als dat Normalste vun der Welt ugesi ginn ass, nämlech datt all Bierger hei am Land, vum



Bankdirekter bis bei de Schmelzaarbechter erof, jiddweree konnt sech hei an dësem Land ëmmer eng Wunneng, en Haus, en Heem fir seng Famill leeschten.

An dat ass opgrond vun der Politik, déi iwwer zéng, 15 Joer virun allem vun den CSV-Wunnungsbauministere gemaach ginn ass, hei zu Lëtzebuerg zur Exklusivitéit ginn. D'Lëtzebuerger sinn domadder zu Auswanderer ginn. Si gi selwer zu Frontalieren.

An datt déi Politik sollt weidergoen, huet d'Regierung domadder bewisen, datt se och elo nach wollt de bëllegen Akt ofschafen. Domadder wieren d'Bauprässe net méi deier oder méi bëlleg ginn, wéi den Här Frieden dat déi lescht Kéier op der Televisioun versicht huet ze erklären, mä fir deejéinegen, deen et keeft, wier et awer méi deier ginn, an zwar ëm de Montant vum bëllegen Akt.

An esou och, wéi et de Mëtten hei scho gesot ginn ass, esou wéi den Taux an hirer Proposition ugesat gi wier, hätt am Fong kee méi de bëllegen Akt hei am Land kritt. Well déi, déi d'Konditioun erfëllen, déi hunn net méi Revenu genuch, fir sech hei zu Lëtzebuerg iwwerhaapt nach kënnen en Eegenheem unzeschaffen.

Dat heescht, d'Regierung wier also riicht virugefuer, fir eiser Jugend et onméiglech ze maachen, fir hei am Land nach kënnen en Eegenheem ze kréien. Wat ech perséinlech als dee gréisste Skandal vun der Politik hei am Lëtzebuerger Land gesinn, datt eis Jugend net méi ka sech hei zu Lëtzebuerg een Eegenheem uschaffen! Wann net d'Elteren an d'Grousselteren do sinn, déi massiv bäisteieren, ass et hei am Land net méi méiglech!

An dat ass d'Versoe vun der Politik vun dëser an där viregter Regierung! A wann den Drock vun de Gewerkschaften an der Opposition net grouss genuch gewiescht wier, wier se carrément mat där Politik weidergefuer a se hätt de bëllegen Akt ofgeschaaft a se hätt d'Zënssubventiounen reduzéiert. Et ass just dem Drock vun de Gewerkschaften an de Parteien aus der Opposition ze verdanken an der Opinion publique, datt déi waakreggereselt ginn ass, datt d'Regierung hei e Réckschritt gemaach huet.

Här President, och d'Frais de déplacement, do sinn ech net mam Kolleeg Bausch vun deene Gréngen d'accord, datt een déi hätt sollen ofschafen. Neen, déi soll ee bäibehalen. Well et si grad déi Leit, déi schaffe ginn, déi musse ganzdaags den Auto hunn. A Leit, déi op den öffentlichen Transport ginn, da soll et fir déi eng Belounung sinn, datt déi déi Frais de déplacement kréien a se kréien den öffentlichen Transport, dee mir jo iwwerregens gratis wëlle maachen. Den Här Statsminister war jo bal op eise Wee matgaangen, mä en huet awer an Zwëschenzäit erëm zrëckgeruddert.

Här President, wann haut an dësem Land keng Akzeptanz ass, fir déi Politik, déi vun dëser CSV/LSAP-Regierung gemaach gëtt, dann ass dat just ganz eleng hir Schold, well se, éischstens, virun de Wahlen d'Leit esou belunn hunn, wéi nach ni eng Partei oder eng Regierung d'Wieler virun de Wahle belunn huet. A well si se esou belunn hunn, hu se eben e Problem, fir no de Wahlen eens ze ginn. Duerfir ass eben an dëser Majoritéit Rapp a Klapp, laut dem Motto: „Pak verdréit sech, Pak zerschléit sech“, schlusslech awer mat dem traurege Resultat: „Zahlen muss der Sache“. An dat ass an dësem Fall de Bierger.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Här President: „Et gëtt zwee méiglech Grënn fir Ännerungen am Steuerrecht“, schreift d'Salariatschamber an hirem Avis zu dëse Projeten: éischstens, well de Stat onbedéngt nei Ressourcë géif brauchen, fir aus enger schwieriger sozialer Situatioun erauszekommen; oder zweetens, fir eng Ëmverdeelung virzehuelen, sief et tëschent enger an darselwechter Kategorie vu Steuerzueler, zum Beispill den Haushalter, sief et tëschent verschiddene Kategorien,

zum Beispill tëschent de Betriber op där enger Säit, den Haushalter op där anerer Säit.

Déi Ëmverdeelung kann natierlech entweder méi oder manner gerecht sinn. Wat deen éischte Grond betrëfft: Déi finanziell Situatioun vum Stat ass net dramatesch, a vu Previsioun zu Previsioun gëtt et nach ëmmer manner. A wa se dramatesch wär, da géif nach ëmmer d'Fro bleiwen, wien an deem Drama bezilt.

Vu méi Gerechtegkeet, vu méi Ëmverteilungsgerechtegkeet kann een an Ärem Steuerpak nu wierklech net schwätzen. Déi verfeelten a sozial ongerecht Steuerpolitik vun deene leschte Jorzénge gëtt net korrigéiert. Bei der Akommessteuer gëtt zwar de Spëtzeosteiersaz minimal vun 38 op 39% erhéicht, dee speziellen Taux op héije Revenuen, deen ee Moment am Gespréich war, deen ass awer fale gelooss ginn.

Viru Joren nach louch de Spëtzeosteiersaz wäit iwwer 50%, souguer iwwer 60%. Den Här Bodry huet dorun erënnert. En huet awer eigentlech seltsamerweis keng Konklusiounen doraus gezunn. Eng staark Progressivitéit, ass deemools gesot ginn, mat deem Spëtzeosteiersaz vu wäit iwwer 50% géif zu enger sozial gerechter Verdeelung féieren. Dat ass zu Recht gesot ginn.

Mir hu schonns virun der Kris proposéiert, bis op 48% kéint een de Spëtzeosteiersaz op héije Revenuen erëm eropsetzen. Esou kéint een och dee bekannte Mëtzelstandsbockel ofschlänken. Déi Erhéijung op 48%, déi géif, dem Minister senger Äntwert no op eng parlamentaresch Ufro vu mir, ëm déi 400 Milliounen Recetté méi erabréngen. Enfin theoretesch, sot en. Mä dat ass bei de Steieren ëmmer esou theoretesch; dat hu mer jo gëschter nach eng Kéier gesinn, wéi mer diskutéiert hunn iwwer eng méiglech a besser Planifikatioun vun de Recetté vun de Steieren.

Mä mat deene 400 Milliounen duerch eng Eropsetzung vum Spëtzeosteiersaz an nach wäit dovunner ewech, wat en an der Zäit war, wäeren all aner Steiermoossnamen an och en Deel vun de Spuermoossnamen eigentlech iwwerflësseg ginn.

Däerf ech d'Kolleege vun der sozialistescher Partei drun erënneren, dass d'SPD an Däitschland am Moment e Spëtzeosteiersaz vun 49% verlaangt?

Mat där neier Krisesteier vun 0,8% gëtt weider de Prinzip vun der Progressivitéit ënnerhiecht. Well ënnen de Mindestloun zwar erausgerecht gëtt, gëtt et ënnen effektiv eng gewësse Progressivitéit, déi no uewen awer erëm ofhëlt. Esou dass et och do erëm eng Kéier zu dem berühmte Mëtzelstandsbockel kënnt.

Déi Krisesteier geet a Richtung vun enger „flat tax“; Dir wësst wat dat ass. A genau dat ass e falscht Signal an der Steuerpolitik respektiv par rapport zu deenen noutwendige Korrekturen an der Steuerpolitik. An nach eppes: Et ass nach ëmmer net kloer, ob dann elo déi Krisesteier nëmme fir 2011 gëllt, oder ob d'Dier nach ganz grouss op ass, fir datt se och an deem nächste Joer an, wie weess, vläicht nach an deene Joren duerno weidergefouert gëtt.

Och d'Verhältnis vun der Steuerlaascht tëschent den Haushalter op där enger Säit an de Betriber op där anerer Säit, déi an deene leschte Joren ëmmer erëm verëckelt ginn ass zu Gonschte vun de Betriber an zu Ongonschte vun den Haushalter, och dat Verhältnis gëtt net korrigéiert. D'Solidaritätssteuer gëtt bei den Haushalter vun 2,5 op 4% erhéicht, bei de Betriber nëmme vu 4 op 5%. Schätzungsweis soll dat dann 12 Milliounen fir d'Betriber ausmaachen, 43 Milliounen fir d'Haushalter; also 22% géint 78% Belaaschtung.

Awer eis Betriber an d'Aktionäre vun eise Betriber, déi brieche jo bekanntlech elo schonns ënnert der Steuerlaascht zesummen. Groussen Titel an enger grousser Zeitung: «Les investisseurs découragés par la pression fiscale». Aua! D'Zeitung war awer keng vun hei, d'Zeitung war de belschen „Soir“. An de ganzen Titel ass: «Découragés par la pression fiscale belge».

An tatsächlech, an der Belsch bedroen d'Prélèvements op den Entreprisé 57% vun de Benefisser. A Frankräich, an Italien sinn et der nach méi. An Däitschland sinn et der ëmmerhin nach 47%. An der

Moyenne vun der Europäescher Unioun sinn et der 44%. An zu Lëtzebuerg? 21%. Einsame Spitze! Dat seet déi lescht Etüd am Opdrag vun der Weltbank; à peu près datselwecht Bild, wat ech lech d'leschte Kéier op engem Tableau hei bei de Budgetdiskussiounen gewisen hunn.

An awer musse mer och an dësem Pak nach eng Kéier e klengt Geschenk verpaken un d'Betriber mat der Erhéijung vun der Bonifikatioun op den Investissementen. Dobäi wësse mer, dass grad zu Lëtzebuerg am Verglach zum Ausland den Undeel vun de Benefisser um geschafene Mehrwert exceptionnel héich ass, an awer nëmmen en exceptionnel niddregen Deel vun de Benefisser erëm investéiert gëtt. Amplaz Bonusen ze verdeelen, sollte mer déi net investéiert Benefisser vill méi staark besteieren. Dat géif och zur Schafung vun Aarbechtsplaze bäidroen.

Wann Der d'Halbéierung vun der Kilometerpauschal an déi Reduktioun vun dem bëllegen Akt net zrëckgezunn hätt, da wier dat Mëssverhältnis tëschent der Laascht op den Haushalter - selbstverständlech ass dat zum gréissten Deel d'Salariat - an de Betriber nach méi krass gewiescht. Krass ass et awer nach ëmmer, an och déi Minimalsteuer op de SOPARFlen, déi ännert quasi näischt un deem Mëssverhältnis. An nach e bësse méi krass wäert et dann ausgesinn, wa mer genau gewuer ginn, wéi eng Cadeauen als Resultat vun der Bipartite Regierung/Patronat erauskomme wäerten.

Wat de bëllegen Akt betrëfft, hunn ech gëschter de Finanzminister héieren. An ech hunn en esou verstanen, hien hätt d'Thema nach net opginn, et wier alles falsch duergestallt ginn an hie kéim gären nach eng Kéier dorobber zrëck. Ech däerf e vläicht drun erënneren, datt deen Droit d'enregistrement iwwerhaapt eng héchst ëmstridde Saach ass.

De Steierspezialist Alain Steichen schreift a sengem „Manuel de droit fiscal“ um Enn vun enger kritescher Analys: «La diminution progressive, voire l'abrogation à terme des droits d'enregistrement paraît donc souhaitable.» Vläicht wär dat also och eng Richtung, an déi d'Regierung emol kënnt nodenken.

An der Wunnungsbaupolitik musse mer ganz aner Moossnamen ergräifen, an ech wëll bei der Budgetdiskussioun nach eng Kéier dorobber zrëckkommen.

Ee Wuert zur Mammerent.

► **M. le Président.** - Dir misst zwar esou lues zum Schluss kommen, Här Hoffmann.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).** - Ech kommen elo zum Schluss, Här President. Mir hate vun Ufank un eng kritesch Haltung zur Mammerent, well mer der Meinung sinn, dass prioritär d'Ofsicherung vun de Frae muss erreecht ginn iwwert d'Favoriséierung vun hirer Berufstätigkeet mat Moossnamen, déi béiden Elteren - also net nëmmen de Fraen - et erlaabt, d'Berufstätigkeet an d'Kannererzéiung matenaner ze verbannen.

Ech stëmme selbstverständlech kee vun deenen zwee Projeten.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Als lescht Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol agedroen. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Madame Minister, Här Minister, fir d'Éischt wëilt ech deenen zwee Rapporturen e ganz häerzleche Merci soen, a ganz besonnesch dem Här Paul-Henri Meyers, well et zu deem Projet ass, wou ech hei d'Wuert ergräifen, zum Forfait d'éducation also. An dee Forfait d'éducation, dee muss een an de Kader setzen, wéi et war, virun allem dee finanzielle Kader, wou dat Gesetz 2002 hei an der Chamber gestëmmt gouf.

Mir koumen deemools aus engem Rentendesch eraus, wou decidéiert gouf, datt déi sougenannten Hongerrenten der Vergaangenheet missten ugehéieren. Als Beispill wëilt ech vläicht soen, datt déi Mindestwitwerent deemools ëm ëmmerhin 32% an d'Luucht gaangen ass.

Hei huet et sech awer virun allem ëm Frae gehandelt, déi net, wéi ee kéint unhuelen, nëmmen Hausfra waren, mä bien au contraire. Et huet sech déi Zäit ëm déi Frae gehandelt, déi géint Loun a Gehalt schaffe

gaange sinn, mä well d'Pai eben esou kleng war, konnt een och net erwaarden, datt hir Rent, hir Pensioun also herno vill méi déck war. An dat si genau déi Renten, déi mer hu missen eropsetzen, déi sougenannten Hongerrenten also.

Vu datt deemools, 2002 also, d'Keessen nach méi geféllt waren, besser geféllt ware wéi haut, konnt am selwechten Otemzuch dann och de Forfait d'éducation, wéi mer se haut nennen, d'Mammerent also, agefouert ginn, ouni datt deemools eigentlech allze vill iwwert d'Käschten diskutéiert gouf.

Iwwert d'Philosophie vun der Moosnam a wien och dovunner sollt kënnen profitéieren, ass extrem vill diskutéiert ginn, genau sou gutt hei am Haus wéi awer och dobaussen an der Populatioun.

Wann d'Keesse voll sinn, da fënnt een eigentlech wéineg Leit, déi géint esou eng Finanzspréiz sinn. Mir konnten eis et jo leeschten an hu souguer - dat gouf schonns hei vun de Virriedner gesot - d'Moosnam ausgedehnt. Well, wéi schonns bemierkt gouf, war deemools am initiale Projet 65 Joer virgesinn, also deen Alter, dee mer haut elo redresséieren. Och an der Populatioun war déi Zäit d'Moosnam éischer wellkomm: Well wie seet neen zu Suen, déi e ka kréien?

De Conseil d'État deemools, deen huet awer eng kritesch Ausso gemaach, en huet sech kritesch mam Forfait d'éducation also auserneegesat, an ech zitieren: «Force est de relever que tant l'exposé des motifs que le commentaire des articles du projet de loi du Gouvernement ne livrent guère d'indication sur les tenants et aboutissants de la création du forfait d'éducation», Enn vum Zitat.

Haut, wou déi finanziell Situatioun vum Stat da liicht anescht ass - an ech mengen, mir hunn de ganze Mëtteg hei lebhaft driwwer diskutéiert -, sollte mer, nodeems mer dëse Projet de loi gestëmmt hunn, eis awer nach eemol kritesch mat der Situatioun vun de Männer a vun de Fraen auserneeetzen, déi eng Zäit net geschafft hunn, déi Deelzäit geschafft hunn an doduerch eben op en Deel vun hirer Rentecarrière wäerte musse verzichten. Mir sollen eis nach eemol domadder auserneeetzen, fir datt mer eben net spéiderhin nach eng Kéier ongewollt mussen op den Thema Hongerrenten an Altersarmut zrëckkommen.

Wat heescht dat awer elo konkret? Ma d'Chambre des Salariés seet an hirem Avis och ganz richtig, datt am Ufank gesot gouf, datt de Forfait d'éducation eng «mesure orientée vers le passé» wier. Dat heescht, fir déi ze ënnerstëtzen - an hei sinn et da bal nëmme Frae gewiescht -, déi ni geschafft hunn. Mä, datt et mëttlerweil och eng Mesure wier, déi op d'Zukunft ausgerichtet wier. An dat, Madame Minister, Här Minister, dat soll an eise Fall an däerf an eisen Aen och net de Fall sinn, au contraire!

An hire respektiven Aussoen 2002 hunn deemools souwuel de Statsrot wéi och schonns de Comité du travail féminin drop higewisen, datt et an alle Mesuren, déi et am Intérêt vun ebe meeschtens Frae gouf an déi geholl goufen, fir datt se eben am Pensiounsalter net sollen an d'Aarmut ofrutschen, e Manktum u Kohärenz an och un Transparenz gëtt. Witwerent, Babyjoren, fakultativ Weiderversicherung an dann och nach d'Mammerent et j'en passe, missten also kritesch ënnert d'Lupp geholl ginn, hunn déi zwee schonns 2002 gesot.

Firwat awer? Well jo eigentlech de But vun esou Mesurë misst sinn, datt jiddwereen, ob Mann oder Fra, eng eegen, eng individuell Rentenversicherung misst hunn. An da si mer eigentlech beim Thema: Aarbecht, e Beruff an domat och en eegent Akommes sinn nach ëmmer dee beschte Garant fir d'Onofhängegkeet vum Einzelnen an domat och de Schlëssel zur Gläichstellung an déi bescht Viraussetzung och fir eng eegestänneg Existenzsicherung.



► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Fir d'LSAP ass et awer genausou kloer - anescht, wéi dat vun eenzelne Virriedner behaupt ginn ass -, datt mer de Choix vun all Mamm, vun all Papp, vun all Famill, sech der Erzéiung vun hire Kanner oder och dem Haushalt ze widmen, respektéieren. Allerdéngs muss mer awer och de Realitéiten an d'Ae kucken, datt et haut ganz vill jonk Frae gëtt, déi ebe wëlle schaffe goen, déi net wëllen eleng Hausfrau sinn. An do ass et dann eben un eis, un der Politik, fir déi néideg Rahmebedéngungen ze schaffen, fir datt déi Familljen ebe kënnen hir Kanner, hir Famill, hiren Haushalt ënner een Hutt bréngen an also - wéi mer esou schéi soen - Famill a Beruff besser kombinéieren.

Leider schwätzen, streiden, diskutéieren mer awer scho méi wéi 30 Joer iwwert den Opbau oder de Wéi: wéi mer sollen den Opbau vun enger eegener Rentecarrière bewerkstelligen. Ech ginn zou, et ass sécherlech méi einfach, hei an do mat der Strenz derfir ze suergen, datt mer eenzel Leit besserstellen, wéi en neien an domat och komplexe System vun eegener Verantwortung opzebauen.

D'Commission juridique awer, déi ass jo amgaangen, bei der Scheedungsreform de Splitting afléissen ze loossen. An ech behaupten: Endlech ass et esou wäit! Ech war och frou ze gesinn, datt de Statsrot a sengem Avis zu der Scheedungsreform deem Ganzen och positiv géigeniwwersteet. Ouni elo an den Detail ze goen, ass et wichteg, datt de Conseil d'État och a sengem Avis déi sougenannten Individualiséierung opgräift. Si ënnersträchen, datt d'Afféiere vun deem System eng Fro vum politesche Wëllen ass.

Genau dee politesche Wëlle muss et kuerzfristeg ginn, wa mer eben net wëlle weiderhin e groussen Deel vun der Populatioun am Rentenalter an enger prekärer Situatioun beloossen. Mir müssen eis eens ginn, datt jiddwereen onofhängeg vu sengem Liewenslaf eng eegestänneg Altersversécherung muss kënnen hunn.

Mir dierfen also net weiderfueren, eenzel Moosnamen anzeféieren, déi jonke Leit, Fraen oder Männer, Koppelen a Familljen eng Sécherheet virgaulen, déi et eigentlech guer net esou gëtt. Well jiddwereen, deen net selwer verséichert ass, dee leeft trotz alle Mesuren, déi et gëtt an déi ech virdru schonns opgezielt hunn, Gefor, datt en zum Beispill bei enger Scheedung oder dem Doud vu sengem Partner op der Streck a virun allem och op der finanzieller Streck bleift. Ausserdeem menge mer och, datt et am Joer 2010 gläichstellungspolitesch gesinn och Onsënn ass, jonke Leit weider Ureizer ze ginn, op finanziell Onofhängegkeet ze verzichten.

(**Interruption**)

An Zäiten, wou déi finanziell Mëttelen och net méi déi si wéi nach 2002, do dierf dat Wuert selektiv - also deem, deen et wirklech brauch, ze hëllefen - net an de Vergiess geroden.

Mir sollen also och net weiderhin esou maachen, wéi wann d'Land nach ëmmer datselwecht wier wéi 2002, wou mer de Forfait d'éducation, d'Mammerent also, agefouert hunn, an hei an do e puer Euro verdeelen, déi deem, deen Hëllef brauch - an ech denken hei méi prezis un de Montant vun der Mammerent -, eigentlech net genuch oder souguer guer net hëllefen. A fir deen, deen net drop ugewisen ass, ass et och nëmmen en Täschegeld oder, wéi d'Chambre de Commerce mengt, datt de Forfait d'éducation e System ass, an ech zitieren: «ne correspondant à aucun besoin réel», a weider zum Coût soe se: «un coût exorbitant par rapport aux bénéfices escomptés», Enn vum Zitat.

D'Mammerent ass also - net nëmmen an der Vue vun der Chambre de Commerce - de Géigendeel vu selektiver Sozialpolitik! Ech woe souguer ze behaupten, datt net nëmmen d'Afféierung vun där Mammerent, mä déi ganz Villfalt, déi ech virdrun opgezielt hunn, derzou bäigedroen huet, datt mer ebe genau net weiderkomm sinn

um Wee zu enger progressiver Individualiséierung. D'Politik huet gepléischtert, an et war jo eigentlech fir jiddwereen ee Gad-get derbäi. Awer de Problem a senger Totalitéit, deen hu mer bis elo net geléist!

(**Interruption**)

Schonns 2002 sot mäin heitege Fraktionspresident Lucien Lux hei op der Tribün, datt an der Diskussioun iwwert d'Weiderversécherung an am Kontext vun der Individualiséierung nach en Ausbau méiglech wier an datt mer vun der fakultativer Weiderversécherung op déi obligatoresch kéinte kommen an de Stat sech dann nach méi sollt engagéieren. A genau dat widerhuelen ech haut hei bei dëser Diskussioun ganz gären!

Firwat awer widerhuelen a soen ech dat heiten alles beim Projet de loi iwwert de Forfait d'éducation? Net eleng, fir den Accord vu menger Fraktioun ze gi fir dëse Projet, mä virun allem fir auszedrücken, datt mer doduerch, datt mer haut spuere müssen, gläichstellungspolitesch vläicht erëm op de richtege Wee kommen.

Well d'Gesellschaft an d'Politik haut net méi nëmme vu Männer geprägt sinn, ass et jo och vill méi einfach ginn, vun der Iwwerleeung ewechzekommen, datt d'Frae gratis d'Kannererzéiung maachen an am Stot schaffen, an d'Politik sech séier wéineg Gedanke muss driwwer maachen, ob déi Frae spéider gutt oder vläicht méi schlecht ofgeséichert sinn. An de Forfait d'éducation ass fir eng gutt Ofsécherung hei ganz sécher keng gutt Léisung!

(**Interruptions**)

Voilà, Här President, zum Ofschloss kann ech mech awer net zrëckhalen, lech zwee Sätz aus der Diskussioun vun 2002 am Originaltoun an Erënnerung ze ruffen.

(**Interruption**)

Ech verroden lech awer net, wien ech zitieren. Dir kënnt lech selwer heizou Gedanke maachen - an ech fänken u mam Zitat:...

► **Une voix.**- ...datt Der an der Stëmm méi déif kommt...

(**Hilarité**)

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- „D'Hausfra, d'Hausfra, déi net schaffe geet, huet och hir Mériter, well se vläicht keng Crèche brauch, keng Kantin brauch, well se mat de Kanner d'Hausaufgabe mécht,...“ - bis dohinner kann ech dat Ganzt nach deelen.

Mä elo kënnt et: „...well se och vläicht hire Mann schount, deen dann dobauss kann aner Saache vläicht am politeschen, kulturellen oder sportleche Liewe realiséieren.“ Enn vum Zitat.

Ech hoffen, mir sinn haut och heibanne schonns e bësse méi wäit!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, an et versteet sech aus mengen Ausféierung vum selwen, datt ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Dall'Agnol. Den Här Jean-Louis Schiltz huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een als fënneften oder sechste Riedner vun der Majoritéit d'Wuert freet, d'Rapporturen ageschloss, dann ass viles zum Projet gesot. An dach huet mech bei verschiddene vun de Virriedner beandrockt, datt se sech mat der zukünftiger Ausrichtung vun eiser Steierlandschaft ausenanageresat hunn.

Et sinn der eng Rei, déi dat gemaach hunn hei. De Budgetsrapporteur mécht et och a sengem Budgetsrapport. Den Här Bausch huet sech mat der zukünftiger Ausrichtung vun der Steierlandschaft hei ausenanageresat, andeems e bemängelt huet, datt scho vill méi fréi sech hätte misse Gedanken doriwwer gemaach ginn. Dat ass e Punkt, wou ech selbstverständlech net mat him d'accord sinn. Mä och hien huet eng Rei konkret Pisten opgezeent, wéi déi Steierlandschaft muer an iwwermuer soll ausgesinn. Den Här Hoffmann huet och eng Rei Iddien hei lancéiert, wéi déi Steier-

landschaft muer an iwwermuer soll ausgesinn.

Ech wëll eigentlech soen, datt - iwwert den Text vum Gesetz eraus - dat a mengen Aen deen Débat ass, dee mer müssen haut hei féieren an dee mer och müssen an deenen nächste Wochen a Jore féieren. Wann ee sech Gedanken iwwert d'Steierlandschaft mécht, da muss een dat an enger laangfristeger Perspektiv kucken. Et muss een et perspektivesch kucken, et muss ee sech déi grondleeënd Froe stellen. An ech mengen net, datt mer an enger Debatt hei déi Fro ultimativ wäerten decidéieren.

Mä ech fannen, datt all déi Bäitrag - an ech probéieren och vu menger Säit een ze leeschten an e puer Minutten - Bäitrag sinn, déi solle mat an déi Diskussioun afléissen. Datt mer net op alle Punkten d'accord sinn, datt ech vill Punkten hunn, wou ech mam Här Hoffmann net d'accord sinn, cela relève du domaine de l'évidence; datt ech och net alles deelen, wat den Här Bausch seet, cela relève aussi du domaine de l'évidence, mä ech mengen, datt et awer wichteg ass, datt ee sech iwwert d'Allgemengplätz eraus als Chamber och konkret mat deene Froen ausenanageresetzt, esou wéi de Budgetsrapporteur dat am Iwwregen och a sengem Rapport mécht.

An och do muss een, mengen ech, iwwert d'Grenzen e bëssen eraus kucken. Wann een an Irland kuckt, da versteet een op den éischte Bléck net, firwat d'Ire sech da wieren, fir hir Steieren eropzesetzen. Elo ass et sécher richtig, wann ee seet, datt d'Iren ze déif erofgaange sinn. Mä och do, mengen ech, sinn eng Rei Renseignementer, déi ee kann aus deenen Diskussionszeien. De Risiko ass, datt et an Irland nach méi schlëmm gëtt, wéi et elo ass, an dann effektiv ee sech muss d'Fro stellen, wat fir eng Mesuren et méi oder manner schlëmm maachen. Ech wëll dat hei net ultimativ beuerteelen, et just als Beispill zitieren.

Wann ech dann déi laangfristeg Perspektiv zum Beispill kucken am Beräich vun der Betriebsbesteuerung, da soen ech iwwert dee Pak eraus hei, dee selbstverständlech meng Fraktioun wäert stëmmen a voll matdréit, datt mer mussen gutt oppassen, wou mer eis an deenen nächste Joren hiewegen, wat d'Taxe vun der Betriebsbesteuerung ubelaangt. Wann ech gesinn, datt eng ganz Rei Länner sech do Froe stellen, wéi se sech sollen organiséieren an orientéieren an deenen nächste Joren, da muss mer eis déi Froen och stellen.

An Däitschland ass eng Diskussioun amgaang, fir d'Steiere souguer erofzesetzen. Se fänkt un anekdotesch ze ginn. Mä trotzdem ass dat eppes, wat een net sollt total ignoréieren. Ee Land wéi Island, arg gebeutelt och vun der Kris, ass amgaang sech ze positionéieren a Secteuren, wou mir eis jorzéngte-, jorelaang, net jorzéngtelaang, positionéiert hunn - ech schwätzen hei vum elektronischen Handel -; och dat muss mer, mengen ech, mat an eis Iwwerleeungen eranhuelen.

Och wann allgemeng unerkannt ass, datt an der Belsch d'Steiere méi héich si wéi zu Lëtzebuerg, da muss een awer dach gesinn, datt och d'Belsch an deem Beräich do eng Rei Entreprises ugezunn hunn, ënner anerem huet Google Operatiounen an der Belsch. Dat huet domadder ze dinn, datt déi en Terrain praktesch fir näischt zur Verfügung gestallt kréien, wat och en indirekt Element vun enger Steierpolitik ass. Mä och dat soll eis net einfach kalloossen.

Duerfir ass mäi Message deen, datt, och wa mer eng attraktiv Landschaft hunn, muss mer gutt oppassen, wat mer an deenen nächste Jore maachen, wat d'Tauxen ubelaangt. Et muss ee wëssen, datt et haut eng ganz Rei Professioneller gëtt, déi just als Missioun hunn, fir d'Tauxen an deene verschiddene Juridictionen ze kucken. Dat kann een elo gutt fannen, dat kann ee schlecht fannen. Mä dat ass awer e Fakt, deen een och muss mat a Considération zeien.

Och wa ganz vill grouss Gruppe sech haut hei zu Lëtzebuerg wuelfillen, muss een dach wëssen, datt déi Gruppen alleguerten haut mobil sinn, op d'mannst an der laangfristeger Perspektiv. A wann och net alles sech op de Steieren ofspillt - mä do komme mer d'nächst Woch wahrscheinlech nach drop zrëck -, dann ass dat dach

en essenzielle Facteur, deen ëmmer zu deene Facteurs gehéiert, déi müssen an d'Konzernzentrale gemellt ginn.

Duerfir ass dat, mengen ech, eppes, wou mer eis mussen vun haut u vläicht méi intensiv hei domadder ausenanageresetzen, wéi mer déi Fro vun den Tauxen an den nächste Jore gesinn. Ech wëll op jidde Fall iwwert deen Text vun haut an dee Vote vun haut do warnen a soen, datt mer wirklech sollen oppassen, wou mer eis do hiewegen an deenen nächste Joren.

Da muss mer eis och Froe stellen, dat ass meng zweet generell Observatioun, iwwert d'Mise en œuvre vun der Steierpolitik. Ech wëll do just ee Beispill zitieren. Mir fonctionnéieren hei zu Lëtzebuerg zu engem Deel iwwert de Wee vun „rulingen“. Och do, mengen ech, muss ee sech iwwerleeën, ob een déi „rulingen“ institutionaliséiert oder ob ee se net institutionaliséiert. Wat sinn d'Virdeeler vun deem enge System, wat sinn d'Virdeeler vun deem anere System?

Ech soen, vu menger Perspektiv aus, datt dat e Mechanismus ass, mengen ech, an deem ee muss weider virsiichteg mat deem Mechanismus ëmgoen an dee Mechanismus esou verstoen als eng Erklärungshëllef respektiv eng Interpretatiounshëllef zum Gesetz.

Wann ee vun der Bemessungsgrundlag schwätzt, dann denken ech, datt entretemps jiddweree verstanen huet, dee sech mat Steierpolitik ausenanageresetzt, datt d'Prix de transfert eppes sinn, wou mer an deenen nächste Jore wäerten eis müssen domadder ausenanageresetzen. Et gëtt eng nei Etüd vun der OCDE zu deem Thema. Och do si Länner wéi Lëtzebuerg, wou grouss Gruppe grouss Operatiounen hunn, dervu beträff. Och dat ass en Thema, wat, mengen ech, muss méi genau ënnert d'Lupp geholl ginn.

Wann ech vu spezielle Mesuren - an dat ass mäi véierten a leschte Punkt, deen ech hei och wëll als Diskussionsbäitrag zu deenen Iddien, déi vun aneren hei virbruecht gi si respektiv am Budgetsrapport sinn, derbäileën -, dat ass, wa mer vu spezielle Regimer schwätzen, wéi zum Beispill d'Propriété intellectuelle, wou déi viregt Regierung eng Rei Saache gemaach huet, muss mer eis d'Fro stellen, ob mer dee Regime ausdehnen oder ob mer en net ausdehnen.

Mir müssen eis och vläicht eng Kéier domadder beschäftegen, ob net entre-temps aner Länner sinn, ech wëll se net hei nennen, déi amgaang sinn, méi favorabel Regimer ze maachen. Da muss mer eis d'Fro stellen, ob mer do wëlle matzéien oder ob mer net wëlle matzéien. Alles dat si konkret Elementer, mengen ech, déi mer mussen ganz genau kucken an deenen nächste Joren.

Mir brauchen zum Beispill a mengen Aen eng Regelung och fir déi Expatriéiert, déi hei op Lëtzebuerg kommen, déi anescht ausgesäit wéi déi, déi mer haut hei hunn. Wann ee sech am Detail mat deene Froen ausenanageresetzt, dann, mengen ech, muss een och déi Iwwerleeungen do féieren. Ech kommen och d'nächst Woch a menger Ried heirobber zrëck.

Ech mengen, déi Elementer do, mat aneren zesummen, sinn Elementer, déi eng kohärent Steierpolitik vu muer oder vun iwwermuer kéinten ausmaachen. Meng Fraktioun wäert deem Projet hei seng Zoustëmmung ginn. Déi Iwwerleeungen, wat d'Ausrichtung vun eiser Steierlandschaft ubelaangt, si mat deem Dag vun haut net eriwuer. Och am Finanzsektor stelle sech nach esou eng Rei vu Froen, Stéchwuert Finanztransaktionssteuer. Ech wëll hei d'Hoffnung zum Ausdrock bréngen, datt déi kleng Belaaschtung vun 1.500 Euro net zu Saache féiert, déi kee wëllt. Mä och do, mengen ech, muss mer oppassen, wat mer maachen.

Bref, ech begréissen et, datt de Budgetsrapporteur sech a sengem Rapport Gedanke mécht iwwert d'zukünfteg Ausrichtung vun der Steierpolitik. Ech weess, datt d'Regierung sech Gedanken dozou mécht. Ech hu probéiert, mer der e puer ze maachen. Den Här Hoffmann huet et gemaach, den Här Bausch huet et gemaach.



Ech mengen, mir hunn eng gutt Basis, fir do weider ze diskutéieren am neie Joer.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Schiltz. Da kritt elo d'Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei, dat ass kee flotte Projet. Dat si keng flott Projeten, déi mer de Mëtteg hei zur Debatt hunn. Dat si keng populär Projeten. A wann een op massiven Applaus waart, oder wann ee Saache just mécht, fir bei de Wahlen ze gewinnen, da mécht een dës Projeten net.

Duerfir géif ech ëmsou méi wëllen deenen zwee Rapporteure vun deenen zwee Projets de loi, den Hären Deputéierte Gilles Roth a Paul-Henri Meyers, Merci soen, datt si hei déi Aarbechten op eng detailléiert, objektiv, verständlech Aart a Weis exposéiert hunn an de Kader, an deem sech déi Gesetzter hei ofspillen, a firwat mer déi era-bruecht hunn, erkläert hunn.

Et ass och méi liicht, zu dëse Projeten eng Oppositionsried ze halen. Ech weess ganz genee, wat ech géif soen, wann ech géif eng Oppositionsried halen, a meng Ried wier dann zimlech ähnlech wéi déi, déi den Här Etgen gehalen huet.

(Interruptions)

Jo, et ass vill méi einfach, wann een de Leit seet, d'Steiere mussen erofgoe respektiv se sollen net eropgoen. Wann een awer zugläich seet, mir hunn en Defizit, an et wëllt een deen net halen; wann een zugläich seet, d'Dépensë mussen erofgoen - e Saz, deen ech als Finanzminister och oft gesot hunn -, da muss een, op d'mannst an de grouse Bléck, an de grouse Kategorien, fir datt deen éischte Saz och kredibel ass, genee soen, wat fir eng Dépensen een da wëllt reduzéieren.

Da kann een net nëmmen drop hiweisen, datt een dat op anere Plazen an der Vergaangenheet gesot huet. An ech hoffen, datt mer bei de Budgetsdebatten d'nächst Woch ganz genee, prezis vun all Partei gesinn, wou si da géifen zousätzlech zu deem, wat d'Regierung proposéiert, oder anescht wéi dat, wat d'Regierung proposéiert, substanzuell Aspuerunge maachen.

D'Zil vun der Regierung ass, an der Finanzpolitik zolidd Statsfinanzen ze halen. Mir sinn dat eenzegt Land, wat fir de Moment net an enger exzessiver Defizitprozedur an der Eurozon ass. Mir hätte gären, datt dat esou géif bleiwen. Mir hunn awer e Problem, andeem mer en Defizit hunn. Duerfir ass et d'Zil vun der Regierung, iwwert déi nächst puer Joer deen Defizit ofzebauen. Engersäits, andeem mer d'Dépensë reduzéieren - dat maache mer -, an andeem mer op eng vernünfteg Aart a Weis verschidde Steiere leider mussen héijen.

Mir reduzéieren d'Dépensen - an ech hunn deen Tableau bei dem Budgetsdépôt déposéiert, ech hunn en haut nach eng Kéier och publizéiert -, mir reduzéieren d'Dépensen ëm eng ronn 480 Milliounen par rapport zu deem, wat ursprénglech virgesi war, notamment an der pluriannueller Programmation. A mir héijen d'Steiere fir e Gesamtvolumen vun eppes 230 Milliounen. D'nächst Joer sinn dat 160 Milliounen, well jo eng Rei Steieren, wéi och virdu schonn erkläert ginn ass, méi spéit erakommen.

Wa mer dat gemaach hunn, dann hu mer dat gemaach, éischstens, wéinst dem Zil, datt mer gären ausgeglache Statsfinanze mëttelfristeg hätten. Mä mir hunn awer d'Steieren net einfach blannemännerchers gehéicht an net op eng deräsonnabel Aart a Weis. Mir hu ganz genee gekuckt, datt mer e sozial gerechten Tarif géife behalen, datt mer e leeschtungsfrëndlechen Tarif géife behalen, an datt mer par rapport zum Ausland keng ekonomesch Attraktivitéit opginn. An et waren déi dräi Parametere, déi mer versicht hunn ze respektéieren.

Mir héijen de Spëtzesteiersaz op 39%. Mir ass kee Land ronderëm eis bekannt, mat deem mer an enger direkter europäescher Konkurrenz stinn, déi méi en niddrege Steiersaz hunn. An der Eurozon ass 2010 d'Moyenne vun der Besteierung, Spëtzesteiersaz 42,4%. Mir leien also do drënner. Mir leien ënnert deem vun eisen dräi No-

peren. Dat war fir eis och wichteg, well mer musse kucken...

► **M. Fernand Etgen (DP).** - An der Moyenne si mer awer driiwwer.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Wat gelift? Ma neen! Wann d'Moyenne 42% ass, dann...

► **M. Fernand Etgen (DP).** - Den Taux d'imposition moyen fir d'Gesellschaften, zum Beispill läit deen an der EU bei 25%. Mir leie bei 28%.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Mä den Taux réel, no enger ganzer Rei vun Ofschreiwungsméiglechkeeten, ass zu Lëtzebuerg ënnert där Moyenne, substanzuell ënnert där Moyenne. An dat erkläert zum Deel och, firwat mer et fäerdeg bruecht hunn, esou vill international Firmen, nottamment am Finanzsektor, zu Lëtzebuerg unzezéien.

Mä et ass richtig, datt een do ëmmer muss d'Ëmfeld mat am Bléck halen. An duerfir hu mer zum Beispill, obschonn datt dat vu ville Plaze gewënscht gi war, d'Kierperschaftssteier an der Kris net eropgesat. Mir hätten héchstwahrscheinlech manner Sträit kritt, wa mer gesot hätten, d'Kierperschaftssteier geet erop. Mä dat hu mer genau aus deem dote Grond net gemaach, well d'Betribber, op d'mannst eng Rei vu Betribber kéinten de Risque soss lafe fir eis, datt se géifen delokaliséiert ginn. Also hu mer gekuckt: Wéi ass d'Ëmfeld? A mir hunn dat esou gemaach.

Ech wëll och nach eng Kéier soen, a puncto sozial Gerechtegheet - déi Chifferen, déi de Statsminister och, ech menge bei der Lag vun der Natioun, genannt huet -, de Lëtzebuurger Steiersystem ass extrem sozialgerecht, well 5% vun de Steierzueler bezuele ronn 50% vun de Steieren. An ech wäert der Finanzkommission och den Detail dovunner ginn. Dat heescht, heimad-der gëtt och d'sozial Gerechtegheet par rapport zur Vergaangenheet net a Fro gestallt, mä d'Belaaschtung gëtt och net substanzuell erhéicht.

De Rapporteur, den honorabelen Här Roth, huet virdrun eng Rei vu Beispiller ginn, wat dat am Eenzelfall bedeit. An ech soen nach eng Kéier, ech stéing léiwer hei an ech géif soen, d'Steiere géifen erofgoen. An ech mengen, den Här Roth an all déi Deputéierten, déi an deene Fraktiounen sinn, déi dat Gesetz hei stëmmen, géifen och léiwer den Owend heemgoen a soen: Mir hunn Är Steiere gesenkt.

► **M. Claude Meisch (DP).** - Si sollen hir Hausaufgabe maachen.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Trotzdeem wëll ech soen... Jo, ech géif gären zu deenen Hausaufgabe kommen, Här Meisch, d'nächst Woch. Ech géif gäre mat lech genau gesinn, wou d'DP d'Dépensë reduzéiert. An ech mengen, dat ass den demokrateschen Débat, wann ee seet zu de Leit: „Jo, mir kieren do an do an do.“ An da musse mer doriwwer debat- téieren, an den Impakt...

► **M. Claude Meisch (DP).** - Dat wäerte mer da maachen. Mir wäerten dat maa- chen.

► **Une voix.** - Mir freeën eis.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Jo, dat fannen ech gutt, well déi Debatten hu jo och soss kee Sënn, wa mer net kënne Projeten nieftenee leeën. An do geet et net duer, de Stat soll bei sech selwer spueren. Ech géif gäre genee wëssen...

► **Une voix.** - Da maacht et och an da sot Der eis, et wier awer eis Iddi gewiescht. Net esou wéi beim Wunngeld an déi Saachen.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Ech wëll zu de Chifferen nach eng Kéier soen, fir lech nach eng Kéier dräi Chifferen an Erënnerung ze ruffen: Een, dee 50.000 Euro Revenu imposable huet, dat si 5.000 Euro brutto de Mount - ech wëll nach eng Kéier soen, Revenu imposable ass manner wéi de Brutto-Revenu -, dee bezilt an der Steuerklasse 2 d'nächst Joer 200 Euro méi d'Joer. 200 Euro méi! Een, deen 100.000 Euro d'Joer verdéngt, dat sinn 10.000 Euro de Mount brutto, dee verdéngt... dee bezilt 1.100 Euro d'Joer an der Klasse 2 méi!

Just nach eng Kéier déi zwee Chifferen, fir ze rappeléieren: Jo, dat ass sécherlech net agréabel. Den Här Bodry huet och virdu

rappeléiert, datt dat am Fong manner ass wéi dat, wat d'Leit duerch den Index bäikritt hunn. Ech wëll déi zwou Saachen net onbedéngt zesummesetzen, mä ech wëll domat just dem Här Gibéryen äntwer- ten, datt, wann ee seet, datt d'Leit d'nächst Joer - wann ech hien zitéieren däerf - e massive Verloscht vu Kafkraaft hunn, dann ass dat en fait falsch.

Wa se vergläichen, hire Paiziedel vum fréie Summer dëst Joer mam Paiziedel vum nächste Joer, dann hu se ënnert dem Stréch nach ëmmer méi, mä se bezuelen e bësse méi Steieren. An ech hunn lech elo zwee Beispiller ginn...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat do ass eng bëlleeg Rechnung. Am Vergläich zu viru fënnef Joer hu se souguer nach wei- der!

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Et ass gutt, datt den Här Gibéryen mech dorunner erënnert. An et ass jo virdrun hei gesot gi vum Här Bausch, iwwregens mengen ech kritiséiert ginn, datt d'Steie- ren zu Lëtzebuerg erofgaange wieren. Dat ass richtig.

Mir hunn an deene leschte Joren, geméiss engem generellen europäeschen Trend, d'Besteierung vun de Privatpersounen a vun de Betribber substanzuell reduzéiert. Ëmmer bei de Betribber, well mer d'euro- päesch Ëmfeld gekuckt hunn, a bei de Pri- vatleit zum Deel och. Dat ass en Trend, deen een och zënter 2000... Et war nach vläicht méi staark an deene Jore virdrun. Zënter 2000 an 2010 sinn an der Eurozon d'Steieren op de Privatpersounen ëm 6% zrëckgaangen, zu Lëtzebuerg ëm 8,2%. Dat ass also e generellen Trend, deen ee festgestallt huet, a mir hunn deen Trend matgemaach.

Doduerch hunn d'Leit och vill méi netto gehat. Ech mengen och, datt dat grond- sätzlech net falsch war, mä datt een an en- ger Krisenzäit, wou en Defizit ass, an deemools hate mer net deen Defizit, datt een dann och muss de Courage hunn, fir do verschidde Saachen ze änneren. Dat maache mer haut. Mä mir maachen et op eng Aart a Weis, datt mer net manner kon- kurrenzfäeg ginn an datt d'Leit trotzdeem och nach zu Lëtzebuerg netto vill méi hu wéi an den Nopeschlänner.

Dat gëllt im Übrigen - wann ech déi Klamm- er do dierf opmaachen - och fir d'Logementspolitik. Ech wëll déi Debatt hei net am Detail féieren, well et ass zu en- gem aneren Zäitpunkt, wou mer déi sé- cherlech féieren.

Ech muss awer schäerfstens zrëckweisen déi Remarque vum Här Gibéryen. Éisch- tens emol sinn ech blesséiert am Numm vu villen heibannen, wann een d'Kollegen aus de Majoritéitsparteien als Pak, also dee leschten Dreck, beschreift. Dat ass, fannen ech,...

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - ...absolut inakzeptabel, fir esou mat Kol- leegen ze schwätzen, déi gradesou vill si wéi Dir.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Et ass e lëtzebuergesch Zitat,...

► **Une voix.** - Jo!

(Interruptions)

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Mä zweetens... Jo, en huet et hei ge- braucht, just a Referenz par rapport zu...

Mä onofhängeg dovou wollt ech soen...

(Interruptions)

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - ... wat am „Rénert“ steet.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - Zweetens wollt ech soen, datt déi Ausso,...

(Interruption)

...datt alles gemaach gi wär, fir datt hei vun CSV-Wunnengsbauministerei de Lo- gement géif méi deier ginn, ass natierlech absolut inakzeptabel, esou am Raum stoen ze hunn.

De Fait ass, datt viles probéiert ginn ass,...

► **Une voix.** - Näischt gelongen!

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.** - ...wat net fäerdeg bruecht...

Jo, jo. Dir hutt déi Gesetzter matgestëmmt - d'DP. Zum Beispill, wéi mer d'TVA op 3% erofgesat hunn, wéi mer de bëlleegen Akt agefouert hunn. Mä mir hunn dat no- gekuckt. Mir hunn dat nogekuckt. 2002. Dat hat keng Inzidenz - leider, muss ech soen.

(Interruption)

Ech wëll awer, ech wëll just soen,...

(Interruption)

Neen, ech wëll just soen, ech wëll just soen, duerfir brauchen...

(Interruption)

Ech mengen, datt mer duerfir mussen, an dat war genau dee Punkt, deen ech wollt maachen, et sinn eng ganz Rei Mooss- name vun deene successive Regierunge gemaach ginn, déi zum Zil haten, dee Präis erofzekréien. Dat huet net an aller Hisiicht geklappt, well d'Demande enorm geklommen ass, well zu Lëtzebuerg e Wuesstum vum Emploi all Joers do war, datt dat natierlech ëmmer zu méi héije Präisser gefouert huet an datt mer duerfir mussen déi Debatt méi breet féieren an och kucken, wéi mer kënnen d'Offer nach vergréisseren.

D'Präispolitik mécht net nëmmen de Stat,...

(Interruption)

...mä de Stat huet - ech wollt just soen, de Stat huet viles probéiert, wat gutt ge- mengt war a wou mer wäerten dann och an enger konstruktiver Debatt am Laf vum Joer, am Laf vum nächste Joer, zu där sech och de Wunnengsbauminister, de Kolleeg Marco Schank, engagéiert huet, kënnen nach eng Kéier iwwer all déi Aspekter do diskutéieren an da vläicht verschiddener zrëcksetzen an anerer amplaz setzen.

Awer ech wëll just soen, déi Ausso, déi in- akzeptabel Ausso, fir ze soen, mir géifen hei alles maachen, fir d'Leit an d'Ausland ze drécken, dat ass dach eng inakzeptabel Frechheet!

Ech wëll iwwregens och soen, et hätt een och vläicht kënnen derbäisoen, datt an der Belsch d'nächst Joer aus budgetäre Grënn op den 1. Januar d'TVA op den Terrainen op 21% eropgeet. Wat een also och muss wëssen, datt grad an den Nopeschlänner och Moossname geholl ginn, och am Be- räch vum Enregistrement, och am Beräch vun den indirekte Steieren,...

(Interruption)

...déi mir net huelen. Déi mir net huelen! Et kann ee just dann net soen, datt mir d'Leit géifen an d'Ausland drécken, well do gëtt d'nächst Joer viles méi deier.

An duerfir sinn ech och... Et ass och rich- teg, datt an enger Rei Länner d'TVA gehéicht gëtt. Mir si bäi Wäitem dat Land mat där niddregster TVA.

Also am Résumé: Mir sinn dat Land mat där niddregster Besteierung - och no dëser Reform - fir d'Privatpersounen. Mir sinn e Land, wou d'Kierperschaftssteier, d'Betribbsbesteierung net während der Kris eropgeet. Mir sinn e Land, wat déi nidd- regsten TVA an der Europäescher Unioun behält.

Duerfir, mengen ech, ass dat heiten e Pro- jet, deen an eng méi breet Politik asetzt, déi mer och d'nächst Woch wäerte bei de Budgetsdebatten diskutéieren.

Wa mer Weeër fannen, fir zousätzlech d'Dépensen ze reduzéieren, op eng subs- tanziell Aart a Weis, a wa mer eis eens sinn, datt et keen Zil ka sinn, fir vill Scholden ze maachen, sauf fir laangfristeg Investitiou- nen, dann, mengen ech, kann ee jo och an der Zukunft op déi eng oder déi aner vun dëse Moossnamen zrëckkommen.

An deem Kontext hu mer och gesot, datt mer iwwert d'Krisesteier 2011 nach eng Kéier diskutéieren. Ech mengen, dat ass ganz normal. Och iwwer aner Steiermooss- name kann een 2011 nach eng Kéier disku- téieren. All Gesetz kann am Liicht vun der ekonomescher Entwécklung gekuckt ginn. Mä ech mengen net, datt mer et fäerdeg bréngen, esou séier erëm dat Ganz, wéinst där ganz staarker internationaler Kris, och



hei zu Lëtzebuerg erëm op d'Schinn esou ze setzen, wéi mer dat virun der Kris hatten.

Déi Kris ass déi schlëmmste Kris, déi mer an Europa zënter ville Jorzéngte kannt hunn, an datt déi och en Impakt op Lëtzebuerg huet, ech mengen, dat ass normal. An da muss een, wann ee Verantwortung huet, politesch Verantwortung huet, da muss een och da reagéieren. Dat ass, wat mer hei op eng - mengen ech - räsonnabel Aart a Weis maachen.

Zum Schluss eng Remarque: Steiere bezuelen ass net eppes, wat absolut an d'Kategorie vun deem gehéiert, wat dat Schlechste ass, wat een...

(Interruption)

...an engem Mënscheliwe ka maachen. Well de Stat, dat si mir alleguerten. An andeem mer Steiere bezuelen, kréie mer jo och eng ganz Rei vu Servicer vum Stat ugebueden.

Duerfir géif ech mengen, datt et och emol eng Kéier noutwendeg wär, datt mer eng Reflexioun géifen driwwer féieren, datt mer, wa mer dat, wat mer fuerdere vum Stat, a mir begéinen alleguerte ville Matbierger, a mir selwer gehéieren och derzou, déi soen: „Dat do misst de Stat nach besser maachen, do misst en nach méi Leit hunn, do misst en nach méi Produkter an Déngschleeschungen eis zur Verfügung stellen.“ -, dann huet dat och e gewëssene Präis. An dee Präis, dat sinn d'Steieren, déi mer ophiewen. An dat eent an dat anert zesummebréngen, dat versiche mer an der Budgetpolitik.

Duerfir sinn ech dankbar fir all déi, déi de Courage hunn, dëst Gesetz ze stëmmen, mä wëssend, datt et ëmmer an eng global Budgetpolitik gehéiert, déi mer och d'nächst Woch wäerten diskutéieren, a wou mer da genee gesinn: Wat sinn d'Optiounen, déi sech fir eist Land stellen?

An ech mengen, de Budgetrapport, deem de Kolleeg Alex Bodry d'nächst Woch wäert virstellen an deem ech den nächste Mëttwoch aus der Regierungssicht wäert belichten, wäert eis och Pisten an déi Richtung weisen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Jo, Merci dem Finanzminister Luc Frieden. Elo kritt nach d'Wuert d'Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Sou, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och wëllen deenen zwee Rapporten - ech fänken deenen zwee Rapporten - ech fänken deenen zwee Rapporten - ech fänken deenen zwee Rapporten, déi se hei gemaach hunn iwwert déi zwee Gesetzer, a selbstverständlech mech och deene Wieder uschlësse vum Luc Frieden, fir ze soen: Jiddweree vun eis géif jo léiwer haut hei eppes verteidegen a stëmme loosse a gestëmmt kréien, wou ee kéint de Leit wéinstens alles loosse, wat se hätten, a léiwer eppes derbäiginn.

Wann een awer weess, datt muss gespuert ginn, dann denken ech, datt och den Effort wichteg ass, dee verdeelt gëtt iwwert d'Leit alleguerten an och iwwert déi verschidde Generatiounen.

Mir sinn hei zu Lëtzebuerg jo an der komfortabeler Situatioun, datt mer keng Altersarmut hunn. Zum Ënnerschied vu ganz villen anere Länner a ganz villen anere Leit, déi dorënner falen, si mer jo hei Gott sei Dank net an där Situatioun.

Dat, wat ech awer och ganz sécher weess, dat ass, datt ech keng esou eng Ried géif halen, wann ech an der Oppositioun wär, wéi den Här Gibéryen. Dat ass ganz sécher!

Well esou frech mat anere Leit ëmzegoen, dat huet eigentlech keen néideg, Här President. Dat och emol eng Kéier dozou ze soen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- An och:

Ech hu bis haut, Här Gibéryen, besser Wahlresultater gehat wéi Dir. D'Leit gleewe mir wéinstens esou vill, wéi se lech gleewen. Och wann Dir hei schwätzt, wéi - wierklech, also méi rau a ruppeg geet et nun awer definitiv net méi.

(Interruption)

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- An dat muss ech soen, just fir domadder no bausen, datt een dat ganz...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et war haut ubruecht, Madame Minister.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et war haut ubruecht.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo, wahrscheinlech. Et ass schrecklech. Et ass ganz...

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Et war nach dezent.

(Hilarité générale)

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Also, macht Dir roueg esou virun! Also, d'Leit, déi wëssen dobaussen, wat se vun lech ze halen hunn.

(Interruptions diverses)

Duerfir sidd Der nach zu véier!

(Interruption)

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- ... vum Ministère de la Culture!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Duerfir sidd Der nach zu véier. Duerfir sidd Der nach zu véier, well dat och ëmmer esou gutt no bausen ukënn.

(Interruption)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... Leit op de Büro, fir déi ze erpressen. Esou macht Dir et. Dat hu mer alles erlieft. Jo, dat sinn och Methoden. Loosse mer dat net hei vergiessen!

(Brouhaha)

Well ech hat Besuch a mengem Büro. Dat hunn ech bis haut nach net vergiess. Also, mir maachen hei vläicht heiansdo verbal Exzesser, mä ech erënnere mech awer och,...

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ... datt verschidde Leit a mengem Büro souzen, fir mech ënner Drock ze setzen. An dat wor en LSAP-Minister, wann ech mech gutt erënnere.

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Madame Minister, fuert viru mat Ären Ausféierungen!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Also, loosse mer emol oppassen, wien hei wat seet.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo, mä da musst Der dat do klären, wou et ze klären ass.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Neen, ech klären et hei. Well Dir macht eis hei Reprochen, da soen ech, déi Methoden,...

(Interruptions)

...déi sinn och net an der Rei.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Ech schwätzen iwwert dat, wat de Mëtteg hei wor, net wat iergendwou op enger anerer Plaz ze klären ass.

(Interruption)

Da loosst Dir et dobäi. Also, op jidde Fall, mir wäerten de Leit och soen, wat mir vun lech halen.

► **Une voix.**- Jo, mir soen et och. Mir soen et och. Jo.

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech géif lech elo bieden, der Madame Minister nozelauschten!

(Interruption)

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Ech wëll lech just soen, datt mer, wa mer déi zwee Artikelen haut änneren, dann ass och derbäi geännert ginn, datt déi Leit, déi an d'Pensioun ginn, an duerfir, datt da gesot gëtt, dat wier ongerecht an dat géif nach méi ongerecht ginn, datt elo déi Leit, déi an der Pensioun sinn, och de Forfait net derbäigerechent kréien, bis se 65 Joer al sinn. Mä wéi gesot, hei bräicht ee jo elo näischt, hei kann ee jo soen, wat ee wëllt, dat ass jo net wichtig. D'Haaptsaach ass, et huet een et gesot, an da mengen och nach jiddwereen oder vill Leit, et wier esou.

Derbäi kënnt, datt 1999 effektiv d'Leit 57,3 Joer al woren - d'Männer -, wéi se an d'Pensioun gaange sinn, an d'Frae 56,8 Joer. Wa mer dat dann haut kucken, da mierke mer, datt den Äge moyen vun de Fraen, déi a Pensioun ginn, 62 Joer ass elo, an dee vun de Männer no bei 61 Joer. Et gesäit een also och, datt Changementer an der Gesellschaft geschéien.

Iwwer alles dat, wat gesot gouf vu Leit, déi sollen a musse schaffe goen - ech soen nach eng Kéier, ech hunn et ewell honnertmol hei gesot: Vu mir aus sollen d'Leit schaffe goen; si sollen doheem bleiwen; et soll jiddwereen dat maachen, wat e fir richtig fënn. Et soll jiddwereen dat maachen, wat e fir gutt fënn.

Ech ginn awer der Madame Dall'Agnol Recht, déi hei gesot hat, et muss een ëmmer wëssen, wat dee Moment geschitt, wou ee keng perséinlech Ofsécherung huet, wou ee keng Aarbecht huet a wou een herno och keng eege Pensioun dofir kritt. Dat sinn also Saachen, wou jiddweree mat sech selwer muss eens ginn. Dat muss jiddwereen iwwerhaupt sech bewusst sinn, a vun dohier also ass dat eppes, wat een awer sécher däréif soen, fir och d'Leit op Saachen opmierksam ze maachen, wou se da keng Hëllef méi kréien, wann et bis driwwer hiergeet.

2010 si 36.598, déi d'Mammerent kritt hunn. Dat huet ee Montant ausgemaach vun 73.399.000 Euro, déi bis elo liquidiert goufen. An och do gesäit een, datt et zrëckgaangen ass ëm 0,77% vun den Ausgaben, wat also och weist, datt ëmmer méi Leit kommen, déi eng eege Pensioun kréien an eng eegen Altersversécherung hunn an domat also net méi de Forfait, d'Mammerent froen.

Wa mer dann iwwert d'Erspuernisser schwätzen, déi dann am Joer 2011 1,5 Milliounen an am Joer 2012 3,1 Milliounen ausmaachen, da muss ee wëssen, datt dat fir 2013 der 3,9 Milliounen sinn, 2014 5,8 an 2015 siwe Milliounen. A wa mer dat esou viru rechnen, da komme mer bis d'Joer 2020 op 59 Milliounen vun Euro, déi do gespuert goufen. Wann een da seet, dat wier net vill, da muss een och do soen, wou een op enger anerer Plaz déi siche geet a wou een déi da kann aspueren.

An ech denken, datt dat eppes ass, an ech hu scho mat ville Leit doriwwer geschwat, well ech si jo keen, deenen doheem hannert der Dier sëtzt an op der Fotell sëtzt, mä wann ee mat de Leit doriwwer schwätzt, da seet jiddwereen: „Mir si gäre bereet, och bis 65 Joer ze waarden, fir déi Suen do ze kréien, wa mer wëssen, datt domadder eis Kanner herno net belaaßt ginn. Mir hu léiwer, si hunn hir Sue selwer, wéi datt mir déi op d'Säit leeën, fir hinnen herno se ze ginn.“ An ech denken, datt dat eng responsabel Astellung ass vun de Leit vis-à-vis vun esou Saachen, a fir déi ech e grouse Respekt hunn. An ech denken och, datt dobaussen dat och duerfir net mat grousem Zodi verbonnen ass, an dat Gott sei Dank nëmmen haut de Mëtteg hei stattfonnt huet.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister. Domadder wiere mer um Enn vun eiser Diskussioun. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert déi zwee Projets de loi.

Fir d'Éischt d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6166.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6166 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6166 ass ugeholl mat 39 Jo-Stëmmen, géint 21 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden (par M. Lucien Thiel), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Félix Eischen), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer).

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. François Bausch) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6167.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6167 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6167 ass ugeholl mat 39 Jo-Stëmmen, géint 14 Nee-Stëmmen a 7 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Jean-Paul Schaaf), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. François Bausch) et Mme Viviane Loschetter.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.



Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den Här Kartheiser hat nach d'Wuert gefrot, fir eng Motioun ze déposieren. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

2. Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach ganz kuerz eng Motioun déposieren hei. Ech hu bis elo just meng Ennerschrëft drop. Et geet ëm d'Befreiung vun engem israelischen Zaldot, dee säit véier Joer vun der Hamas gefaange gehale gëtt. Ech wier frou, wann d'Regierung sech géif derfir asetzen, datt deen och géif fräigelooss ginn. Da wäre mer an der Linn mat enger Motioun, déi och am Europa-

parlament schoonn zu deem Thema geholl ginn ass an och am däitsche Bundestag.

Ech wëll hei däitlech och soen, datt am däitsche Bundespak, Bundestag - net de Pak, deen hate mer virdrun -, am däitsche Bundestag déi Resolutioun ugeholl ginn ass mat de Stëmme vun de Sozialisten, vun der FDP, vun deene Gréngen, vun CDU, CSU, esou datt ech hoffen, datt mer och hei am Parlament fraktiouns- a sensibilitéitsiwwergräifend d'accord sinn, fir datt mer eis ausschwätzen, fir datt dee Mann soll befreit ginn.

Ech iwwerreechen Iech dat, Här President, a soen Iech villmools Merci.

Motion

La Chambre des Députés, considérant

- l'attaque du 25 juin 2006 par le Hamas et deux autres groupes militants palestiniens contre un poste militaire israélien près de Ke-

rem Shalom, attaque lors de laquelle deux soldats israéliens ont été tués et le jeune sergent Gilad Shalit âgé à l'époque de 19 ans a été blessé et enlevé;

- que le sergent Gilad Shalit est otage du Hamas depuis quatre ans, enlèvement que la Chambre des Députés condamne fermement;

- que le Comité International de la Croix-Rouge doit avoir accès immédiatement au sergent Gilad Shalit et pouvoir lui prodiguer des soins médicaux;

- que le Hamas, contrairement à la troisième Convention de Genève de 1949, interdit toute communication entre le sergent Gilad Shalit et sa famille;

- que le dernier signe de vie du sergent Gilad Shalit est une vidéo publiée le 14 septembre 2009 et que sa famille, ses proches et ses amis craignent pour sa vie;

- qu'il y a lieu de se joindre aux nombreuses autres initiatives parlementaires exigeant la

libération du sergent Gilad Shalit, dont celle du Parlement européen du 11 mars 2010 et celle du Bundestag allemand du 27 octobre 2010;

invite le Gouvernement

- à soutenir tous les efforts de médiation et toutes les mesures visant à faciliter la libération du sergent Gilad Shalit;


- à s'engager, ensemble avec ses partenaires et alliés, à œuvrer lui-même avec détermination pour la libération du sergent Gilad Shalit.

(s.) Fernand Kartheiser.

► **M. le Président.**- Merci. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge sinn d'nächst Woch virgesi fir de 7., 8. an 9. Dezember.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.17 heures)



Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Sommaire

1. Communications
 - M. le Président
2. Ordre du jour
 - M. le Président
3. 6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Alex Bodry (motion 1)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État; Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Jean-Marie Halsdorf et Nicolas Schmit, Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Une voix.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau déposiert a gëtt un d'Fraktiounen verdeelt.

2) Folgend Projekte goufen um Greffe vun der Chamber déposiert: de 6. Dezember vum delegéierten Nohaltegkeetsminister de Projet de règlement grand-ducal N°6225 iwwert d'organesch Schuedstoff; deeselwechten Dag vun der Educatiounsministesch de Projet de loi N°6226 iwwert d'Personal a verschiddene Lycéeën.

3) Den 3. Dezember huet den Département des travailleurs handicapés vum OGB-L d'Petitioun N°304 iwwert d'Accessibilitéit vum öffentlechen Transport iwwerrecht.

Communications du Président - Séance publique du 7 décembre 2010

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

6225 - Projet de règlement grand-ducal abrogeant le règlement grand-ducal du 26 janvier 2006

- portant certaines modalités d'application et sanction du règlement (CE) n°850/2004 du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant les polluants organiques persistants et modifiant la directive 79/117/CEE

- modifiant l'annexe II du règlement grand-ducal modifié du 14 décembre 1994 concernant la mise sur le marché et l'utilisation des produits phytopharmaceutiques

Dépôt: M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures, le 06.12.2010

6226 - Projet de loi

1. portant création de postes de renforcement dans les carrières administratives et techniques pour les besoins du Lycée technique agricole, du Lycée technique Mathias Adam de Pétange, du Lycée technique de Lallange et du Lycée Nic-Biever à Dudelange;

2. complétant l'article 15 de la loi modifiée et complétée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote;

3. complétant la loi du 12 mai 2009 modifiant et complétant

a) la loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote;

b) la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert, dénommé par la suite «Atert-Lycée»

Dépôt: Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 06.12.2010

3. La pétition n°304 sur l'accessibilité des chemins de fer et bus pour tous a été déposée par le département des travailleurs handicapés de l'OGB-L en date du 3 décembre 2010.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

2. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz schléit fir dës Woch folgenden Ordre du jour vir:

Haut de Mëtteg hu mer d'Presentatioun vum Rapport iwwert de Statsbudget 2011. Muer de Mëtteg um hallwer dräi hu mer den Exposé vum Finanzminister iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2011.

En Donneschdeg de Moien um néng Auer hu mer d'Budgetsdebatten nom Modell 6. En Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi hu mer den Ofschloss vun de Budgetsdebatten.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Als éischten an eenzege Punkt um Ordre du jour vun haut komme mer elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi vum Statsbudget fir d'Joer 2011, an dat esou, wéi et am Artikel 109 vum Chambersreglement festgehalen ass. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

3. 6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Alex Bodry** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Liturgie, Litanei, Lethargie: Mat deenen dräi Begrëffer huet emol de Politiker Edgar Faure prägnant an iwwerspëtzt déi franséisch Budgetdiskussiounen aus de 50er, 60er Joren zesummegefaast. Loosse mer éierlech sinn: De Glach mat Lëtzebuerg ass net zu 100% vun der Hand ze weisen.

Och eis Budgetsprozedur, eis Debatten zum Budget hunn esou munches mat Symbolik, mat Ritualer a Widderhuelungen ze dinn. D'Begeeschterung, mat där souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber dës Kéier trotz engem méi beweegten, jo, Spannungsgeluedenen Ëmfeld un d'Saach vum Budget erugaange sinn, léisst streckeweis Dynamik an Engagement vermessen. Dat schéngt sécherlech mat der Spannung an der Hektik och vum Fréijoer vun dësem Joer zesummenzehänken an dem Deelaccord Regierung-Gewerkschaften, deen der ganzer Diskussioun ronderëm de Budget dach e bëssen d'Loft aus de Segele geholl huet.

D'Reaktioun op de Budgetsprojert huet dann och en Hauch vu Pflichtübung souwuel vu Majoritéit wéi och vun Opposition un sech. D'Aarbechten an der Finanzkommissioun sinn iwwert déi lescht zwee Méint vun enger staarker Routine geprägt gewiescht, an et muss ee feststellen, dass keng Commissioun hei am Parlament ausser der Finanzkommissioun sech mat dem Budget an hirem Departement am Detail beschäftegt huet.

Vläicht huet dee Manko u Begeeschterung och mat der Tatsaach ze dinn, dass et no Lëtzebuurger politescher Traditioun keng parlamentaresch Amendementen zum Budget ginn, an d'Regierung a Budgets- a Finanzfroen éischter d'Tendenz huet, d'Chamber ze informéieren, wéi se mat Zäiten ze konsultéieren. Dësen nüchterne Bilan ass Grond genuch, eis heiteg Budgetsprozedur mat hiren Unzeeche vu Liturgie, Litanei a Lethargie vu Grond op a Fro ze stellen an ze reforméieren.

En zweeten, zwéngende Grond zur Reform ergëtt sech aus der verstärkter Koordinéierung vun de Wirtschaftspolitik an Europa an der Aféierung vun engem sogenannten „Europäesche Semester“ a Wirtschafts- a Finanzfroen, an dat schonn ab 2011. Dëse Projet wäert also héchstwahrscheinlech dee leschte gewiescht sinn, deen no der traditioneller, reng nationaler Method erstallt an diskutéiert ginn ass.

Déi nei Budgetsprozedur, déi d'Chamber an d'Regierung bis zum Fréijoer mussen definéiert hunn, setzt also vill méi fréi am Joer un, muss verstärkt op Bewäertungen a Recommandatiounen vun europäeschen Instanzen agoen a setzt eng Vernetzung vu Finanzpolitik an dem Erreeche vu stra-